

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. 6720 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015 [...] (suite)

6721 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2014 à 2018 (suite)

6722 - Projet de loi relative à la mise en œuvre du paquet d'avenir - première partie (2015) [...] (suite)

- Discussion générale: M. Claude Wiseler (interventions de M. Alex Bodry, M. Gast Gibéryen, M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, M. Félix Braz, Ministre de la Justice, M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur, M. Marc Lies, Mme Françoise Hetto-Gaasch, Mme Viviane Loschetter et M. Franz Fayot), M. Eugène Berger (M. Claude Wiseler pose une question, interventions de M. Gast Gibéryen et M. Marc Spautz), M. Alex Bodry (interventions de M. Claude Wiseler, M. Marc Spautz et M. Gast Gibéryen), M. Henri Kox, M. Justin Turpel (interventions de M. Alex Bodry, M. Franz Fayot, M. Claude Wiseler, Mme Viviane Loschetter et M. Henri Kox)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Félix Braz, Nicolas Schmit, François Bausch, Fernand Etgen, Mme Maggy Nagel, M. Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, M. Dan Kersch et Mme Corinne Cahen, Ministres; M. Marc Hansen, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- D'Sëtzung ass op an ech ginn net dervun aus, dass d'Regierung Kommunikatiounen ze maachen huet.

Wann dat och esou ass, da géife mer direkt zu dem Hauptplat iwwergoen, dat ass d'Debatt iwwert de Budget 2015, iwwert d'pluriannuel Finanzplan an iwwert den Zukunftspak. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Wiseler.

Dir wësst, dass haut alleguer déi éischt Spriecher vun deene verschiddene Fraktiounen a Sensibilitäten duerchkommen a muer ginn dann, ab néng Auer, d'Diskussioun weider.

Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

2. 6720 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015 [...] (suite)

6721 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2014 à 2018 (suite)

6722 - Projet de loi relative à la mise en œuvre du paquet d'avenir - première partie (2015) [...] (suite)

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Merci, Här Président. Ech wëll mat e puer Mercien ufänken. Éischters evidenterweis de Rapporteurs, dem Här Fayot, well all déi, déi Budgetsrapporteur waren, wësse wéi spannend op där enger Säit deen Exercice ass, mä wéi schwiereng en och op där anerer Säit ass. Dës Kéier war jo och duerch de Fait, datt nach e Pluriannuel derbäi war, deen Exercice nach e wéineg anescht wéi déi Jore virdrun. Merci fir déi Aarbecht, déi Der gemaach hutt!

Datselwecht och der Madame Loschetter, déi bei deem ganze Moosnamen-Begleitgesetz vun dem Budget och déi Aarbecht gemaach huet an deenen Zäiten, wou et huet schnell misse goen a wou et net evident war.

Selbstverständlech och der Kommissioun Merci an all deenen Administratiounen, déi an d'Kommissioun komm sinn an do hir Meenung gesot hunn an eis et do mat hiren Avise respektiv hiren Zuelen verständlech gemaach hunn.

Ech wëll als Introduction soen, datt een an der Politik jo un zwou Saache gemooss gëtt. Dat Éischt, wou een dru gemooss gëtt, ass natierlech dat, wat ee seet op där enger Säit a wat ee verspricht. An dat Zweet, u wat ee gemooss gëtt, dat ass duerno dat, wat an der Realitéit geschitt, verglach mat deem, wat am Passé war. An dat sinn zwou verschidde Saachen, zwou verschidde Vergläichsbasisen.

D'Regierung huet an deem Joer - eppes méi wéi ee Joer -, wou se elo am Amt ass, viles ugekënnegt. Am Ufank huet se gesot, datt déi éischt gréisser Changementer, déi éischt gréisser Revolutioun géif kommen am 2014er Bud-

get. Do ass se awer net komm. Dunn ass gesot ginn: „Et kënt elo alles am État de la nation, wou de Premierminister eis déi grouss, grouss Changementer alleguer wäert ukënnegen.“ Och do si mer hongreg bliwwen. An dunn ass verwise ginn op de Budget 2015. An elo gëtt eis gesot: „Mä de Budget 2015, dat ass eng éischt Etapp, e klenge Schrëtt. Mir hu jo nach véier Joer, fir alles ëmzesetzen, an dofir ass dat hei eréischt eng éischt Etapp.“

Et ass awer virun engem Joer, viru sechs Méint, mat grousser Wieder ëm sech gehäit ginn, wéi d'„kopernikanesch Revolutioun“, wéi den „Oscar“, deen ee sech verliehen huet. A mir krute virun e puer Méint en Exposé gehalen, och an der Chamberskommissioun, wou eis erkläert ginn ass, datt elo eng fonkelnei Method erfonnt gi wär, wéi een d'Budgetopstellung kéint maachen. Wou McKinsey conseilliert huet, wou eng Rei Fonctionnaires an 19 Aarbechtsgruppen zesummesouzen, an horizontalen Aarbechtsgruppen, an transversalen Aarbechtsgruppen, fir doraus eng nei Form vu Budget ze maachen, e „Budget de la nouvelle génération“ ze maachen, deen dann eng Gestion par objectifs géif bréngen, kuerzfristeg, laangfristeg, mä op jidde Fall mat der Zilsetzung, eng Gestion par objectifs ze maachen.

Wat ass erauskomm? Op jidde Fall emol fir 2015, wa mer et kucken, an eisen Ae wierklech net vill! Dat, wat gemaach ginn ass an der Form vum Budget, an der Aart a Weis, wéi en ugepaakt ginn ass, dat ass, datt haaptsächlech alles dat, wat an der Europäescher Unioun fir all Länner decidéiert ginn ass, datt et misst an de Budgete gemaach ginn, fir d'Verständlecheit, fir d'Presentatioun vun de Budgeten ze maachen, notament déi pluriannuel Aart a Weis vun der Presentatioun, datt déi Obligatiounen, déi mer schonn hei an der Chamber einfach gesetzlech decidéiert haten - e Gesetz, wat nach ënnert dem Minister Frieden ausgeschafft gi war -, datt dat selbstverständlech gemaach ginn ass. Dat ass awer elo keng kopernikanesch Revolutioun vum Budget gewiescht. Dat war eng Normalitéit, eng europäesch Obligatioun, fir déi Emsetzung ze maachen.

An da sinn nach zwee aner kleng Punkten hanendrukomm. Dat eent, dat war, datt 550 Artikel gestrach gi sinn. Net datt d'Artikele gestrach gi sinn, well gespuert gëtt, mä d'Artikele sinn einfach zesummegezat ginn an et ass eng Dénominatioun fonnt ginn op engem gemeinsamen Artikel, déi vill méi large war. Eiser Meenung no bréngt dat dem Budget guer näscht, ausser datt et d'Lektür vum Budget méi schwéier mécht an datt et vill méi schwiereng ass, déi eng Punkte mat deenen aneren ze vergläichen. Besser mécht et de Budget sécherlech net!

An deen drëtten Punkt, deen erauskomm ass, dat ass, datt een d'Méiglecheit hat, aner, méi Transferte vun enger Sektion duerch déi aner ze maachen. Och dat bréngt sécherlech net vill, wann net näscht, d'autant plus, datt dat schonn am Budget 2014 de Fall war!

Déi kopernikanesch Revolutioun, déi grouss ugekënnegt Aart a Weis, fir e Budget nei opzustellen, huet an eisen Aen näscht bruecht. A mir si wäit ewech, meilewäit ewech vun där versprachener Gestion par objectifs.

Elo gëtt gesot, datt Frankräich sechs Joer gebraucht hätt, fir déi LOLF bei sech dann duerchzesetzen. An de Finanzminister seet eis elo: „Jo, mir brauchen och zu Lëtzebuerg eng ganz Rei vu Joren, véier, fënnf, sechs Joer, fir dat genau ëmzesetzen.“ Dat ass okay. Dat wësse mer. Mä dat hate mer awer och scho virdrun am Ufank gesot, déi éischte Kéier, wou de Budget 2014 gemaach gi war, datt dat Versprechen, fir dat esou schnell ze maachen, net an där Vitesse, wéi et ugekënnegt war, ëmsetzbar wär!

Elo gëtt eis gesot, dat hei wär just den éischte Schrëtt. Mä wann ech awer kucken, wéi grouss deen éischte Schrëtt ass - an eisen Aen ass dat, wat hei gemaach ginn ass, ausser den europäeschen Obligatiounen, am Fong guer näscht! -, dann, muss ech soen, froen ech mech: Wéi laang dann, bis een dat Zil erreecht? Wéi vill Schrëtt muss een da goen a wéi vill Jore wäert et dann daueren, bis dat Zil, wat do gesat ass, sech realiséiere léisst? Op jidde Fall, wéi esou viles anescht ass et versprach ginn an et gëtt vertaagt an déi nächst Legislaturperiod. Op jidde Fall, mat där heiter Vitesse kann dat net anescht sinn.

Da sinn am Fong 258 sougenannt Spuermoosnamen ugekënnegt ginn. 258! Et gëtt eis gesot: „Mir haten e Choix vu 500 Stéck.“ Mir kennen de Choix net. Et geet eis am Fong och näscht un. Dat, wat eis interesséiert, sinn déi 258, déi do erausgewielt gi sinn, well dat jo eng Décisioun da vun der Regierung ass.

Dat muss ech awer da soen, wann een analyséiert, wat dann elo déi 258 Spuermoosnamen oder Moosnamen, déi hei virgeschloe ginn an déi dann haaptsächlech sech um Enn vum Budget an enger Lëscht zrëckfannen, sinn - ouni datt déi meescht dovunner, op jidde Fall am Budget 2015, eng Entrée an de Budget fonnt hätten -, da stellt ee fest, datt dovunner der 49 Stéck - 20% - net chiffriert sinn! „n. d.“ steet dann do hannendrun: „non défini“. Mir wëssen also net, ob se eppes bréngen, wat se bréngen, wéini se eppes bréngen! 49 dovunner, also déi aner 20%, hu keng Auswirkungen op 2015, sinn also fir dese Budget net applikabel.

Wann ech da bei deene kucken, déi fir dese Budget Aklang fannen, da seet jo d'Regierung selwer, datt doriwwer 192 Milliounen... - dat war emol op jidde Fall an der éischter Versioun -, datt fir 192 Milliounen Spuermoosname gemaach ginn.

D'Analys dovunner, déi seet awer och liicht eppes anescht. Vun deenen 192 Milliounen, déi ugekënnegt ginn, do sinn der 45,6, déi d'origine vun der Sécurité sociale sinn. Or, mir wëssen, datt déi, déi d'origine vun der Sécurité sociale sinn, sech net an der Administration centrale, dat heescht am Statsbudget, wéi mer e klasscherweis kennen, erëmfannen, dat heescht, och net op den Defizit vum Stat en tant que tel awierken, mä sech just an der Administration publique zrëckfannen. Wou et natierlech och wichteg ass, mä ech wëll awer just déi kloer Nuance maachen.

23 Milliounen dovunner, déi sinn op Spuermoosnamen zrëckzeféieren, déi awer integral op d'Gemengen eriwewegeschobe sinn. 23 Milliounen fir dës Joer. Dat maachen der eng ganz Rei méi, wann een de Budget nach ganz kuckt, respektiv an deene Joren duerno. Do och déiselwecht Remarque: Déi sinn zwar am État central ofschreifbar op där enger Säit, well et fir de Budget effektiv Spuermoosname sinn, mä fanne sech an der Administration publique, well et manner Einnahme fir d'Gemenge sinn, awer och esou zrëck, datt dat Ganz sech annulléiert op där enger an op där anerer Säit.

Wann ech dann an deene Spuermoosnamen kucken, wéi vill der dovunner am Fong guer keng Spuermoosname sinn, mä op där anerer Säit nei Taxe sinn, dat heescht am Fong „Bezuelsmoosnamen“ si fir d'Gemengen a fir d'Bierger, da stellen ech fest, datt och ronn 20% vun de Posten, ronn 26 Milliounen vun deenen 146 Milliounen, déi an der Administration centrale bleiwen, am Fong richtig nei Taxe sinn, déi hei agefouert gi sinn, also net iwwert den Deel vun de Recetten, pardon, net iwwert den Deel vun den Dépensen, mä zum Deel vun de Recetté féieren (veuillez lire: also net zum Deel vun den Dépensen, mä zum Deel vun de Recetté gehéieren).

Do, wou richtig gespuert gëtt - mä awer da richtig gespuert gëtt! -, dat ass beim Famillje-ministère, wou 44,5 Milliounen scho fir 2015 net méi am Budget erëmfanne sinn.

Dat zu de generellen Zuelen.

E puer eenzel Moosnamen awer och erausgegraff, fir ze weisen - an eisen Aen -, op wat fir eng Aart a Weis dat Ganz hei zesummegeallt

ginn ass. Beispiller, déi scho méi wéi eng Kéier genannt gi sinn, déi et awer och wichteg ass, nach eng Kéier hei ze nennen.

Et gëtt an der Moosnam 51 vun der Cité policière zum Beispill geschwat vun der Levée de l'option d'achat vun der Cité policière, wou da 6 Milliounen gespuert ginn. Do stelle mer awer fest: Fir déi Suen ze spueren, déi dann an deene ganzen Epargnesmoosnamen do festgehalen ginn, muss awer fir d'Éischt emol eng Dépense vu 86 Milliounen gemaach ginn. Dat heescht, fir 6 Milliounen ze spueren, ginn ech emol fir d'Éischt 86 Milliounen aus! Déi 86 Milliounen ginn awer a menger Opzielung, déi gemaach gëtt, net konterbalancéiert an net offensichtlech dohinnergestallt, well dat d'ganz Zuelespill jo ganz anescht géif maachen, wat hei presentéiert gëtt.

Ähnlech Beispiller: d'Moosnam 56, do steet do: «Renforcement en personnel du service de révision fiscale». Dat sollen dann op 2015 1,7 Milliounen Epargné sinn an duerno wesentlech méi, respektiv d'Moosnam 60 an darselwechter Logik: «Renforcement en personnel pour le contrôle fiscal». Hei ass et op där enger Säit d'Contribution directe an op där anerer Säit ass et den Enregistrement.

Do ginn da 15 Milliounen d'Joer gespuert, gëtt gesot. Mä wat heescht dat? Dat heescht ganz einfach, datt fir d'Éischt emol eng Dépense supplémentaire gemaach gëtt, andeem eng ganz Rei Leit ageallt ginn, an da gëtt gesot: „Wa mer déi Leit hunn, dann dreuwe mer 15 Milliounen Steiere méi an.“

Déi éischt Fro ass: Jo, wouhier weess ech dann, datt dat 15 Milliounen sinn? A wéi kommen ech op déi Aschätzung do? An dann, fir ze soen, de Renforcement vum Personal, dat ass eng Aspuerung, an ech schreiwen als Aspuerung nei Steieren, déi ech ophiewen, well ech méi Leit hunn, do muss een awer och schonn en détournéierte Wee goen, fir déi Logik do mat nozevollzéien an dat a Spuermoosnamen anzuschreiwen. Dat hei sinn einfach méi Taxen, déi bei de Leit opgehewe ginn, an et soll een dat och an déi Säit aschreiwen, an net op eng aner Säit!

Déiselwecht Logik gëllt bei der Moosnam 125, an ech kommen duerno nach méi am Detail dorop zrëck. Dat ass d'Abolitioun vun der Allocation d'éducation. 21,2 Milliounen waren dat am Ufank fir 2015. Dat sinn der elo eng Rei manner, well se jo méi spët agefouert gëtt. Do stelle sech natierlech och aner Froen: Wou gëtt dann dat, déi d'Allocation d'éducation net méi kréien an déi, well se d'Allocation net méi kréien, op där anerer Säit wäerte méi vum Congé parental benefisiéieren - wat jo och logesch ass a wat normal ass -, wou gëtt dat dann ageschriwwen? A wou sinn déi Dépenses supplémentaires, déi aus deenen Aspuermissen hei hierkommen, am Pluriannuel zrëckzefannen? A mir fanne se en fin de compte net zrëck. Dofir soe mer och: Dat do Zuelematerial, esou wéi et hei steet, ass net wahrheitsgetrei.

D'Moosnam 152 (veuillez lire: Moosnam 132), datselwecht, beim Fonds national de solidarité: 5 Milliounen d'Joer ginn do gespuert, gëtt gesot. En fin de compte gëtt nei Personal ageallt, fir am Fong eng Moosnam ze huelen, wou da gekuckt gëtt, datt d'Allocatiounen richtig verdeelt ginn, dat heescht, datt déi Leit, déi se net verdéngt hunn, se och net kréien. Mir fannen dat richtig als Moosnam, mä mir stellen als Éischt just d'Fro: Wann een dat als Spuermoosnam considéiert, muss een natierlech dat ofzéien, wat ee fir d'Éischt ausgëtt, fir d'Spuermoosnam ze erreechen, an dat och korrekt esou aschreiwen, datt et fir jiddweree perceptibel ass. Esou entsprechen déi Zuelen, déi hei presentéiert ginn, awer net deem oder sinn eng Duerstellung, déi an eisen Aen net korrekt ass. Dat als e puer Beispiller.

Eng Rei aner Beispiller, dat sinn déi Moosnamen, déi an deem ganze Pak ugekënnegt gi sinn, déi awer schonn an Zwëschenzäit zrëckgezu gi sinn; an net déi, déi am Accord mat de Gewerkschaften zrëckgezu ginn, mä et ginn eng ganz Rei anerer. An d'Servicer vun der Chamber hunn eis ganz léif all déi Procès-verballen zur Verfügung gestallt, wou ee konnt noliessen, wat an deenen eenzelne Kommissiounen diskutéiert ginn ass. An dat ass ganz interessant, well do gesäit een eng Rei Moosnamen, wou dann elo gesot gëtt: „Neen, déi



do, déi maache mer awer net!“, obwuel se hei ugezeechent war an obwuel se zu engem Deel an dem ganze Pak vu Spuermoosname mat aberechent ass an, souwäit ech informéiert sinn, nach ëmmer drasteet, ouni datt se awer exekutéiert gëtt, oder op jidde Fall mat der Ausso, se géif net exekutéiert ginn.

Ee Beispill, dat ass d'Suppressioun vun de Publikatiounen vun den Appel-d'offren an der Presse écrite. Eng Millioun d'Joer soll do gespuert ginn. Dat gëtt net gemaach, huet den Här Stats- a Medieminister eis an der Kommissioun gesot. Dat fannen ech eng richteg Décisioun, fir dat esou ze maachen, dat heescht, fir se net ze exekutéieren. Mä ech hätt et grad esou gutt fonnt, Dir hätt se net annonciéiert an an de Spuerpak drageschriwwen a schonn eng Épargne fir 2015 annonciéiert. An dann, nodeem datt Der se annonciéiert hutt, hutt Der se zréckgezunn, fir dann ze soen: Majo, stellt lech vir, wa mir dat do maachen, da geschitt dat do an dat do. Jo, dat woussst een och virdrun, datt dat géif geschéien! Dann hätt Der et net sollen draschreiwen. Mir ginn lech awer recht, fir se zréckzezielen. Se war wierklech net gutt als Moosssnam.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Ech waarden da mat vill Freed dodrop. An Dir hutt dat jo annonciéiert, datt Der déi ganz Legislatioun iwwert d'Pressehëllef géift erneieren. Dat ass richtig. Dat ass wichteg esou, mä dat gëtt eng ganz schwiereg Diskussioun. Dat wësst Dir gradesou gutt wéi ech. A mir si gespaant.

(Interruptions)

Jo, mä ech géif awer mengen, datt Der net emol virdru sollt Saache versprechen, éier Der den Text um Dësch hutt. Dat ass e weénege de Problem a ville Punkte vun dëser Regierung: Et gëtt emol eppes gesot, et gëtt emol eppes versprach, an da gëtt et duerno erëm zréckgezunn!

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*. - ...net geschéien!

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - Ech hunn dat elo net verstanen. Dir musst dat nach eng kéier soen.

(Interruption)

D'Moosssnam 181, do ass am Fong datselwecht. D'Moosssnam 181, dat geet ëm d'Mise en suspens, op jidde Fall momentan, vun der Baisse vum Plafond par m² fir de Subventionnement vun de Projets de construction d'ensembles, wou d'Madame Logementsminister gesot huet, datt déi Moosssnam momentan net géif exekutéiert ginn. Si steet awer chiffriert mat enger Spuermoosssnam vun 1,3 Milliounen am Budget, gëtt awer net exekutéiert.

D'selwecht fir d'Moosssnam Nummer 85, «Frais de police en matière de police administrative», wou all déi Prestatiounen bei gréissere Manifestatiounen sollen ofgerechent gi respektiv deenen en compte gesat ginn, déi d'Manifestioun organiséieren. Och do hunn ech schonn eng ganz Rei Ausnahme gelies, wou et bei gréissere Manifestatiounen net geet an och net wëllt gemaach ginn. Ech fannen dat jo alles richtig, datt dat dann net soll gemaach ginn. Mä d'Annonce an d'Drasetzen an d'Budgetszuelen hätt dann och net solle gemaach ginn! Da wär ee sech mindestens konsequent an deem, wat ee seet, an an deem, wat een do mécht.

Eng aner Moosssnam, dat ass d'Moosssnam 36, d'Synergien zwësche Mudam a Casino. Och déi sinn annonciéiert ginn als net sënnvoll a géifen also net gemaach ginn. Eng aner Moosssnam ass d'Moosssnam 37, d'Fermeture während der Wannerzäit vum Musée de la forteresse. Och déi gëtt net en exécution gesat. Och déi Suen, déi hei solle gespuert ginn, ginn an der Realitéit net gespuert.

An da muss een natierlech un der Seriositéit vun deem ganzen Exercice zweifelen. A mir als Oppositioun sinn net déi Eenzeg, déi dodrunner zweifelen. Och d'Banque centrale, wann Der den Avis liest, déi seet hei eng ganz Rei kloer Sätz iwwert d'Seriositéit vun deenen Zifferen. An dofir wëll ech et virliesen, fir ze weisen, datt et net nëmmen d'Oppositioun ass, déi deen Discours hei féiert.

D'Banque centrale seet: «Lorsque le Gouvernement propose de ne pas effectuer à l'avenir une dépense qui n'est pas encore obligatoire selon la législation actuelle ou lorsqu'il transfère des dépenses de l'Administration centrale vers les Administrations locales, alors cette „réduction de dépense“ ne constitue nullement une économie réelle. Un exemple illustratif est la suppression de la prise en charge par l'État des majorations biennales des fonction-

naires du secrétariat et de la recette communale. Cette dépense ne disparaît pas mais est juste transférée aux communes. Par ailleurs, si le Gouvernement tient compte des économies sur les loyers de la cité policière, il n'a pourtant pas comptabilisé les dépenses d'acquisition de cet immeuble. De plus, une dotation budgétaire inférieure à la revendication ministérielle lors de l'établissement du budget ne constitue pas une économie réelle.» An ech kommen dorobber nach eng kéier zréck.

An dann als Konklusioun: «Sur la base de ces éléments, on peut s'interroger quant au caractère plausible des estimations pluriannuelles relatives aux dépenses de l'Administration centrale. Ce doute porte tant sur l'estimation des „économies“ que sur leur caractère durable.»

Dat si kloer Wierder an dat ass genau dat, wat ech elo probéiert hunn, un enger ganzer Rei Beispiller lech hei ze weisen, wat eis vun der Banque centrale ënnerstëtzt gëtt an och matgedroe gëtt als Gedanken.

Do, wou awer eng kopernikanesch Revolutioun war, wann am ganze Budget och keng war, dat war an der Technik, déi agesat ginn ass. Iwwer 30 Opposition-formellen am Budget an am Zukunftspak zesummen! Elo kann een dat normal fannen, wéi den Här Berger dat normal fonnt huet, datt eng Rei Opposition-formellen do sinn. Mä ech muss awer soen, an där ganzer Rei Joren, wou ech Politik maachen, hunn ech déi hei Unzuel vun Opposition-formellen awer nach net fonnt.

(Interruptions)

Am Budget nach net fonnt! An do muss een awer froen, wéi wäit d'Kompetenz awer an deene Budgetrealisatiounen an am Schreiwen do ass. An dann der och nach an den Amendementer dräi fäerdegzebréngen, esou datt mer müssen an aller Hetz an an aller Panik, an dat war net einfach... An dofir hunn ech och deene Rapporteurs Merci gesot, datt se et awer fäerdegbruecht hunn, an all där Hetz hir Rapporten awer nach hinzekeien.

Déi Method McKinsey ass esou vill gelueft ginn. Wann dat do d'Resultat awer dovunner ass, da soen ech, dann hätt ee besser, se net ze huelen. Op jidde Fall, wann d'Method McKinsey geholl ginn ass, dann ass d'Method Sozialdialog vun der Regierung total vergiess ginn. Hei ass alles eleng decidéiert ginn! Da gëtt gesot: „Mir hunn eng couragéiert Politik gemaach“, an: „Et muss een de Courage hu vu sengen Décisiounen.“ Mä et muss een déi Décisiounen dann awer och kënnen duerno ëmsetzen! A wann Dir der schonn eng ganz Rei virdrun zréckzitt, da muss ech soen, dann huet dee Courage net ganz vill gehollef.

Op jidde Fall, wat déi Method hei fäerdegbruecht huet, dat ass, datt d'Gewerkschafte mat Recht sech emol eng kéier zesummegeat hunn, fir géint déi do Aart a Weis virzegoen, ze protestéieren. A wann d'Regierung eppes fäerdegbruecht huet, dann ass et, eng gemeinsam Gewerkschaftsfront géint sech ze kéien an duerno Diskussiounen müssen ze féieren - net fräiwëlleg, mä obligéiert sinn ze féieren - mat engem Partner an duerno zréckzerudder.

Da behaupt een zwar elo, et hätt een endlech de Sozialdialog erëm lancéiert, mä dee Sozialdialog, deen huet ee lancéiert, Punkt Nummer 1, andeem ee fir d'Eischt emol esou den Drock vun de Gewerkschafte montéiert huet, datt ee guer net méi do derlaanscht komm ass. A souguer de Rapporteur, den Här Fayot, schreift dat a sengem Rapport. An ech géif gär och dee Saz zitieren. Ech si jo net mat ville Sätz vun him d'accord, mä dee Saz géif ech...

► **Plusieurs voix**. - Ooh!

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - ...lech awer gär zitieren. Obwuel säi Rapport gutt geschriwwen ass, géif ech lech awer gär deen heite Saz zitieren: «Il était certes utile de se concerter avec les syndicats peu avant le vote du budget et du paquet d'avenir, mais cette concertation s'est faite à un stade très avancé de la procédure budgétaire. (...) Le Parlement invite le Gouvernement à faire en sorte qu'à l'avenir l'analyse et la discussion de projets (...) tels que le budget et les décisions afférentes puissent se dérouler dans un calendrier moins serré.»

(Interruption)

Dat ass elo léif ausgedréckt - den Här Fayot konnt dat jo och net anescht ausdrécken -, mä et ass awer ganz kloer gesot, datt d'Zäit an d'Aart a Weis, wéi deen Dialog geschitt ass, net dat Richtegt war: en Dialog mat engem Partner, an net de Sozialdialog, esou wéi en normal wär, zwëschen dräi Partner, zwëschen der Regierung, zwëschen de Gewerkschaften an zwëschen dem Patronat. Et ass esou, wéi de Sozialdialog normalerweis misst geschéien.

Wann een et géif virdru maachen an et géif een et mat dräi Partner maachen, da bräicht een net e Budget ze déposieren an dann duerno eng ganz Rei Moosssnamen erëm zréckzezielen an

dann déi Moosssnamen erëm nei ze maachen an der Hetz an an der Panik an an dem Risk - dat muss een och soen -, datt an der Technik vum Budget nach eng ganz Rei Feeler dra sinn, déi weder Dir nach mir gesinn hunn, mä déi duerno an der Exekutioun riskéieren, Feeler ze si respektiv Schwieregkeeten ze stellen.

Mir hunn dann och an der Kommissioun en Accord virgestallt kritt, deen ënnerschriwwen war zwëschen de Sozialpartner an der Regierung, wou mer fir d'Eischt gefrot hunn: „Wat heescht en dann an der Generalitéit finanziell?“, a mer den éischte Moien, nodeem datt en awer ënnerschriwwen war, keng Äntwert kritt hunn, wat dann elo déi finanziell Implikatiounen wären. Also, ech muss soen, ech fannen et awer normal, éier ech eng Ennerschrëft op en Accord setzen, datt ech d'Konsequenzen awer bis zum Schluss weess, éier ech als responsabel Regierung meng Ennerschrëft op esou en Dokument setzen. Hei sinn aner Methoden, hei sinn aner Weeër, hei gëtt alles anescht gemaach! Ech fannen déi nei Weeër, déi do gaange ginn, net gutt.

D'Konklusioun, déi ech doraus zéien: datt dat hei alles anescht - alles anescht! - wéi eng kopernikanesch Revolutioun war. Mä fir mech war dat hei éischter déi reell ugewannte Chaostheorie, fir dee Budget hinzekeien. Oder, wann et eng kopernikanesch Revolutioun war, dann huet d'Äerd esou schnell gedréint, datt et lech selwer schwindeleg ginn ass an datt Der am eegene Gewulls net erauskommt.

Wann ech d'Analys vun der aktueller Situatioun maachen, an dat hu mer scho bei der Presentatioun vum Budget 2014 gesot, dann ass et an eisen Ae ganz kloer, datt déi Viraussetzungen, déi hei un der Basis vum Budget leien, vill ze vill optimistesich sinn. Iwwer 3% gëtt hei agesat vun 2015 bis 2018. Domadder soll et dann opgoen. Domat sollen dann déi grouss Prinzipien, iwwert déi mer d'accord sinn - an de Finanzminister huet et nach de Moie gesot -, erreecht ginn.

Mä ech soen lech, datt d'Basis net stëmmt, an dofir déi Prinzipien! Mat deem, wat hei op de Wee gesat ginn ass, mat deem Zuch, deen elo aus der Gare fortift, soen ech lech, datt deen net ukënn zur Zäit, fir déi richteg Prinzipien do an Zukunft ze erreechen. An dat - wëll ech och soen - sinn net mir eleng, déi dat soen. Wä et jo just d'Oppositioun, da kéint Der jo soen: „Si soen et, well se an der Oppositioun sinn“, mä et ass net just d'Oppositioun. Et sinn och all déi Instituter, déi bei eis an der Chamber waren an deenen Dir selwer nogelauschert hutt a wou Der d'Avisen doleien hutt, déi datselwecht soen. Wann Der d'Banque centrale liest...

► **M. Alex Bodry** (LSAP). - War et da fréier anescht, Här Wiseler?

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - Ah, dat war...

(Hilarité)

► **M. Alex Bodry** (LSAP). - D'Cour des Comptes, waren déi anescht?

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - Also, ech wëll lech just soen, datt vill vun der Oppositioun...

► **Une voix**. - Da war ech op enger anerer Plaz wéi Dir, Här Bodry!

► **Une deuxième voix**. - Deemoos war alles anescht.

► **Une troisième voix**. - Et war alles anescht.

► **M. Alex Bodry** (LSAP). - Ech ka mech nach un déi heroesch Diskussiounen tëscht dem fréiere Statsminister an dem deemolege Chef vun der Banque centrale erënneren. Do ass et genau ëm déiselwecht Froe gaangen!

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - Also, ech ka mech drun erënneren, datt d'Oppositioun, déi déizäiteg Oppositioun, dem Finanzminister jorelaang virgeworf huet, vill ze vill konservativ a virsiichteg ze sinn a senge Budgetsprognosen. Doru kann ech mech och erënneren!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - Dat war déizäit d'selwecht.

(Interruption)

► **Plusieurs voix**. - Aah!

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - An ech hu léiwer, Dir maacht eng virsiichteg Politik...

► **Une voix**. - D'Sozialiste waren och deemols schonn...

(Exclamations)

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - An ech hu léiwer, Dir maacht eng virsiichteg Politik, wéi Dir maacht eng Politik mat Zilsetzungen, déi Der net kënn erreechen.

D'Banque centrale seet: «Pour 2015, la révision à la baisse de la projection du PIB réel de 2,7% du projet de budget à 2,2% ne peut ne pas jeter un doute sur les estimations sous-jacentes au projet de budget.» A weider seet se: «De manière plus générale, étant donné l'absence

d'implication du Comité de prévision dans les travaux préparatoires, on peut s'interroger quant au rôle effectif des projections macroéconomiques dans le cadre du projet de budget et partant du programme pluriannuel ou s'agit-il plutôt de deux volets qui demeurent déconnectés l'un de l'autre?».

Ech wëll och soen, datt et en Ennerscheid ass. A wat ech elo manner kritiséiert hunn, dat ass dat Asetzen 2015 vun den 2,7%, wat elo reviséiert ass op 2,2%. Well ech weess jo, wéi schwéier et ass, an där Kuerzfristegkeet do Previsiounen ze maachen, an datt, wann de Statec oder wien och ëmmer an Zwëschenzäit dat änert, et ganz schwierig ass. Just, hei schwätze mer awer vu Previsiounen, déi an de Pluriannuel iwwer véier Joer agesat gi sinn an déi do extrem optimistesich agesat ginn. Dat ass awer e ganz groussen Ennerscheid an der Aart a Weis, wéi mer hei duerch déi europäesch Obligatiounen un déi Diskussiounen hei eruginn. Hei ass an eisen Aen eng Inkohärenz dran, déi d'Resultater vun der Budgetspolitik fälscht.

D'Banque centrale seet och nach: «Lorsqu'elles portent toutefois sur des agrégats», dat heescht, déi Differenzen, «qui sont le fondement de toutes les estimations budgétaires importantes, on peut douter de la pertinence des estimations de l'entiereté du projet de budget.»

Mir soen dat säit engem Joer, säit 2014, wou dee ganze Pluriannuel do op d'Bee gesat ginn ass. An hei gëtt d'Banque centrale eis ganz kloer an daitlech recht. Hei huet een d'Impressioun, datt net de Kopernikus um Wierk war, mä datt momentan den Nostradamus um Wierk war. An deem senge Previsiounen kann ee sécher net gleewen!

► **Une voix**. - lech och net!

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - Mir wëssen, datt d'Aschätzung vun der Evolutioun vun de budgetären Donnéeën vun enger klenger, ganz oppener Ekonomie net evident ass, haaptsächlech enger Ekonomie wéi Lëtzebuerg, déi konzentréiert Secteurs financiers huet, e konzentréierte Service-Secteur. Et ass net evident, déi Zukunft esou ze gesinn. Mä verschidde Facteuren - soen ech awer och - influenzéieren ganz kloer d'Lëtzebuurger, d'europäesch Ekonomie a ginn awer och an eisen Ae ganz kloer Zeechen of. Notamment, wat déi international Institutionen alleguer soen - an den Här Moscovici huet eis nach am Dezember als nei Kommissioun e relativ kloer Bréif geschéckt à ce propos -, déi gesinn alleguer eng Ofbremsung vun dem tendenzielle Wuesstum am Allgemengen an der Eurozon vir.

An der Eurozon haaptsächlech wäert, éischstens duerch d'Ajustement no der Kris vun dem makroekonomeschen Déséquilibre an zweetens duerch déi grouss Verschëldung souwuel vum private wéi vum öffentliche Sektuer, d'Wuesstum an der Eurozon sécherlech no ënne gedréckt ginn.

Datt, zweetens, déi Lëtzebuurger Ekonomie, déi dépendant ass vum Sektuer financier, domat wäert Schwierigkeeten hunn an datt déi strukturell Changementer, déi an deene leschte Méint a Joren op de Finanzsektuer, op de Service-Sektuer zoukumm sinn, eng ganz grouss Incertitude, notoire Incertituden hei dohinnersetzen, dat ass wuel jiddwerengem kloer. An datt dat vun deene Phenomeener zu Lëtzebuerg wéi LuxLeaks och nach beaflosst gëtt, dat schéngt awer jiddwerengem evident ze sinn.

Drëtens huet déi Onsicherheit, déi de finanzielle Sektuer momentan ausstrahlt, natierlech och hir evident Répercussiounen op aner ekonomesch Secteuren, dat heescht, souwuel am nationale wéi am internationale Beräich.

Dat heescht a mengen Aen, datt dat zukünfteg Wuesstum esou bal net méi wäert den Niveau erreche vun deem, wat mer kannt hunn virun der Kris. Dat alles ass fir eis all evident. De Problem ass just, wann een et dann awer asetzt, wéi wann et esou wär, an et weess een, datt et net méi esou ass, dann ass awer e Problem do! Mir wëssen all, datt et net esou weidergeet, mir setzen d'Zuelen awer an, wéi wann et géif weidergoen an deenen nächste Joren!

All déi Risikofacteuren, déi also nach net determinéiert sinn, mä wann ee se analyséiert, dann hu se alleguer eng negativ Tendenz ze vermieren. An dofir, fir elo d'Logik vun der Lëtzebuurger Politik, wéi ee se virun der Krisenzäit konnt hunn, fir déi no der Krisenzäit nach genau d'selwecht anzeschreiwen, dat, mengen ech, wäert eis, an dāers musse mer eis alleguer bewosst sinn, an enger Rei Joren, wa mer net d'kéier doranner kéien, eng ganz Rei Schwierigkeete stellen.

Da wëll ech nach eng kéier zréckkommen op d'Realitéit an d'Pertinenz vun den avancéierte Chifferen. De Budget 2015 gëtt eng ganz Rei Zuelen un, an et ass ëmmer d'Fro, wann een déi Zuele kuckt: Wat heeschen déi da richtig?



Wann een déi Aspuerungen, déi angeeblech Aspuerunge kuckt: Wat heesche se? Sinn et Aspuerunge par rapport zum Budget 2014 oder sinn et Aspuerunge par rapport à la politique constante?

Ech ka mech erënneren, wéi mer virun engem Joer déi Diskussioun haten, ass gesot ginn: „Mä mir maachen elo endlech richteg Aspuerungen! Mir maachen d'Aspuerungen am Budget 2014 par rapport zu dem reelle Budget 2013.“ „Contrairement zu deene fréiere Regierungen“, ass du gesot ginn.

Haut am Budget ass dat awer net méi wouer. Haut ass dat net méi wouer. An da muss ee sech natierlech d'Fro stellen: Wa se net méi par rapport zum Budget 2013 gemaach ginn, mä wa se à politique courante gemaach ginn - wat een à la limite och kann akzeptéieren, och déi Jore virdrun ass et esou...

Dat wollt Der mer elo soen, Här Bodry.

(Interruption par M. Alex Bodry)

Och déi Jore virdrun ass et esou gemaach ginn, wat ee jo kann akzeptéieren. Da muss een awer wëssen: Wat ass dann d'Politique courante? A wat gëtt dann do als Zuelematerial, fir d'Politique courante anzeschreiwen, wat gëtt dann do agesat?

Do ass et jo esou, datt normalerweis d'Progressioun, déi normal Progressioun vun den Dépensé sollt agesat ginn, fir d'Politique courante ze beschreiwen. Ech liese bei der BCL, andeem se awer déi agesaten Zuelen hei kommentéiert, déi seet: «De plus, une dotation budgétaire inférieure à la revendication ministérielle lors de l'établissement du budget ne constitue pas une économie réelle.»

Wat seet d'Banque centrale do? Mä dat ass, datt ganz oft déi Budgetsartikelen, esou wéi se agesat gi sinn, net agesat gi si par rapport zur normaler Politique courante, mä par rapport zu Demandé vun de Ministären, an datt da gesot gëtt: „De Ministère huet zwar esou vill gefrot, mä well mer em net alles ginn hunn, hu mer esou vill gespuert.“ Dat ass awer net d'Beschreiwing, déi vu Bréissel kënnt, fir d'Politique courante ze beschreiwen.

Zwee Beispiller just an deem Kontext. Eent, wat Der gutt kennt, well et schonn an der Press évoquéiert ginn ass, datt ass dat vum Radio 100,7, wou dann dosteet, datt eng Réduction des frais vun 260.000 Euro géif gemaach ginn. Da kuckt een an de Budget, da steet awer do keng Reduktioun, mä da steet eng Progressioun vu 4,9 Milliounen op 5,4 Milliounen do. Dat sinn awer bal..., dat sinn iwwer 10% Progressioun, déi do virgesi sinn. Dat ass awer net d'Progression courante, déi dann do agesat ginn ass, mä dat sinn d'Demandé vum Radio, déi agesat gi sinn. An doropshi ginn dann 260.000 Euro gespuert!

Ass dat dann eng Aspuerung, wann een am Budget eng Augmentatioun vun 10% virgesäit, eng Augmentatioun réelle vun 10% an de Budget schreift, an et seet een: „Elo hunn ech 260.000 Euro drop gespuert“ - andeem ech 10% méi an de Budget ageschriwwen hunn?

Da muss ee mer awer nach erklären: Wat ass dann hei Politique courante? Dann ass Politique courante plus 15%, wann een dat an de Chifferen anescht rechent.

Datselwecht gëllt beim Office national de remembrement. Do gëtt gesot... Do stoungen an deene leschte Joren all Kéiers 4 Milliounen Euro am Budget, all Jors 4 Milliounen Euro, courant. Et ass also keng Progression courante an deene leschte Jore gewiescht. An da stinn dëst Joer am Budget: och nach eng Kéier 4 Milliounen. Dat heescht, et fíert een am Fong weider domat. Et steet awer dran, datt ee 458 Milliounen spuert!

Et muss awer och ee mer erklären, wéi dat do geet. Dir maacht 10% am Budget méi. Dir sot: „Et ass par rapport zur Progression courante.“ Or, d'Progression courante an deene leschte Jore war op deem Budgetartikel dauernd null, mä Dir spuert 458 Milliounen, andeem Der genau datselwecht aschreift an de Budget!

Ech muss soen, dat ass awer mat Zuelen hin- a hiergeworf, wat awer schwierig ass nozevollzéien a genau ze verstoen, wat domadder gemeengt ass.

A fir dann - net d'Banque centrale, well ech déi elo oft zitíiert hunn - emol eng Kéier en aneren ze zitíieren, deem iwwert déi do Problematik schwätzt an iwwert d'Véridicitéit vun den Zuelen an d'Basis vun de Calcullen, zitíieren ech gär d'Cour des Comptes, déi seet: «En passant en revue les mesures du paquet pour l'avenir, la Cour se pose des questions quant à la pertinence des chiffres avancés. (...) De ce qui précède, la Cour est dans l'impossibilité de se prononcer à ce stade quant aux effets des mesures annoncées sur les finances publiques.»

Ech fannen dat zwar grav, wann dat esou einfach gesot gëtt a wann och eng Cour des

Comptes einfach net kann novollzéien, op wat fir enger Basis déi Zuelen hei drageschriwwen ginn an no wat fir enger Basis an dësen Zuele gerechent gëtt.

Iwwert d'Opdeelung vun deem Pak, deem hei proposéiert ginn ass, liesen ech de Regierungsprogramm. De Regierungsprogramm seet: «L'effort de consolidation budgétaire portera d'abord sur le côté „dépenses“. Ensuite, la dimension „recettes“ sera d'abord axée autour de la croissance.»

Dat ass net d'Oppositioun, déi et seet an déi sech et als Zilsetzung gëtt. Dat ass net d'CSV, déi dat seet. Dat ass d'Regierung, déi et seet an déi sech dat als Objektiv gëtt!

An déi zwee Prinzipien, fir d'Éischt op d'Dépensé kucken an dann op d'Recetten, dann haaptsächlech op d'Croissance déi Recetten achsiieren, do muss ech soen, zu deenen zwee Prinzipien, déi d'Regierung sech selwer gëtt, do stellen ech hei zweemol fest, datt et zweemol doniewent ass. Fir d'Éischt, 75% si Recetten, nei Steieren, déi ageféiert goufen, a 25% si Spuermoosnamen. Et ass doniewent, net par rapport zu deem, wat mir soen, mä par rapport zu deem, wat d'Regierung sech selwer als Prinzip gesat huet.

«Axée autour de la croissance», wann ech da vun Dépensé schwätzen. Ech gesinn hei an deenen Aspuerungen, déi am Budget stinn, just e Sammelsumum vun eenzelne Moosnamen ouni Konzept, ouni Prinzip a ronderëm strictement näischt achsiiert! Also, sécherlech net ronderëm d'Croissance achsiiert!

«Sur base de ce qui précède,...», an hei schwätzt d'Cour des Comptes, «...la Cour constate qu'à ce stade, le Gouvernement ne respecte pas son objectif fixé dans le programme gouvernemental de 2013.» Dat ass kuerz a sec, an dat ass richteg. An de President vun der Banque centrale huet eis och selwer gesot, datt hien net un dee Programme pluriannuel vun der Regierung géif gleewen.

Den Här Roth wäert muer a sengem Exposé nach méi op d'Recetten agoen. Dofir loosse ech deen Deel op der Säit. Ech wëll méi zu den Dépensen nach selwer eng ganz Rei Saache soen.

An op der Säit vun den Dépensé wëll ech fir d'Éischt, well dat fir mech wichteg ass, e puer Wuert iwwert d'Familljepolitik soen. Well mir hunn do gutt nogelauschtert, mat wat fir engen Argumenter déi Familljepolitik, esou wéi se elo dosteet, esou wéi se elo vun der neier Majoritéit definéiert gëtt, wéi déi argumentéiert gëtt.

D'Madame Cahen an den Här Meisch hunn en Tour gemaach, fir déi Familljepolitik am Land ze erklären.

(Brouhaha)

Dat war gutt gemaach, et huet awer net vill gehollef!

► **Une voix.** - Oh dach!

(Interruptions diverses)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech war selwer net do. Ech hunn also nëmmen iwwert d'Press déi eenzel Argumenter kënnen héieren, déi gebraucht gi sinn, fir d'Familljepolitik ze erklären. Dat éischt Argument, dat war dat, datt et net um Stat wär, fir Elteren ze hëllefen, laang doheem ze bleiwen.

(Brouhaha)

Et wär also net um Stat, den Elteren ze hëllefen, laang doheem ze bleiwen, well en cas de divorce, wann ee géif méi laang doheem bleiwen, eng ganz Rei sozial Problemer géifen opkommen.

Dat verstinn ech och als Raisonement. Mä ech soen awer, datt et de Leit hir eege Responsabilitéit och sollt ginn, datt et net um Stat ass ze decidéieren, wéi deen een an deen aneren ze liewen huet, wat e fir eng Décisioun ze huelen huet. Hei sinn et awer Leit, déi groussjähereg sinn an déi wëssen, wat fir eng Décisioun si wëllen huelen, wat fir si besser ass. An dat ass net um Stat ze decidéieren! Et ass un de Leit, fir iwwer hiert Liewen ze decidéieren, esou wéi si dat als richteg empfangen.

► **Une voix.** - Dat bleift och esou!

(Brouhaha)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Da war dat zweet Argument: Et bleift och esou. D'Wahlfräiheet ass nach ëmmer do, well et ka jo jiddwereen doheem bleiwen an e kritt jo nach ëmmer d'Kannergeld. Dat war dat zweet Argument.

Also, et wär awer och de Combell! Et wär awer och de Combél, wa géif gesot ginn, dat däreft elo net méi sinn, d'Leit däreften net méi doheem bleiwen! Dat wär awer och witzeg, wann dat géif gesot ginn.

(Tollé général)

Wann Der dann hannendru sot...

► **Plusieurs voix.** - Allez! Allez! Allez!

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice.*- Schummt lech!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech gelift, mir hu bei deem Débat hei...

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dir laacht jo selwer iwwer lech!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- ...ganz vill Riedezäit...

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice.*- Dat do ass Cabaret.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- ...an et ka jiddweree seng Meenung äusseren. Et huet elo just den Här Wiseler d'Wuert!

(Interruption par M. Félix Braz)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Jiddweree kritt Kannergeld, an dofir ass dat, fir ze soen: „Dir kënnt doheem bleiwen, Dir kritt déiselwecht Participatioun wéi jiddwereen aneren“, dat ass wierklech keng Logik! Op jidde Fall ass et net déi Logik, un déi mir gleewen, well déi Leit, déi doheem bleiwen, fir d'Kanner während enger gewässer Zäit - een, zwee Joer, sou wéi si dat wëllen - ze erzéien, déi huelen e Choix, well se dee Choix wëllen huelen. A mir fannen dat, wann d'Leit dat wëllen, e richtige Choix. Mir fannen, datt d'Regierung, datt de Stat och déi Leit soll an hirer Fräiheet, an hirer Décisioun ënnerstëtzen!

Dir sidd do enger anerer Meenung. Do ass en Ennerscheed zwëschen lech an eis. An deen ass ganz kloer.

Den Här Kersch, deen huet gesot - well ech deem och gutt nolauschteren -, den Här Kersch, deen huet gesot, datt d'Allocation d'éducation jo just eng Hëllef wär fir déi besserstoend Familljen an datt do dofir vun der CSV géif an Zukunft ënnerstëtzt ginn. Esou hunn ech lech op jidde Fall verstane bei der CGFP.

(Protestations)

► **Une voix.** - Dat ass eppes anescht.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- An do war ech an do hunn ech gutt nogelauschtert.

(Interruptions diverses)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Här Wiseler, den Här Kersch...

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Ech géif zwar do gären eng Prezisioun maachen. Pardon!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- ...wollt eng Prezisioun ginn.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Jo, ech mengen, dass den Här Wiseler mech... An ech huelen un, dass en op déi Ried zrëckkënn, déi ech...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Bei der CGFP, jo.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- ...bei der CGFP gehalen hunn. Do wëll ech ënnersträichen, dass ech dat, esou wéi Dir et gesot hutt, ni gesot hunn! Ech hu just gesot, dass dee Choix, vun deem Dir schwätzt, e Choix fir déi Leit wär, déi sech et kënne leeschten.

► **Plusieurs voix.** - Voilà!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Nämlech genau déi Leit, déi sech et kënne leeschten, doheem ze bleiwen. An d'Majoritéit vun de Leit hei am Land kënnen dat net!

(Brouhaha général)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dir hutt et an anere Wieder gesot, mä et heescht datselwecht!

► **Une voix.** - Voilà!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ma et ass nach vill méi schlëmm.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Okay. Wéi och ëmmer. Ech kommen duerno dorop zrëck...

(Brouhaha général)

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Den Här Gibéryen gëtt lech...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Wéi Dir déi Leit definéiert, déi sech et kënne leeschten, dorop kommen ech gär duerno zrëck.

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Den Här Gibéryen ass mat lech averstannen, dat ass e gutt Zeechen. Bravo!

(Brouhaha général)

► **M. Marc Lies** (CSV).- Da loosst en dach emol schwätzen!

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice.*- Oh! Moien, Här Lies. Dat do war eng Ried.

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Et war fir d'Éischt, dass den Här Lies schwätzt dëst Joer.

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice.*- Dat war eng Ried.

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- An dat vun eise Premier!

(Interruptions diverses)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech gelift, wann ech gelift, mir berouegen eis alleguert erëm a mir lauschteren dem Här Wiseler no!

(Brouhaha général)

Wann ech gelift!

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Villmools Merci, Här President, ech fueren och weider.

(Interruption)

Den Här Fayot sot: «Les allocations qui seront supprimées y changent peu», dat heescht, un der Situatioun vun de Familljen, «puisque'elles ne sont pas assez élevées pour remplacer un revenu et elles sont limitées dans le temps.»

Ech soen: Dat kann een esou soen, dat ass och am absolute Calcul richteg. Mä ech soe just: Fir déi Leit, déi weineg verdéngen, sinn déi ronn 500 Euro, déi se kréien, ganz vill Suen - ganz vill Suen! - a se changéieren eppes...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- ...a kënnen eng Décisioun richteg changéieren! Si kënnen eng Décisioun richteg changéiere fir déi, déi net vill hunn. Do si mer dann enger anerer Meenung. Mä fir mech si 500 Euro vill Suen a se kënnen zu engem konkrete Resultat an der Décisioun vun deem engen a vun deem anere féieren.

An da fuert Der weider, an do, muss ech soen, do war ech..., enfin, Dir fuert weider, ech liesen lech vir: «Un parent qui décide de ne plus poursuivre d'activité professionnelle pour s'adonner entièrement à l'éducation de ses enfants sera donc encouragé...», do soen ech: Dat ass jo gutt! An da sot Der awer hannendru: «...à bien évaluer les risques à moyen et à long terme de cette décision.»

Dat heescht, ech muss soen, ech fannen zwar e gewëssen Zynismus heidran. Dir sot: Wann ee wëllt eng Décisioun huelen, dann encouragéiere mer deen. Wann ee wëllt d'Décisioun huelen, fir zwee Joer doheem ze bleiwen, dann encouragéiere mir dee wierklech, fir nozedenken, ob en dat soll maachen. An dat Encouragement, dat besteet dann doranner, wann en eng aner Décisioun hëlt, wéi déi, déi Dir als richteg empfannt, wéi déi, déi des Majoritéit als richteg empfennt, da kritt en natierlech kee Sou méi an da muss e verzichten op déi Allocatiounen, déi e bis dohinner krut!

A wat dat ausmécht, dat sinn awer ganz, ganz vill Suen! Dat si bei engem Kand, wann ech elo op déi zwee Joer rechnen, 11.640 Euro, déi Der dann, fir déi Décisioun anescht ze huelen, wéi Dir et wëllt, him ewechhuel. 11.640 Euro fir ee Kand. An dat gëtt fir dräi Kanner, well déi kënnen et jo aacht Joer laang kréien, 46.000 Euro. Dat ass fir eng Décisioun, déi Dir net richteg fannt, deier bezuelt, wann een dat mécht a wann een eng aner Décisioun hëlt, wann een en anere Choix fir säin eegent Familljeliewen huet.

Fir vill Elteren heescht dat do, datt se weider musse schaffen, och wa se et net wëllen. Oder fir aner Elteren heescht et, datt se de Congé parental huelen; déi Alternativ hu se dann. Mä si hätte sécherlech léiwer eng méi laang Zäit geholl, well et bis zwee Joer awer sënnavoll ass, wann ee wëllt sech déi Zäit huelen, fir bei de Kanner ze bleiwen, fir dovunner ze profitéieren.

► **Une voix.** - Och méi laang.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Och méi laang, dat ass richteg, mä et ass awer momentan an der aktueller Gesetzgebung just à partir vum drëtten Kand während véier Joer méiglech. Dofir hunn ech elo déi zwee Joer hei genannt.

An da froen ech mech: Wann Der déi Politik bis zum Enn duerchdenkt, wou sinn dann déi konkret Moosnamen, déi d'Regierung kuerzfristig asetzt, fir dat Ganzt do opzefänken? Well déi Zuel vu Crèchen, déi Der elo hutt, fir Kanner vun engem bis dräi Joer, déi geet awer sécherlech net duer, fir alles opzefänken, wat dann elo an Zukunft wäert kommen!

Wou si mer mat der Planifikatioun? Wou si mer mam Rekrutement bei enger Moosnam, déi jo awer ufänkt a sechs Méint? Si ass elo zrëckgesat ginn, mä déi awer a sechs Méint ufänkt! Ass



dann alles prett, fir all déi Kanner do opzefänken? A wou gi mer dann hin? An haapt-sächlech: Wat kascht dat alles?

Mir hunn an de Kommissiounssätzungen..., an ech soen d'ailleurs dem Här Gramegna Merci, deen eis virun zwee Deeg déi ganz Lëscht vun de Spuermoosssname mat den Explikatioune ginn huet. Mä ech wëll awer hannendrusoen: Mir haten awer nach eng aner gefrot! An dat war déi, wat dann all déi Dépenses, déi hei agesat ginn als komplementar Moosssnamen zu deene sougenannten „Spuermoosssnamen“, wat déi da kaschten.

Elo seet een: „Dat wësse mer nach net, well mer wëssen de Prinzip net. Mir wëssen net hei, mir wëssen net do.“ Mä trotzdeem, éischters d'Fro: Wéini kënnt dat dann alles? Wéini si mer prett? Op jidde Fall, d'Allocatioun ass a sechs Méint fort. An et ass näischt prett op där anerer Säit. A mir wëssen net, wat et an deenen nächste Jore kascht. Mir hunn dat zéngmol gefrot. Mir hunn et net kritt!

An da kommen ech op déi sougenannt „schwaach Familljen“, oder wéi nennt Der se, Här Kersch?

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, den Här Kersch seet, déi kéinte sech dat alleguer leeschten!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Enfin, wéi och ëmmer. Kommt, ech streiden elo net mam Här Kersch, mä ech soen dat, wat ech wëll soen doriwwer, mä mir streiden eis hei net ëm Wierder.

Ech wëll e puer Beispiller nenne vun deene Leit, déi déi Allocation d'éducation kritt hätten an net méi kréien, well se jo fort ass, an déi awer op där anerer Säit de Congé parental oder aner Saachen, déi en place sinn, och net kënnen huelen.

Wéi steet et mat enger Famill, wou zwee Leit berufstätig sinn, déi zwee kleng Kanner hunn an déi en Akommes ënner zweemol de Mindestloun hunn, déi also elo d'Allocation d'éducation kritt hunn, déi awer wëlle weiderschaffen? Well dat ass jo och e Choix: datt ee wëllt weiderschaffen. Déi kruten d'Allocation d'éducation. Déi kréie se net méi! Déi kréien näischt.

Wat geschitt mat enger elengerzéiender berufstätiger Mamm - oder engem Papp -, déi 1,5-mol de Mindestloun kritt an déi elo d'Allocation d'éducation kritt huet? An déi muss weiderschaffen, well se déi Eenzeg ass, vu datt se elengerzéiend ass an enger Famill, déi muss also weiderschaffen! Wat geschitt mat där? Déi kritt näischt! Well se och net de Congé parental ka kréien.

Wat geschitt mat enger Famill, wou ee schafft - ënner zweemol de Mindestloun - an deen zweete Partner da keng Aarbecht huet? Obwuel e gär eng hätt! Obwuel e gär eng hätt a keng fënnt! Mir hunn eng Jugendarbeitslosigkeit, déi relativ héich ass. Dee keng fënnt, dee kann da weder vun der Allocation d'éducation - déi gëtt et net méi - nach vum Congé parental benefisiéieren, well en huet jo keng Aarbecht, an e muss virdrun eng Aarbecht hunn, fir de Congé parental ze kréien. Dee steet och do a kritt näischt, weder dat, wat ofgeschaaft ginn ass, nach dat anert, well en net an de Konditiounen ass.

An do kënnt Der mer awer net soen, datt dat guttstoend Famillje sinn! Do hu mer wierklech eng Rei Problemer, déi Der duerch d'Ofschafe vun där Allocation d'éducation schafft.

Dofir war ech ganz frou, wéi ech d'Madame Loschetter - richtig frou! - de Moien héieren hu soen, datt dee Problem effektiv géif existéieren an een dofir esou schnell wéi méiglech sech déi ganz Iwwerleeungen iwwert den RMG, iwwert de Complément d'RMG an iwwert d'„Flexibilisatioun“, mengen ech, hutt Der gesot, vum Congé parental misst maachen. Dat ass absolut richtig esou!

Mir regrettéieren zwar, datt een an Zukunft muss iwwert den RMG fueren, fir deene Leit do ze hëllefen, well mer d'Allocation d'éducation wesentlech méi richtig a méi sënnvoll fonnt hunn. Mä wat mer haauptsächlech awer kritiséieren, dat ass, datt Der elo emol d'Allocation d'éducation ofschaaft, ier dat anert en place ass! An hei schwätze mer net vu wuel sech guttstoende Familljen. Hei schwätze mer wierklech vu Familljen, déi sozial Problemer hunn a fir déi elo näischt geet!

An ech muss soen, deen Deel vun der Allocation d'éducation, wou d'Sozialiste sengerzäit, wéi ech mech gutt kann erënneren, drop gehalen hunn, fir en anzeféieren, deen Deel, wou zwee Eltere schaffen an ënner engem gewëssen Niveau hunn, do kann ech mech gutt un déi

Diskussiounen erënneren, wou d'sozialistesche Partei insistéiert huet, fir deen an d'Allocation d'éducation ze kréien. Dee gëtt hei awer mat ewechgeholl an et gëtt näischt amplaz gesat! An do verstinn ech awer d'sozialistesche Partei net méi, datt se dat ka matmaachen! Well ech dat net richtig fannen.

► **Une voix**.- Dir sidd net deen Eenzeg.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Deen anere grouse Volet an der Familljepolitik, dat ass, wéi mat de kannerräiche Familljen ëmgaange gëtt. Hei gëtt e Montant unique agefouert, d'Veenheetlechung vum Kannergeld. Mir wëssen duerch eng ganz Rei Etüden - Lëtzebuerg, Ausland -, mir wëssen, datt déi Famillje mat ville Kanner déi sinn, déi der Aarmutsgefor am meeschten exposéiert sinn.

Elo seet den Här Bettel: „Et gëtt awer kengem eppes ewechgeholl.“ Mä déi nei Familljen, déi an déi Situatioun kommen, do geschitt et awer esou, datt eng Famill mat zwee Kanner 770 Euro d'Joer manner huet, eng Famill mat dräi Kanner 2.860 an eng Famill mat véier Kanner 4.900, dat heescht quasiment 5.000 Euro, eng Famill mat fënnef Kanner 7.000 Euro. Wann dat dann och Famillje sinn, wou d'Kanner jonk sinn, déi d'Allocation d'éducation och net méi kréien, da sinn et bei Famillje mat dräi Kanner 8.700 Euro a bei Famillje mat véier Kanner 10.800 Euro, déi déi Familljen am Verglach zu ähnleche Familljen haut - ech hunn dat virdru gesot - manner kréien.

10.800 Euro fir Familljen, vun deene verschidener awer, esou wéi d'Etüden et weisen, dem Risque de pauvreté ausgesat ginn. 10.800 Euro! Do muss ech awer soen, dat ass fir mech eng richtig Schwieregkeet. An do verstinn ech net, datt eng Rei Parteien, déi sech als sozial ginn, esou Saache wéi dat do matmaachen!

(Interruptions)

Ech kommen duerno nach eng Kéier ganz genau drop zrëck.

Hei ass gesot ginn - d'Madame Loschetter sot dat, ech hunn lech gutt nogelauschtert...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), rapportrice.- Dat ass och richtig!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Jo, et sinn zwou Saachen, déi Der sot, mä eng ass richtig an déi aner net, well se si kontradiktöresch. Dir sot, datt keng Ideologie géif vun dëser Majoritéit an der Familljepolitik gemaach ginn. Ech soen lech awer, et gëtt d'Wahlfräiheet ewechgeholl. Dat ass awer fir mech en ideologesche Choix! Dir sot dann hannendrun: „Mir maachen zwar keng Ideologie, mä mir hunn e Choix de société gemaach.“ Jo, wat ass dann anescht dodrunner? Dir hutt e Choix de société gemaach, dat ass fir mech eng ideologesch Emsetzung vun Äre Choixen an d'Lëtzeburger Politik. Dat maacht Der awer. Dat maacht Der awer! An dat ass fir mech kloer.

(Brouhaha)

An da sot Der, da maacht Der eis de Reproche an där Politik, déi mir verteidegen,...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), rapportrice.- Här President!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- ...mir géifen dat eent an dat anert maachen. Mir géifen op där enger Säit Suen ausgi fir déi Leit, wou ee wëllt doheem bleiwen, an op där anerer Säit géife mer och d'Sue wëllen ausgi fir déi Leit, déi zu zwee wëlle schaffe goen. Da sot Der, dat wär jo kontradiktöresch, dat wär jo keng sënnvoll Politik.

Mä do soen ech ganz kloer: Genau dat, genau dat ass de Sënn vun eiser Politik. Genau dat! Mir wëllen net, datt d'Leit mussen deen ee Choix, just deen ee Choix huelen! Mir wëllen, datt d'Leit hir Décisiounen kënnen esou huelen, wéi si et als richtig empfangen. A mir soen, datt mer gär déi eng ënnerstëtzen, a mir soen, datt mer gär déi aner ënnerstëtzen. A mir soen, datt mir net wëlle fir si wielen. A mir soen, datt d'Regierung sollt hannert de Leit an hire Choixen an hirem Liewe stoen! An dat ass e groussen Ënnerschied zu där Politik, déi Dir amgaang sidd, hei ëmzesetzen.

(Interruption)

A mir hunn och - ech ginn lech gär d'Wuert -, mä mir hunn och déi aner Säit gemaach. Mir hunn och an deene leschte Joren... Kuckt, wat d'Madame Jacobs an den Här Spautz ëmgesat hunn u Crëchen! 2004 hate mer 7.700 Crëchëplazen. 2013 waren dat der 46.000! Vu 7.700 op 46.000 erop. An niewendrun d'Allocation d'éducation an de Congé parental, fir uerdentlech équilibréiert déi Politik ze kréien, wou Familljen hir Choixen kënnen huelen. Fir mech ass dat a bleift dat déi richtig Politik.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Här Wiseler, d'Madame Loschetter...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- D'Madame Loschetter wollt...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- ...hat Der ugeschwat. Si wollt dorop reagéieren.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mat Pleséier.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), rapportrice.- Léiwen Här Wiseler, Dir musst mech och ganz zit'éieren! Ech hunn nämlech hannendrun, grad bei deem do Beispill - ech ginn lech dann och elo e Beispill, Dir hutt der elo hei eng Rei ginn -, ech hu gesot, datt dat bis elo geschitt ass, esou wéi Dir et elo beschriwwen hutt - deenen engen e Choix loossen an deenen aneren e Choix loossen - ouni soziale Kritik!

E Choix de société ass zum Beispill, datt mir derfir suergen, datt net méi mat de Steiersuen een, dee schafft an dee vläicht dräimol de Mindestloun huet, muss mat senge Steiersuen eng Allocation d'éducation matbezuele vun engem Bankdirekter, deem seng Fra d'Allocation d'éducation kritt. Dat ass de Choix de société, Här Wiseler!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Also, wann Der bei der Allocation d'éducation komm wäert a gesot hätt...

(Interruptions diverses)

...a gesot hätt...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Wann ech gelift! Elo huet just den Här Wiseler d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Wann Dir bei der Allocation d'éducation gesot hätt, datt mer misste sozial Kritikë bei der Allocation d'éducation aféieren, an datt nëmmen déi et géife kréien, déi et net kënne selwer bezuelen an déi Schwieregkeeten hunn, an datt déi aner manner oder näischt géife kréien, dann hätte mer kënnen eng Diskussioun doriwwer féieren. Mä dat hutt Der awer net gesot! Dir hutt gesot: „Fort, fäerdeg!“ An dat ass awer deen Deel vun der Politik, wou mer net mat lech d'accord sinn.

En anere Sujet, deen eis um Häerz läit... Also d'Madame Hetto kënnt muer nach eng Kéier op déi do Punkten zrëck.

(Interruption)

Jo, mir huelen eis Zäit hei an deenen Exposéen, fir an d'Detailer ze goen.

D'Finanzcapacitéit vun de Gemengen ass och e Sujet, deen eis um Häerz läit. Och do wäerte mer muer nach eng Kéier drop zrëckkommen. Dee Pak, deen hei virgeschloe gëtt, dee kascht (veuillez lire: do kréien) d'Gemengen direkt 50 Milliounen manner. Dee kascht... An aner Käschten, déi och als Méibelaaschtung fir d'nächst Joer wäerten ufalen: 137 Milliounen; Mehreinahmen: 48 Milliounen; minus 139 Milliounen an eise Rechnunge fir d'Gemengen an deenen nächste Joren. Mir hunn och gekuckt bei verschiddene Gemengen, ech hunn elo bei der Stad Lëtzebuerg gekuckt, dat gëtt en Total vu 27 Milliounen Euro, déi d'Sad Lëtzebuerg - an et gi ganz sécher aner Beispiller; well ech déi elo gutt kennen, hunn ech dat nogekuckt - manner an der Keess wäert hunn an deenen nächste Joren, fir kënnen eng Investitiounspolitik ze maachen, déi an eisen Aen awer wichteg ass.

Dat ass gemaach ginn diskussiounslos, ouni mat de Gemengen ze schwätzen! Dat ass haauptsächlech gemaach ginn an huet eng grouss Influenz op d'Investitiounscapacitéit vun de Gemengen. A wat eis da besonnesch stéiert, an dat ass elo net dem Här Kersch säi Problem, mä wat eis besonnesch stéiert, dat ass, datt déi do Moosssnamen, wéi ech virdru scho gesot hunn, och nach strictement keng Influenz op d'Administration publique hunn, mä haauptsächlech op d'Administration centrale. Et ass just eng Verschiebung eriwuer an d'Administration publique a se hëllefen eis bei de generelle Käschten duerno och nach net, aus dem Problem vun der Administration publique erauszekommen.

Datselwecht gëllt an eisen Aen... Pardon, ech wollt nach soen: Den Här Wolter wäert och muer nach eng Kéier dorobber zrëckkommen.

Ech wëll och nach iwwert d'Logementspolitik zwee Wuert soen. Fir eis ass d'Logementspolitik d'Prioritéit. Ech hat gemengt, et wär och fir d'Regierung d'Prioritéit. Si gëtt och esou ugekënnegt a si gëtt och esou ausgedréckt.

Mir stellen awer fest, datt déi TVA-Erhéijungen, déi hei komm sinn, an eisen Aen - an eisen Aen! -, déi TVA-Erhéijungen op d'Zweetwunneng, wou et 14% méi deier gëtt, kontraproduktiv sinn. Si wäerten, an eisen Aen, eng Erhéijung vun de Loyere mat sech bréngen. Si wäerte manner Investisementer, privat Investisementer an de Secteur erabrénge. Si wäerten domat bewierken, datt d'Präisser an d'Luucht ginn.

A mir stellen och nach fest, datt déi Suen, déi vun der éffentlecher Hand zousätzlech - plus

10% - an de soziale Wunnengsbau investéiert ginn, zu engem ganz groussen Deel wäerten duerch eng Augmentatioun vun der TVA, déi och déi Organisme musse bezuelen - 14% Augmentatioun vun der TVA -, gefriess ginn, dat heescht, och nach net ze realistesch sinn. Den Här Lies wäert e puer Wuert muer och nach doriwwer soen.

D'Politique de l'éducation nationale ass och an eisen Aen, esou wéi se elo duergeluecht gëtt, ganz problematesch, well mir gesinn hei, datt op Basis vun där Familljepolitik oder Educatiounspolitik e groussen Ausbau gemaach gëtt vun deene Crëchë fir d'Kanner vun engem bis dräi Joer, deen a sech domat begrënt ass, datt mer éischters d'Gratuitéit maachen, datt mer zweetens de Bilinguismus do aféieren. Dat sinn Dépenses, déi an eisen Aen net sënnvoll sinn, net solle gemaach ginn.

A wann ech aner Spuermoosssnamen an der Éducation nationale huelen, notamment d'Spuermoosssnam 118, d'Modificatioun vun der Tache vun den Enseignanten, wou 2015 700.000 Euro, 2016 2,3 Milliounen, 2017 3,5 Milliounen, 2018 2,5 Milliounen virgesi sinn, da kann ech mech drun erënneren, wéi mer hei stoungen, nodeem datt de Budget presentéiert gi war, do hunn ech op dëser Tribün gefrot: „Jo, wat heescht dat dann, dat, wat do steet: «modification de la tâche des enseignants»?“ Dee Moment krut ech keng Äntwert op déi Fro. Duerno ass et kloer ginn, wat et heescht. Do hu mer d'Explikatiounen kritt, datt dat am Fong heescht, datt déi Proffen dann nëmmen dat bezuelt kréien, déi Coursen - wa se op der Première oder Treizième Coursen halen -, déi se effektiv halen.

An dann ass et esou, datt ech awer muss soen, éischters war jiddwereen erstaunt iwwert déi do Explikatioun. Déi hätt een dann och kënnen direkt ginn. Zweetens war mat den Enseignantë manifestement jo net geschwat ginn, eier een esou eppes op den Dësch geluecht huet an eier een et schonn als Spuermoosssnam an de Budget ageschriwwen huet.

Duerno ass versprach ginn, datt, wa se heimmadder d'accord wäeren, d'Enseignanten, näischt anescht méi géif geschéien. Duerno ass verhandelt ginn an et ass en Accord, e soi-disant Accord ofgemaach ginn. Duerno hunn d'Représentantë vun den Enseignantë gesot, si wäeren net mat deem Accord d'accord. Duerno ass vun de Gewerkschaften gesot ginn, datt iwwerhaupt keen Accord zëschden de Gewerkschaften an dem Éducatiounsminister do war.

An haut si mer an enger Situatioun, wou kee Mënsch méi weess, wou mer dru sinn a wat dann elo an deenen nächste Woche geschitt. Dat hei ass fir eis e Monstergewull, wat amgaang ass ze entstoen a wou jiddwereen onzufrieden ass. Déi Aarbecht, esou wéi se elo ass, ass net seriö gemaach ginn!

Mir haten eng Question parlementaire urgente doriwwer gestallt. D'Urgence ass refuséiert ginn, dofir hunn ech hei och e puer Wuert doriwwer gesot. Mir wäere frou, wann den Éducatiounsminister haut oder muer, oder wéi och ëmmer, wéi hie wëllt, eis awer déi notwendeg Explikatiounen kéint ginn, wou mer elo an deem Dossier, deen awer Konsequenzen huet, dru sinn a wéi hie gedenkt virzegoen. Dat gehéiert an d'Budgetsdebatten. Et gehéiert an d'Budgetsdebatten, insofern et eng Spuermoosssnam war, déi an dësem Spuerprogramm drasteet.

D'Madame Hansen...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Entschëllegt, Här Wiseler,...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- ...wat och erkläert, firwat dass d'Urgence net akzeptéiert ginn ass: well deen heiten Débat eng gutt Geleeënheet war, fir d'Fro opzewerfen.

Ech hunn awer nach eng Demande vun der Madame Loschetter. Erlaabt Der...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech erlabe selbstverständlech, vu datt ech u keng Zäit gebonne sinn.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), rapportrice.- Ma ech hätt zwou Froen un den Här Wiseler, éischters als Porte-parole vun der grénger Fraktioun, well mir jo eng laang Geschicht an der Oppositioun hunn an och an der Oppositioun eigentlech ëmmer derfir gesuergt hunn, datt mer Alternative presentéiert hunn, an och als Rapportrice vum Zukunftspak.

Wann ech lech elo richtig verstanen hunn, Här Wiseler, dann hutt Dir elo gesot, dat, wat mir hei presentéiert hunn, „huet näischt bruecht“, „ass näischt gemaach ginn“. „Wéi vill Joer dauert dat?“ „Dat gëtt vertaagt an déi lescht Legislaturperiode.“ Dat wär jo dann e bëssen och deene fréiere Regierungen eppes nomachen. Alles, wat de Moment reportéiert ginn ass, do hutt Der gesot: „Ech fannen dat jo



alles richtig.“ Dir sot awer och: „Iwwert d’Prinzipie si mer ons eens.“

Dir hutt am Zukunftspak, a mengem Rapport, keng eng vun de Recommandatiounen ugeholl, wéi mer de Rapport ugeholl hunn. Dir fannt awer e puer Saachen, déi ech doran ernimmen, wéi zum Beispill d’Reform vum RMG an esou, guer net esou falsch. An da sot Der och, bei menger Fro vu virdru sot Der: „Wann Dir dat gesot hätt, dann hätte mir dat matgedroen.“

Dofir meng Fro...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- „Da wiere mer bereet, doriwwer ze diskutéieren“, hunn ech gesot.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), *rapporteurice*.- Gutt. Dofir meng Fro... Genau dat! Mir haten den 1. Dezember eng Kommissioun, wou mer dräi Stonne laang iwwert déi Mesurë geschwat hunn, wou mer dräi Stonne laang och diskutéiert hunn iwwert déi Mesurë vum Zukunftspak, deen Dir elo während enger Stonn beschriwwen hutt. Do ass keng eng Alternativ vun lech komm! Firwat ass do dee Méindeg, während deenen dräi Stonnen, keng eng Alternativ während deenen Diskussiounen komm? Dat wär meng eischt Fro.

(**Brouhaha**)

A meng zweet Fro...

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), *rapporteurice*.- A meng zweet Fro wär, firwat...

(**Brouhaha**)

...firwat datt d’CSV-Fraktioun dee Méindeg, währenddem mir dee ganzen Zukunftspak analyséiert hunn, firwat d’CSV-Fraktioun léiwer genau zu deemselwechte Moment eng Pressekonferenz gemaach huet, amplaz mat ons iwwer Alternativen ze diskutéieren! Ech hätt gär en Antwert op déi Froen!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dir kritt déi Antwerten op déi zwou Froen. Déi éischt Antwert ass ganz, ganz einfach. Op deenen aneren Texter, wou mer Amendementen an de Kommissiounssätze virgeschloen hunn, do huet dat keng dräi Minutte gedauert, da ware se schonn ofgebottert an dann ass net méi driwwer geschwat ginn.

(**Interruption**)

Esou ass et gaangen!

(**Interruptions diverses**)

Esou ass et gaangen an all deenen... An dofir soen ech, eis Alternativen...

(**Interruptions diverses**)

Wann Der mech elo nach fënnf Minutten hei schwätze loosst, kommen och déi op den Dësch. A muer wäerten eis Riedner och mat enger ganzer Rei Amendemente kommen. Mir hätten déi gär aux yeux de tout le monde explizéiert. Mir géife gär hei an der Chamber, am Plenum driwwer schwätzen. A mir wëllen net...

(**Interruptions diverses**)

...an de Kommissiounen...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- ...mir wëssen...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), *rapporteurice*.- ...ëm den Zukunftspak gaangen?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift, wann ech gelift, wann ech gelift!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Déi zweet Saach, do muss ech soen...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), *rapporteurice*.- Ass et ëm den Zukunftspak...?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Kommt, mir ginn awer elo dem Riedner d’Geleeënheet, fir...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- An ech wëll lech awer och soen...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ...seng Ried virzedroen. Mir hunn esou vill Riedezäit, dass jiddwereen all Facettë ka beliichten. Et si konkret Froen un den Här Wiseler gestallt ginn, en ass amgaang, se ze beäntweren.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Déi Éischt ass beäntwert. Déi Zweet, déi ass och ganz kloer. Ech muss soen, wann ee schafft, politesch schafft, da muss ee jo eng Programmation maachen. Dir frot, firwat mer eng Pressekonferenz zu enger gewëssener Zäit gehalen hunn. Mä ech muss soen, mir haten déi programmiert, déi war erausgeschéckt!

A wann ech kucken, wéi den Horaire vun de Finanzkommissiounen war, wéi oft dee changéiert huet an deene leschte 14 Deeg, wéi oft nei Datum fixéiert goufen, wéi oft mer um aacht Auer komm sinn, fir all deenen Dëngen... Et

kann een net ëmmer alles ofsoen, fir ze sprangen, esou wéi Dir et gär hätt!

(**Brouhaha**)

Mir hunn eis Aarbecht duerchgefouert a mir hunn eis vill Méi ginn, fir déi Flexibilitéit ze hunn, fir an all deene Kommissiounen, wou et nëmme gaangen ass, do ze sinn, a mir ware quasiment an alle Kommissiounen do, zu fënnf. A wann emol Leit net do waren, hu mer se, wann et nëmme gaangen ass, och ersat. Dir kënnt eis net reprochéieren, net präsent gewiescht ze sinn, net matgeschafft an diskutéiert ze hu mat lech an deene Kommissiounen. Well dee Reproche akzeptéieren ech net!

E puer weider Remarquen, déi ech gär géif maache par rapport zu deene Spuermoossnamen, déi 2014 gemaach gi sinn, an zu deenen Explikatiounen, déi 2014 gi gi sinn. 2014 waren am Fong dräi Zorte vu Spuermoossname gemaach ginn. Déi Éischt, dat war déi vun den Investitiounen, déi ëm 137,2 Milliounen sengerzäit erofgesat gi sinn. Ech stelle just fest, an ech kommentéieren et elo net, datt mer dëst Joer net 137 Milliounen erfroen, mä deen anere Wee an der Investitiounspolitik ginn - dont acte! - vun engem Joer zum aneren.

Zweetens stellen ech fest, datt d’Frais de fonctionnement, wou mer d’lescht Joer, an ech hunn dat scho gesot, datt mer eng Baisse réelle wollt feststellen oder d’Majoritéit déi wollt feststellen 2014 par rapport zu dem Budget 2013, datt mer elo a „politique courante“ déi ganz Diskussioun féieren. Och do sinn déi grouss Prinzipien, déi d’lescht Joer ugekënnegt gi sinn, abandonnéiert ginn.

Drëttens ass gespuert ginn d’lescht Joer un de Personalkäschten. Et ass eis gesot ginn: „Mir ginn néng Milliounen manner aus, well mer 150 Leit manner astellen.“ Dat war déi grouss Spuermoossnam d’lescht Joer! Mir hunn d’lescht Joer gesot: „Mä déi 300, wou kommt Der drun? Dir stellt der jo awer nach 150 an. Et ass jo net, datt Der der 150 manner...“. Do ass eis gesot ginn: „Dat ass par rapport à la politique constante.“ An d’Politique constante vun den Astellungen ass op 300 chiffréiert ginn, an Dir hutt der d’lescht Joer nëmme 150 ageallt.

Elo kucken ech déi Spuermoossnam vum leschte Joer: Wat geschitt dann dëst Joer mat där Spuermoossnam? Do ass et net nëmme, datt Der - politique courante - 300 Leit astellt, mä do sidd Der dëst Joer op 370 Leit gaangen, déi nei ageallt ginn. Ech wëll just feststellen domat, datt déi Kohärenz vun deene Politicke par rapport zu engem Joer an zu deem anere Joer awer relativ fragwürdeg ass, esou wéi se hei dohinnergestallt gëtt an esou wéi se hei...

Dobäi hunn ech näischt dergéint, wann nei Poste (veuillez lire: nei Leit) mussen ageallt ginn, well ech mengen, datt et mat der Evolution vun eise Stat a vun de Missiounen, déi eise Stat huet, duerchaus noutwendeg ass, datt fir eng Rei Administratiounen, ob dat elo d’Police ass oder ob dat den Enseignement ass oder ob dat anerer sinn, datt genuch Leit mussen do sinn, fir de Missiounen gerecht ze ginn.

Ech soe just, datt mat den Aussoe vum leschte Joer, wou Der grouss ukënnegt, mir spueren, 150 Leit manner ginn do ageallt, an mat deene vun dësem Joer, wou Der vun 150 Neiastellungen op 370 eropgitt, awer d’Konsequenz vun den Duerstellungen net gehalen ass.

(**Interruption**)

Den Här Kersch wëllt eppes soen.

(**Interruption**)

Den Här Kersch wëllt näischt soen! Et ass gutt. Okay.

Da wollt ech eng Rei Piste soen, an déi ginn nach muer prezisiéiert, wou mer mengen, datt ee sollt aner Politicken ousetze fir déi nächst Joren. Mir mengen, datt d’Regierung an deenen Investissementer, déi se 2015 virgesäit, wou se ganz staark an d’Luucht geet, vu 1.537 oder vun 1,5 Milliounen (veuillez lire: 1,5 Milliarden) op eppes méi wéi 1,7 Milliounen (veuillez lire: 1,7 Milliarden), an e ganz héijen Taux d’investissement, dee scho ganz héich war an deene leschte Joren, nach an deem nächste Joer wesentlech méi héich mécht, mir stellen eis do d’Fro, ob d’Administratiounen reell d’Capacitéit hunn, fir dat ëmzesetzen, wat haut als Méiglechkeet an deem extrem héijen Taux d’investissement, deen elo dosteet, ugi gëtt.

Mir stellen elo fest - dat waren déi lescht Zuelen, déi ech hunn, déi vläicht geännert hunn -, datt am September 2014 par rapport zu September 2013 den Emsetzungsstaux vun den Investissementer an der Formation de capital, pardon, an dem Transfert de capital 15% ënnert deem läit, wat en 2013 war. Dat heescht, datt déi Capacitéiten oder déi Méiglechkeeten, déi fir 2014 geplangt sinn, momentan iwwerhaupt net ausgenotzt sinn, well d’Administra-

tiounen an där grousser Aarbecht, an där guder Aarbecht, déi se maachen, net nokommen, fir dat ze maachen. An datselwecht ass bei der Formation de capital, wou mer 5% ënnendrenner leien.

Mir wäeren der Meenung gewiescht, datt een deen héijen Taux d’investissement, dee mer an deene leschte Joren haten, zwëschen 2011 an 2014, dee sech op ronn 1,55 Milliarden Euro beleeft, datt een deen hätt sollen an deenen nächste Jore weiderschreien an domat ronn 200 Milliounen manner aschreien als Dépense fir d’nächst Joer.

Mir sinn der Meenung, datt een hätt sollen eng Augmentatioun vum Impôt foncier an deenen nächste Jore bei de Gemenge virgesinn, well dat hätt an eisen Aen zwou Saachen erreicht: Éischtens hätt et, well dat jo an d’Keess vun de Gemenge geet, zu engem Deel déi Propositionen kompenséiert, déi vun der Regierung gemaach sinn, wat d’Gemegefinanzen ugeet, op där enger Säit, an et hätt eis erlaabt, op där anerer Säit ze garantéieren, datt eng Kontinuitéit vun de kommunalen Investissementer hätt kënne weidergefouert ginn. Well mer och do mengen,...

(**Interruption**)

...datt eng gréisser - loosst mech vläicht dee ganze Pak do explizéieren -, well ech do mengen, datt eng gréisser Capacitéit ausfällt, a well dat dat, wat mer op der Investitiounssäit op där enger Säit manner ausginn hätten, vläicht op der Gemengesäit - den Équilibre - équilibréiert hätt.

Mir sinn der Meenung, datt een eng Rei Dépenses, déi d’Regierung virgesinn huet fir déi nächst Joren, net hätt solle maachen. Wat fir eng Dépense sinn dat?

Mir sinn der Meenung, datt een déi Gratuitéit vun de Crèche fir Kanner vun engem bis dräi Joer, déi elo an de Budget drageschriwwen ass, net hätt solle maachen. Mir sinn der Meenung, datt een déi Efforte fir d’Mise en place, fir d’Konstruktioun, fir de Coût d’exploitation vun neie Crèchen a ganz grousser Zuel fir déi Kanner vun engem bis dräi Joer an dësem Moment net hätt solle maachen, mä d’Allocation d’éducation hätt weider solle bestoe loosse.

Mir sinn der Meenung, datt een dat Konzept vun dem bilinguale Crèchesystem, wou een d’Kanner schonn à partir vun zwielef Joer an e System setzt,...

► **Une voix**.- Zwielef Méint.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Vun zwielef Méint, pardon!

...an e System setzt, wou se en Apprentissage vu Sproochen da sollen duerch Immersion léieren, datt dat vum Pädagogeschen hier Objektiv sinn, déi an eisen Aen net sënnvoll sinn, well se a sech an der Kontinuitéit vun eise Education-nationales-System net bis zum Schluss kënne duerchgefouert ginn. Och déi Dépenses hätte mer an deenen nächste Joren net gemaach.

Mir kënne net chiffréieren, wat déi Dépenses ausmaachen, déi net gemaach ginn (veuillez lire: net sollte gemaach ginn). Mä Dir kënnt och net chiffréieren, wat se dann ausmaachen, wann Der se macht! Mir ginn dovunner aus, vu datt dat ëmmer esou annoncéiert ginn ass, datt e groussen Deel vun deene supplémentaire Rentréeën, déi vun der 0,5%-Steier kommen - déi dann elo méi kommen, 80 Milliounen -, datt e groussen Deel dovunner benotzt gëtt, fir déi Mise en place vun deem System ze maachen. Mä definitiv kënne mer et net soen.

En matière vu Sozialpolitik a vu Familljepolitik ass dat Konzept vun eis, wat mer wëllen entwëckelen, e Konzept, wou een net un d’Prestations familiales eleng sollt, eleng ka goen, well mer dee ganze Mix vu Prestatiounen, vu Steierreform, vu Boni pour enfants, vu Subventionen vum Logement gär verbonnen hätten, well et eis sënnvoll schéngt, déi verschide Prestatiounen, déi eng Famill ka kréien, esou mateneen ze analyséieren, datt, wa mer Reduktiounen musse maachen - a mir gesi jo och an, datt et net oui Reduktiounen geet -, datt een déi awer an deem ganze System esou ka verdeelen, datt se gerecht kënne verdeelt ginn.

Mir sinn zum Beispill der Meenung, datt, wann een d’Abattementer och iwwerkuckt, datt esou Abattementer wéi Bausparvertrag an ähnlecher, déi elo momentan haaptsächlech déi Familljen avantagéieren, déi a Steiere bezuelen, an net déi avantagéieren, déi keng Steiere bezuelen, datt een déi an deenen nächste Méint roueg kann a Fro stellen, diskutéieren an ewechhuelen.

Mä mir hätten e System en place gesat, deen e Mix vun deene verschiddene Politicke wär, deen awer dohinner gaange wär, fir a sech dat, wat muss gespuert ginn, net just op 8.000 Familljen - well dat ass et jo haut: 8.000 Familljen, déi eng Allocation d’éducation kréien -, op

deenen hire Schëlleren total ausdroen ze loosse. An do deet et dann deene Famillje richtig, richtig wéi! Mä, wa mer déi Spuerforten oder déi Efforte vu Solidaritéit, wéi Der se nennt, gemaach hätten, dann hätte mer se gär iwwert d’Prestations familiales, d’Steieren, d’Subventions vum Logement, de Boni pour enfants esou verdeelt, datt se net op 8.000, mä 106.000 Famillje sech verdeelt hätten, respektiv op 184.000 Kanner, soudatt jiddwereen e weénege zu deem Effort bäigedroen hätt.

Wann ee muss en Effort maachen, dann ass eis Konzeptioun, datt jiddwereen e weénege muss do bäidroen an datt net just eng prezis Tranche vu Kanner respektiv vun Elteren déi ganz Laascht vum System muss droen.

Mir sinn des Weideren der Meenung, datt ee bei den Allocations de rentrée scolaire hätt kënnen iwwerleeën, se ze ersetzen duerch Prestations en nature.

Mir sinn der Meenung, datt ee sécherlech eng Optimisation vun de Chèques-services ka maachen, well - an ech mengen, d’Madame Jacobs an den Här Spautz hunn och sengerzäit e Gesetzesprojet déposiert, fir dat an de Grëff ze kréien -, well mer mengen, datt déi Familljen, déi vill verdéngen, och an dem aktuelle System vun de Chèques-services eng méi grouss Kontributioun kéinte maachen.

Wann ee vun der Gläichstellung vun de Kanner schwätzt, da si mer der Meenung, datt een hätt kënnen driwwer diskutéieren, eng Gläichstellung vum éischten a vum zweete Kand ze maachen. Mir sinn awer net der Meenung, datt een dat drëtt Kand soll do mat considéréieren, aus deem Risk vun der Pauvreté, dee sech bei grousser Famillje méi stellt wéi bei anere Familljen.

An dat ass an eisen Aen, Här Fayot, sécherlech keng natalistesche Politik. Mä dat ass an eisen Aen eng Politik, déi évitéiert, datt de Risque de pauvreté bei grousser Familljen an d’Realitéit antrëtt, datt aus dem Risk eng Realitéit gëtt.

A wann déi Alternativ fir lech net gutt ass, dann hätte mer eis kënnen imaginéieren, datt, wann ee wëllt dee System esou duerchsetzen, wéi Der en durchsetzt, eng Allocation spéciale pour famille nombreuse geschafe gëtt, déi déi Famillje kréien, déi finanziell Schwieregkeeten hunn duerch de Fait, datt se vill Kanner hunn, an deenen domat zousätzlech ënnert d’Aerm gegriff gëtt.

Mir hätten déi ganz Diskussiounen do, ier mer definitiv Décisiounen...

(**Interruption**)

Ech maachen de Saz nach fäerdeg, an da sinn ech fäerdeg an da kënnt Der déi Froe stellen, déi Der wëllt.

Mir hätten déi ganz Diskussioun, ier mer definitiv Décisiounen domadder geholl hätten, awer au préalable ganz gär mat de Sozialpartner duerchdiskutiert, fir ze kucken, deen Équilibre erauszefannen, dee fir jiddwereen, fir déi eng an déi aner, fir d’Regierung a fir d’Parlament am sënnvollste gewiescht wär.

Ech maachen duerno nach meng Konklusiounen, mä den Här Fayot wollt awer doriwwer eng Fro stellen, dofir, Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Selbstverständlech, wann Dir d’accord sidd!

► **M. Franz Fayot** (LSAP), *rapporteur*.- Merci. Ech wollt dem Här Wiseler just soen, dass déi zousätzlech Suen, déi ee kritt fir en drëtt Kand, net schrecklech vill änneren, wann Der d’Ziffer kuckt. Den Aarmutsrisiko geet domat net erof.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech hunn lech awer d’Ziffer virdru genannt, déi eng Famill manner huet, wann Der dat do ëmsetzt. Dat sinn awer bis zu 5.000 bis 6.000 Euro pro Famill d’Joer, wa se dräi Kanner huet.

(**Interruption**)

Ouni d’Allocation d’éducation. Mat der Allocation d’éducation sinn et der 7.000 bis 10.000. Also, a menger Ried fannt Der se erëm. Dat sinn awer fir mech vill Suen! Wirklech vill Suen. Domat évitéiert Der awer e Risque de pauvreté!

(**Interruption**)

Do si mer enger anerer Meenung!

► **M. Franz Fayot** (LSAP), *rapporteur*.- Un de Statistiken ännert et näischt!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Sou, ech kommen zu mengem Ofschluss, andeem ech mat deem ofschléissen, wou den Här Fayot dermat ugefaangen huet. Ech hunn et nämlech, Här Fayot, ganz besonnesch fonnt, datt Der Är Ried



ugefaangen hutt mat enger Citatioun - vum Robert Krieps, dat ass normal, dat ass ee vun Äre Standarden -, mä awer och vum John Rawls, wat manner normal ass, well den John Rawls awer als Harvard-Professor haaptsächlech e Conseiller sengerzäit vum Bill Clinton war, dee sech éischter als liberalen - enfin, am amerikanesche Sënn zwar liberalen - Philosoph astuift, deen eng Theorie vun der Justice...

(Interruption)

Jo, ech wollt dorobber kommen!

...vun der Justice politique duerstellt an deen am Fong eng - esou soe se op jidde Fall - Alternativ zum Sozialismus an zu dem traditionelle Liberalismus an eng Mëschung dozwëschen duerstellt.

Et huet mech gewonnen, datt Der just deen als Beispill zitëiert hutt. Mä et huet mer awer gutt gefall, muss ech soen, Här Fayot! Well dat, wat den Här Rawls seet, a sech och eppes ass, wat sënnvoll ass. E schwätzt am Fong vun enger Fairheet fir jiddwereen individuell. Ech hunn e weéneeg Problemer mat deem System vun dem Individualismus, deen en duerstellt. Mä sai Fairheetsprinzip ass schonn eppes, wat ech duerchaus kéint deelen. Ech gesinn d'Fairheet méi an der Solidaritéit wéi am Individualismus, wéi hie se hei gesäit.

Mä ech fannen awer: Niewent dem Zitat entsprécht de Budget - esou wéi en hei déposéiert ginn ass, also esou, wéi mer e virleien hunn - awer guer net deene Prinzipien! Well ech fannen, datt dee Budget am Fong zwou Saachen ass: Et geet net hei ëm e generelle Fairheetsprinzip, et geet ëm 258 Moossnamen, déi duerjernee sinn, déi Beamten zesummege-sat hu just mat der Fro: Wat kënnen mer sträichen? Oder: Wou kréie mer méi Suen eran? An haaptsächlech déi lescht Fro war déi, déi gezielt huet, mat engem heiansdo kontradiktore-sche Resultat zwëschen deenen engen an deenen anere Moossnamen.

Deen eenzege klore Paradigmewissel, deen do ass, dat ass deen an der Familljepolitik. A mat deem kënnen mir als CSV sécher net liewen! Aus all dëse Grënn an aus nach ganz villen anere wäert d'CSV dëse Budget net stëmmen!

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Wiseler. Nächste Riedner ass den Här Eugène Berger fir d'DP.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här Président. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Abrëll dëst Joer hat ech de Point gemaach zu der Finanzsituatioun hei zu Lëtzebuerg. D'Konklusiounen waren dunn als Budgetrapporteur am Abrëll, datt, wa mer näischt géifen un eise Politicken änneren, dann hätte mer am Joer 2018, hätt Lëtzebuerg am Joer 2018 en Defizit vun 1,1 Milliard Euro. Dann hätte mer eng Schold vun iwwer 16 Milliounen (veuillez lire: Milliarden) Euro. All Joer misste mer iwwer 330 Milliounen Euro Scholdzënse bezuelen. Mir hätten dann en negative Solde structurel. Mir géifen also och déi europäesch Kritäre vum Stabilitéitspakt net erfëllen.

E Budget, dee weider am Déséquilibre ass, e Budget, deen e Budget vu Scholdemécher ass, esou e Budget, wéi mer e geierft hunn, dës Koalitioun: Wat géif dat heeschen? Dat sinn net nëmmen Zuelen. Dat géif heeschen, datt mer manner Moyenen hätten, fir en uerdentlech funktionéierende Sozialstat ze garantéieren, datt mer deene Jonke keng Perspektive méi kéinte ginn ausser deene vun där „génération remboursante“, wéi de fréiere Premier dat selwer genannt huet, datt mer eigentlech kengem méi hei zu Lëtzebuerg kéinten Zukunftschancë bidden.

Ech kann Iech soen: Dës Koalitioun, déi wëllt dat net! Dës Koalitioun, déi wëllt, datt zu Lëtzebuerg jiddwereen nach Zukunftsperspektive wäert hunn, och 2018. Duerfir iwwerhëlt dës Koalitioun hir Verantwortung. Duerfir mécht dës Koalitioun eng aner Finanzpolitik. Duerfir leet dës Koalitioun och strukturell Reformen an d'Weeër, wou och d'sozial Selektivitéit wäert am Vierdergrond stoen.

An deem Esprit huet d'Koalitioun de Budget 2014 opgestallt, wou mer éischt Efforte gemaach hunn op der Dépensésäit, an an deem Esprit fiert dës Koalitioun mam Budget 2015, mam Zukunftspang, weider!

An ech wëilt hei och wirklech deenen zwee Rapportere, dem Franz Fayot, deen och dëst Joer zwee Rapporten huet misse maachen, well jo och de Pluriannuel derbäikomm ass, an dem Viviane Loschetter fir den Zukunftspak, e grouse Merci ausschwätzen. Si hu wirklech

ganz gutt Aarbecht geleescht. Et war eng Freed, mat hinnen ze schaffen, a mir waren och ëmmer prett, fir à tout moment - well als Deputéiert si mer supposéiert, fir à tout moment sollen eis Aarbecht ze maachen am Intérêt vum Land - mat hinnen an der Kommissioun ze schaffen.

Här Président, haut, ronn siwe Méint méi spéit, hu sech d'Welt an dat finanziell an ekonomesch Ëmfeld net wesentlech geännert! De Budgetsrapporteur 2015, de Franz Fayot, huet dat gëschter nach eng Kéier ganz daitlech illustréiert mat den Zuelen. Et muss een also éischter dovunner ausgoen, datt d'Situatioun nach méi ugespaant wäert ginn.

Wann een och kuckt, am Fréijoer si mer nach vun engem Wuesstum ausgaangen - dat waren Zuele vum Statec, mir referéieren eis op déi Zuelen - vun 3,1% an 3,2% fir 2014, 2015. Ech hat deemools vun engem klengen „Sonnenstrahl“ geschwat, deen eis de Réck géif wiermen. Déi Prognosen hu sech eigentlech net bestätegt. Mir hunn déi lescht Prognosen - Statec a Banque centrale -, an déi weisen eben no ënnen, elo geet rieds vun 2,2%.

Mir hunn aner Saachen, déi mer mussen berücksichtigen, wéi zum Beispill den Trend bei de Recetten aus deem, wat een esou nennt den „Tanktourismus“. D'Akzisen um Bensin an Diesel, déi weise weider no ënnen.

D'Recetten aus der TVA vum E-Commerce: Ech mengen, et ass méi wéi definitiv, datt mer déi - bis 2018 iwwer eng Milliard mëttlerweil, gëtt héichgerechent - verléieren.

Dann d'Affär LuxLeaks: Ech mengen, et ass kaum ofzegesinn, wat dat fir Effete wäert hunn op d'Recettë vum Stat, op den Aarbechtsmarché an esou weider. Ech géif éischter dovunner ausgoen, datt et sécherlech net nach méi positiv Effeten huet. Ech wëll awer hei och soen, datt déi nei Démarche, déi d'Regierung hei aschleift, mat Transparenz zum Beispill, mat dem Comité de décision, mat all deenen Elementer, déi mer och gëschter presentéiert kruten an der Cofibu, datt dat dee richtige Wee ass.

Här Président, et war säit Jore gewosst, datt mer e seriöse Budgetsdéséquilibre hunn, datt mer an engem Risiko vun der Scholdefal sinn, datt den E-Commerce wäert ewechfalen, an och méi wéi ee Budgetrapporteur huet an der Vergaangenheet drop higewisen - et setzen der jo nach déi eng oder aner hei op der rietser Säit vu mir.

Mä wat ass geschitt? Et ass näischt geschitt! Ech hat d'lescht Kéier an enger Ried de Marc Spautz zitëiert, dee gesot huet: „Jo, mir hunn eis ageduckt. Mir hu gehofft, et géif eriwergoen!“ Si hu vum Prinzip Hoffnung gelieft.

Ech kann Iech just soen, dës Regierung, déi huet hir Verantwortung iwwerholl! Dës Regierung, dës Koalitioun huet och politesche Courage gewisen. Dat muss een och hunn, fir eben endlech noutwendeg Décisiounen ze huelen.

An ech ka wirklech nëmme soen: Endlech! Well déi lescht Joren, dat waren déi vum Laissez-faire, vum Opschuppen, vum Näischtsmaachen, vu keng Responsabilitéit huelen. Dat war d'Politik, d'Finanzpolitik vun der CSV. Domadder ass eist Land net virukomm.

An den Här Wiseler huet jo méi wéi eng Kéier haut d'Meenung oder den Avis vun der Banque centrale zitëiert. Ech hunn och elo grad dann nach eng Kéier schnell nagesicht - am Zäitalter vum Internet geet dat -, do war zum Beispill och de fréiere Präsident vun der Zentralbank vu Lëtzebuerg 2010. Deen hat och eppes ze soen, wéi e gefrot ginn ass, wéi en dann och fir d'Regierung e méi sënnvollt Spuerkonzept fir Lëtzebuerg géif gesinn respektiv wéi ee Lëtzebuerg géif aus dem Budgetsdéséquilibre erauskréien. Dat war am Joer 2010, do seet dann de fréieren Direkter vun der Banque centrale un d'Adress vun der CSV, haaptsächlech vum Finanzminister: „Das Sinnvollste wäre, wenn eine Regierung auch regiert.“ Dat ass eigentlech och e schéine Résumé vun deem, wat an deene leschte Jore geschitt ass, firwat datt mer an där Situatioun dann elo sinn.

Dobäi gouf et jo awer anscheinend och eng Lëscht vum Här Frieden, déi awer erëm am Ti-rang verschwonnen ass, wou deen eng Rei Iddien anscheinend hat, fir endlech ze agéieren. Anscheinend geet do rieds vu Reduzéierung vu Congé, Sträiche vu Geldleeschunge fir Pensionnairen. Ech hunn déi Lëscht net gesinn, mä dat ass dat, wat een do esou héiert. Ech mengen, haut, ech weess et net: Wëllt d'CSV näischt méi vun där Lëscht wëssen? Et schéngt esou ze sinn. Op alle Fall...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et gëtt och eng Lëscht, Här Berger, vu 500 Spuermoossname vun der Regierung, déi mir och net gesinn hunn!

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.** - Déi läit um Dësch!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Déi leien all um Dësch.

Här Président, jiddwereen, jiddweree war gespaant, wat dann elo d'CSV an der Opposition - do ka se jo wirklech ganz CSV sinn, do muss se no kengem Koalitionspartner kucken, do ka se wirklech dat weisen, wat se als CSV ass -, also jiddwereen huet gespaant do bei där CSV elo drop gewaart, wat fir eng Virschléi se dann elo géif bréngen, fir d'Land erëm fit ze maachen, fir mat unzepaken!

Ufanks Oktober huet den Här Wiseler an engem RTL-Interview gesot: „Ech soen Iech, wann de Budget bis do ass,...“ - de Budget war de 14. Oktober hei am Parlament -, wann dee bis do ass, „...kritt Der all méiglech Amendementen an da kënnen mer doriwwer schwätzen.“

(Interruption)

Här Président, haut si mer de 17. Dezember! Bis haut, bis elo, bis 15 Auer 30 ass nach ëmmer näischt do! Näischt ausser Pressekonferenzen, wou mat bëllegen, awer wirklech mat bëllege Schlagwierder operéiert ginn ass, nach näischt!

(Interruption)

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Do hutt Der net nogelauschtert, wat ech virdru proposéiert hunn!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Ech hunn elo héieren, datt muer anscheinend dann Amendementen déposéiert ginn.

Här Président, ech muss soen, am Kader vun esou wichtege Debatten, vun deem wichtigste Gesetz aus dem Joer, bei engem Budgetgesetz, op déi Aart a Weis virzegoen, datt dann de Fraktionsspriecher et emol net nach fäerdegbréngt, hei weinstens d'Amendementen emol nidderzeleeën, fir datt mer se och kënnen kucken nach an deenen nächste Stonnen, ech fannen, datt ass wirklech eng...

► **Une voix.** - Oh!

► **M. Eugène Berger (DP).** - ...onwahrscheinlech Aart a Weis, dat ass wirklech... Esou geet een net mat engem Parlament ëm!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dir sidd awer wirklech romantesch mat Ärem Kucken!

(Hilarité)

► **M. Eugène Berger (DP).** - Dat ass kee Respekt virun engem Parlament! An Dir wësst och ganz genau...

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Dir wësst och ganz genau, datt mer an där Prozedur, wou mer sinn, de Budget mussen virun dem Dezember oder virun Enn Dezember gestëmmt hunn. Dat do ass eng Aart a Weis... Dir wësst, wann Der wëllt Amendementen erabréngen, misst Der dat éischter bréngen, datt déi och nach eng Kéier kéinten de Wee bei de Statsrot maachen an zréck. Dat do ass wirklech den „Bluff“! Dir hutt eng Pressekonferenz gehat: den „grousse Bluff“ vun der Majoritéit. Wat Dir opféiert, dat ass en „grousse Bluff“, Här Wiseler!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dir stëmmt jo souwéisoen Äre Budget, esou wéi Der e wëllt! Awer Dir respektéiert jo souwéisoen net, wat mer géifen hei als Iddie bréngen.

(Exclamations)

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här Président, den Här Wiseler hat dach um RTL gesot, si bréngen „all méiglech Amendementen“ eran. Ech huelen un, datt dat wahrscheinlech „Egal-wat-Amendementen“ sinn, wat een dorënner ka verstoen. Ech mengen, et ass wirklech eng Aart a Weis, déi net akzeptabel ass.

An da gëtt gesot, mir hätte jo awer och..., wéi se en Amendement erabruucht hunn oder Amendementen erabruucht hu bei de Studentensubsiden, datt dat och ofgewise gi wier. Do hutt Der genau datselwecht gemaach!

Well éischters muss ech elo soen: Wien huet dee ganzen Dossier vun de Studentensubsidie versaut gehat? Dat waren net mir! Dat war déi Virgängerregierung, an déi hat och nach iwwer zwee Joer Zäit, fir Solutiounen ze fannen, se huet näischt gemaach.

Wéi dunn de Rapport an der Kommissioun ofgestëmmt war, dono sidd Der komm mat engem Amendement - wou Der Iech vläicht och derfir geschummt hutt, duerfir hutt Der en dann zum Schluss bruecht -, esou datt mer keng Geleeënheet méi gehat hätten...

Wann Dir gutt Amendementen gehat hätt, hätte mir déi gären an der Cofibu vum 15. Oktober un all diskutéiert! Mir hätten nach zousätzlech Réuniounen gemaach, fir déi all kënnen ze diskutéieren. Mä dat do ass eng Taktik, déi ass einfach net an der Rei,...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mä Dir déci-déiert awer, wat gutt a schlecht ass.

► **M. Eugène Berger (DP).** - ...wéi Dir do virgitt.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Une autre voix.** - Oh, Här Berger!

► **M. Eugène Berger (DP).** - An dann déi Amendementen, déi dann also elo muer kommen: Hu mer do eng Fiche financière derbäi? Wësse mer, wat do de finanziellen Impakt dann ass? Geet dat dann an déi Richtung, datt mer manner Verscholdung hunn? Kréie mer mat deenen Amendementen dann de Budgetséquilibrium hin?

Ech si wirklech gespaant drop, op déi Amendementen, fir déi awer kënnen ze kucken! Ech weess just: Eise Budgetsvirschlag, deen huet déi europäesch Hürd, deen huet zu Bréissel den Exame gepackt!

Dir hutt zwar virdru gesot, mir géife vill Bluff maachen, mat Zuelen hin- an hierartikuléieren. Ech weess just - an dat ass dat, wat fir mech wichteg ass -, Bréissel huet dem Finanzminister, der Regierung eng bonne Note fir den Exame ginn. Ech weess net, wéi dat wier, wann dat mat iergendwellechen Amendementen wier, déi mer hei nach ëmmer net virleien hunn!

Ech hu just dauernd haut de Mëtten héieren, wat d'CSV net mécht. Wat se net mécht! An der Tradition weider, wat mer déi lescht Wochen a Méint héieren: Neen, neen, neen! Wann een d'accord ass, datt een de Budget soll an den Équilibrium kréien, da soll ee wann ech gelift och hei Solutiounen matzäit op den Dësch leeën.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech mengen, Dir hat Är Ried virdru geschriwwen an Dir hutt net gelauschtert, wat...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här Président, ech stelle fest, datt d'CSV bis elo keng seriö Al-ternativen op den Dësch geluecht huet. Dir hutt just Nee gesot. An ech muss Iech wirklech soen: Ënner konstruktiver Oppositionspolitik, Här Wiseler, verstinn ech eppes aneschtens. Vlächtsidd Der nach net laang genuch an der Opposition, fir dat ze verstoen.

(Interruptions)

Ech wëll Iech just un d'Ausso vun Ärem fréiere Fraktionschef erënnern, dem Här Jean-Claude Juncker, dee praktesch virun engem Joer hei dat als Fraktionschef gesot huet, ech zitëieren en: „D'CSV wäert net einfach eng stupid Kritik maachen. Mir wëllen eng konstruktiv Opposition maachen.“ Wann ech gelift, lauschtert dann och eng Kéier op Äre fréiere Fraktionschef, fir datt Der dat dann och endlech wäert maachen! Dir maacht eng Politik, dat ass Chaos, Bluff an och eege Widderspréch! Ech weisen dat un engem Beispill, Här Président.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Här Président, ech wëll awer just den Här Berger froen - wann e seet, de Mann vun der konstruktiver Opposition, deen hien déi lescht zéng Joer war -, wéi vill Amendementen Der am Budget an deene leschten zéng Joer, Dir als DP, bruecht hutt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Wéi vill hutt Dir der bruecht? Null! Null! Zéng Joer laang!

(Brouhaha général)

► **Une voix.** - Dir hutt och keng bruecht!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här Président...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Haalt mir keng Lektionen hei, wann ech gelift!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här Président, d'CSV, déi ëmmer de groussen Usproch hat, déi 20 Joer an der Verantwortung war oder méi laang Joren an der Finanzpolitik, bei där kann een dovun ausgoen, datt déi mat deene Moyenen, déi se huet, do konstruktiv Virschléi hätt kënnen erabréngen, well se eis dauernd gesot huet, wéi si et géif aneschtens maachen. Mir hunn och - a kuckt dat no - vlächtsidd net ëmmer Amendementen erabruucht, mir hunn awer weinstens an eise Riede gesot, wat mer géifen aneschtens maachen. Mir hunn an eise Riede gesot...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ma da musst Dir och vlächts eis Rieden emol nolauschteren, Här Berger!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Mir hunn an eise Rieden ëmmer kloer gesot, dat kënnst Der noliessen, wéi mir et géifen aneschtens maachen. An dat, wat wichteg ass: Mir maachen et elo aneschtens! Dat ass dat, wat zielt. An domadder kréie mer de Budget an den Équilibrium.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift, elo huet just den Här Berger d'Wuert an en adresséiert sech un d'Chamber.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo, nach just, fir ee Widdersproch vun der CSV ze illustréieren mat engem Beispill: Jorelaang, säit 2009, huet de Premier himself hei op der Tribün gesot bei sengem État de la nation, datt d'CSV an dann déi deemoleg Regierung, awer als Garant den



deemolege Premierminister, datt si wëllten d'gratis Kannerbetreuung aféieren. Knapps war dann de fréiere Premier Jean-Claude Juncker zu Bréssel, da liesen ech an CSV-Bliedercher an dann héieren ech d'Madame Hetto dat soen, datt dat eigentlech dee falsche Schrëtt wier, datt een net soll an déi Richting goen, datt d'Frae léiwer a besser hunn, doheem ze bleiwen. Dat aus dem Mond vun der fréierer Ministesch vun der Egalité des chances. An den Här Wiseler, deen huet dat jo och nach elo grad virdrun hei bestätegt, wéi e gesot huet, dat wier net de richtege Wee. Ech kann lech just soen, dat ass net eis...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Also, wann Der dem Här Juncker säi Saz fäerdeg gelies hätt, hätt Der gelies, datt e gesot huet: „...wann d'finanziell Situatioun et erlaabt.“ An ausserdeem war et déizäit net d'Fro vun der Gratisbetreuung vun eent bis dräi, mä et war d'Fro vun der Schoulbetreuung, déi niewent de Schoule géif lafen. Dat ass eng ganz aner Diskussioun! Wann Der alles verméscht, kënnst Der alles behaapten!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, et war genau datselwecht. Dir hat eng Virgab. Dir hutt lech virdrun gutt Saache virgeholl, Dir hutt se ni realiséiert, och ni gekuckt, wéi een dat ka maachen. Mir maachen d'Saachen!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, de Budget...

(*Interruptions*)

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dat gesi mer, ob se an engem Joer steet, well do zweifelen ech nach drun!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Zwëscheriff si jo gutt, mä si sollen net Iwwerhand huelen.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Jo, et ass e bëssen...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Berger, fuert elo wann ech gelift weider. An, Här Gibéryen, den Här Berger brauch keen Echo!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Passt just op mat den...

(*Hilarité*)

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Här President, de Budget 2015 ass dee vun der Verantwortung. Dat, fannen ech, ass e ganz flotten a gudde Leitmotiv, Slogan vum Budgetsrapporteur gewiescht, well effektiv ass dee Budget, och den Zukunftspak, geprägt vun der Verantwortung. A wat mer mat deem Budget an deem Zukunftspak gemaach hunn, dat muss ech och soen, dat war batter néideg. An dat ass awer och, ouni eis sozial Acquisen a Fro ze stellen!

An dat war guer keen esou einfachen Exercice, besonnesch wann ee weess, datt mer jo iwwert dëst Joer, also d'nächst Joer, 2015, eleng iwwer 600, bal 700 Milliounen Euro bei der TVA am elektronische Commerce musse kompenséieren. D'Chargen, d'Efforte sinn équilibréiert verdeelt ginn tëschent Entreprises-Bierger, tëschent Stat-Gemengen.

Duerfir ass dee Budget oder deen Zukunftspang och sécherlech e solidareschen Effort an der Gesellschaft. Et ass wierklech keng eesäitig Belaaschtung. Et gi vill kleng Moossname geholl, fir eise Budget bis 2018 an den Équilibre ze kréien, ouni, wéi gesot, datt déif gräifend Aschnëtter komm sinn.

An dat ass jo och dat, wat ech ënner engem Zukunftspak verstinn. Dat war och eng vu menge Konklusione beim Budgetsrapport 2014, de Schluss, wou ech gesot hunn: All déi kleng Efforten zesumme maachen dat grousst Ganz. An duerfir ass et dat, wat och wichteg ass, et ass net nëmmen en „Zukunftspak“, mä et ass och en „Zukunftspakt“, wéi geschter och d'Rapportrice, d'Viviane Loschetter, gesot huet.

An ech sinn och, Här President, besonnesch frou, datt dës Regierung en Accord fonnt huet mat de Gewerkschaften. Bon, vu verschiddene Säite gëtt gesot, et wier e bësse spët, et wier e Last-Minute-Accord an esou weider. Doriwwer kann een diskutéieren. Mä ech mengen awer, et war déi richteg Aart a Weis, fir virzegoen.

D'Regierung muss jo fir d'Éischt e Plang op den Dësch leeën, iwwert deen ee kann diskutéieren. Si huet missen eng Rei Zuele maachen, eng Rei Analyse maachen, fir dann doriwwer ze diskutéieren, well soss wier d'Zäit fortgelaf. Wann ee bei Null ugefaangen hätt, da wier de Risiko gewiescht, datt mer net 2015 hätte kënnen en neie Budget an och en Zukunftspak op den Dësch leeën.

Wat fir mech wichteg ass, net nëmme fir mech, mä ech mengen, fir d'Land och wichteg ass, datt ass, datt déi grouss Gewerkschafte sech mat der Regierung un en Dësch gesat hunn an

zesummen diskutéiert hunn, e puer responsabel Modifikatiounen erabruecht hunn, wou virun allem déi Schwächst nach geschützt ginn. Si hunn also net den Zukunftspak, net de Budget an der Luucht zerrappt, mä si hu fonnt, et wär eng zolidd Ausgangsbasis, wou verschidde Saachen eben da moduléiert gi sinn.

An d'Resultat ass, mir kennen dat: D'CGFP, den OGB-L, den LCGB - ech mengen, den aktuellen CSV-Parteipresident war do emol eng Kéier en eminente Mataarbechter, wann ech dat richteg an Erënnerung hunn -, déi dräi Gewerkschaften, déi hunn hir Ennerschrëft ënnert deen Zukunftspak gesat!

Wann ech dann elo héieren, datt d'CSV sech driwwer beklot, datt den Dialog net mat de Gewerkschaften a mam Patronat stattfonnt huet, da wëll ech drun erënneren, datt ënnert der CSV keng Tripartite säit 2010 méi zu engem positiven Enn gefouert ginn ass.

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Dat war och keng Tripartite!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Hei ass awer mat de Sozialpartner geschwat ginn an hei ass en Accord fonnt ginn.

(*Interruptions*)

De Modell vun der Tripartite, Här Spautz, deen ass 2011 eigentlech carrément gescheitert, well en dunnt ausgesat ginn ass. Dës Regierung huet et awer no engem Joer fäerdegbruecht, datt se sech mat de Sozialpartner un den Dësch gesat huet an datt se och en Accord fonnt hunn. Dat ass dat, nenne mer et, wéi mer et wëllen...

► **M. Marc Spautz (CSV).**- ...zu dräi.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Ech hat et och a mengen „zëng Geboter“ den Dialogue social genannt. Dat ass dat, wat fir mech wichteg ass.

Dann héieren ech och déi eng oder aner soen,...

(*Interruption*)

...datt de Wand der Regierung staark an deene leschte Wochen a Méint an d'Gesicht geblosen hätt. Ech wëll awer dorunner erënneren: An deene leschte fënnf Joer haten déi viregt Regierungen et mat net manner wéi dräi grouss Streiken hei zu Lëtzebuerg ze dinnt! Doru soll een och emol eng Kéier erënneren. Bis elo, déi nei Regierung hat nach keng. Ech ziele se eng Kéier op: Am Mee 2009...

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Hat Dir déi Leit net op der Strooss?

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, am Mee 2009: Siwe Syndikater, dorënner OGBL, LCGB, CGFP, streike fir sozial Acquisen a géint déi deemoleg Regierung. September 2010: Iwwer 5.000 Leit streike géint d'Regierung zum selwechte Sujet. Am Oktober 2012 streike sechs Syndikater géint d'Reform vum Pensionssystem. Et waren hei iwwer 2.000 Leit op der Clairefontaines-Plaz präsent.

(*Interruptions*)

Also nëmme fir ze illustréieren,...

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Streik a Manifestatioun!

► **M. Eugène Berger (DP).**- ...datt der viregter Regierung ënner engem CSV-Premier an CSV-Finanzminister de Wand vill méi staark an d'Gesicht geblosen huet wéi dës Regierung.

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Här Berger, ... fest, awer soss geet et awer.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Ech sinn effektiv net esou gutt an den Zuele bei de Streiken. Den Här Spautz als fréiere Mataarbechter vun dem LCGB kann eis dat da muer nach eng Kéier erzielen.

Ech ka just feststellen, mir hunn elo 258 Mesuren an deen Zukunftspak ageschriwwen. Et ass normal, datt bei esou ville Mesuren do kontrovers Reaktiounen dobause kommen, mä et gesäit een awer och, datt der vill op Verständniss treffen. A wann ee kuckt, et si jo esou Sondagen, déi gemaach ginn, do war e Sondage rezent vun dem „Wort“ an dem RTL.

Do kann ee jo natierlech ëmmer herno déi Zuelen eraushuelen, déi eben interessant sinn oder déi ee vläicht wëllt ervirsträchen. Ech hunn heiansdo och déi Sondagen, déi aner Zuele gekuckt, déi vläicht net am Haapttitel stinn. Mä do huet een zum Beispill erausfonnt, datt 75% vun de befrete Bierger mat der Démarche vun der Regierung, datt eppes muss gemaach ginn, datt d'Leit domadder d'accord sinn, datt endlech gehandelt gëtt! An och d'Meenungen iwwert déi eng oder aner Mesur si vill méi differenziéiert, wéi dat gare pauschal duergestallt gëtt. Also och do muss een déi Saach an dat richteg Liicht stellen.

Här President, mir hunn 2015 iwwer 15,5 Milliarden Dépensé beim Stat. D'Dépensé sinn, jo, méi héich wéi d'Recetten, well d'Regierung decidéiert huet, trotz schwierem Kontext eng

héich Investitiounspolitik ze maachen, well dat d'Wirtschaft stäipt, well dat och gutt fir d'Leit dobassen ass.

D'Investitiounen, déi ginn also 2015 erop. Bis 2018 plangt d'Regierung, d'Investitiounen ëm ongeféier 45% eropzesetzen, eng Croissance moyenne vun 10%. Dat ass also méi, zum Beispill, wéi 2013. Et ginn Akzenter gesat, Beispill Logement: plus 10%; bei de Schoulen d'nächst Joer 38 Milliounen weider; Santé 25 Milliounen weider; Mobilitéit an effentlechen Transport 32 Milliounen weider an esou virun an esou fort. Ech mengen, all déi Zuelen, Dir kënnst se noliesen, déi weise kloer: Dës Regierung mécht keng Spuerpolitik. Si mécht nach manner eng Austeritéitspolitik.

An ech wëll, well jo awer ëmmer gären och vun deenen engen oder aneren, esou wéi et een arrangéiert, heiansdo dann den Avis vum Statsrot geholl gëtt... Mä de Statsrot seet och Säite 10 a sengem Avis - ech zitieren elo net wuertwierlech -, dat hei wier eigentlech e Budget..., an en huet nach en Tableau dann och nach eng Kéier virdrun, wou e seet: Et ass eigentlech wierklech... Et ka kee behaapten, et wier en Austeritéitsbudget. Au contraire, et ass eigentlech e Budget, wou d'Investissementer nach an d'Luucht ginn, wou eigentlech also an d'Zukunft investéiert gëtt.

A wa mer de Budget 2015 ënnert d'Lupp huelen, da gesäit een, dee gréissten Ausgabeblock beim Statsbudget bleift awer fir eis Sozialpolitik. Dee steet do am Fokus, iwwer 5,6 Milliarden Euro fir Pensionskeess, Krankekeess, Fleegeversicherung, Familljenallocatiounen, RMG, Chômage an esou weider. Iwwer 3 Milliarden ginn a Salairen a Pensionen vun der Fonction publique.

Also, all déi Ausgaben zesummen, do si mer op iwwer 8,6 Milliarden Euro. An dat ass iwwert d'Halschent also vun den Dépensen, déi an de soziale Beräich ginn. Ech mengen, dat weist an engems och, déi Zuelen hei, déi Prozenter, datt et der Regierung gelongen ass, ouni gravéierend Aschnëtter an de soziale Beräicher kënnen eng zukunftsorientéiert an eng équilibréiert Budgetpolitik ze maachen.

Bon, verschidden Dépensé ginn an d'Luucht, déi ee ka kritesch hannerfroen. Dat hu mer och schonn hei gemaach an der Vergaangenheet, zum Beispill den Accord salarial an der Fonction publique. Dee wäert natierlech an den nächste Joren op eise Budgetséquibler laaschten, bréngt zousätzlechen Drock, besonnesch awer och am Hibleck dorop, well jo och de Secteur conventionné do drunhänkt. Ech hat och schonn, muss ech soen, hei a mengem Budgetsrapport 2014 - et war vläicht ënnergaangen a mengem mëndleche Rapport, mä et steet och iergendwou a mengem schrëftleche Rapport - dorop higewisen. Mir musse wëssen, datt also hannert dem Accord salarial vun der Fonction publique och de Secteur conventionné hannendrunhänkt.

An, Här President, ech muss jo wierklech soen, ech war erstaunt iwwer eng Question parlementaire vum Här Laurent Mosar, iwwert den Deputéierten Laurent Mosar. Wéi deen ugefaangen huet, de Budget ze liesen, dunnt huet deen op eemol entdeckt, datt anscheinend den Accord salarial vun der Fonction publique och eng Auswirkung op de Secteur conventionné hätt! En huet gefrot dann, ob ee sech däers bewosst gewiescht wier, wéi vill dat da géif kaschten. An der Kommissioun huet e souguer d'Zuele gefrot! E wollt direkt Zuelen hunn. En huet de ganze Prinzip a Fro gestallt.

Mä, Här President, den Här Mosar - en ass leider elo hei net do -, mä dee géif ech eigentlech gären drun erënneren: D'CSV huet deen Accord salarial ausgehandelt gehat! Hu si sech dann dunnt net déi Fro gestallt,...

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.**- Très bien!

► **M. Eugène Berger (DP).**- ...ob dat eventuell och Répercussiounen kéint hunn op de Secteur conventionné. Hu se deemools net gerechent, wat dat eventuell kéint oder sollt kaschten? Ech mengen, do ass ee wierklech erstaunt, wann dann CSV-Deputéierter esou Froe stellen.

Ech muss awer och soen, Här President, op där anerer Säit ginn och Efforten an der Fonction publique gemaach, zum Beispill duerch d'Ofschafe vum Trimestre de faveur, dee jo eigentlech - do si mer eis all eens - och net oder schwéier ze justifizéiere war. Dat bréngt jo och op där anerer Säit awer erëm Ekonomien eran.

Wéi gesot, trotz all de Schwieregkeeten huet dës Regierung et fäerdegbruecht, d'Statsfinanzen no jore vu Scholdemaachen an de Grëff ze kréien. Eise Solde structurel läit fir 2015 an engem liichte Plus. An dat ass och wichteg, an dat huet Bréssel jo och gesinn. Mir bewegen eis dann an der Trajectoire vun eise OMT, eise Objectif à moyen terme.

Et muss een och wëssen, dës Budget ass e ganz exceptionellen: Mir hunn och elo de Budget pluriannuel. Et muss also déi éischte Kéier iwwer e puer Joer geplangt ginn. Dat ass eigentlech eng gutt Saach. Dat ass awer natierlech och mat vill Aarbecht verbonnen. An ech muss soen, datt do wierklech en immensen Effort vum Minister, natierlech haaptsächlech och vu senge Beamten am Ministère, an de Verwaltungen, gemaach ginn ass.

Ech mengen, déi EU-Virgaben, déi mer eben hunn, hëllefen eben dann och, fir eis laangfristeg opzustellen. An ech wëll elo nach eng Kéier rappeléieren, datt mer do - an ech mengen, dat ass awer wichteg - eng bonne Note krute vu Bréssel fir eis Budgeten, déi mer hei presentéieren.

Ech wëll och betounen, datt mer nach ni e Budget haten, deen eigentlech esou transparent war, wéi elo. Et ass en Internetsite age-riicht ginn, wou ganz vill Donnéeën sinn, wou d'Leit kënnen kucken, wat mat hire Steuersue gemaach gëtt. Ech mengen, dat ass och eppes, wat wichteg ass fir d'Bierger.

Et ass e Budget vun enger neier Generatioun. Déi Aart a Weis, wéi en opgestallt ginn ass, ass a bleift e Paradigmewissel. Mir komme vun Null a mir sinn elo op 100% eppes Neies! Dat kann een och als eng Revolutioun bezeichnen. Mir hunn de Screening gemaach vun allen Dépensen, mir haten 19 interministeriell Aarbechtsgruppen, mir haten eng horizontal Approche, d'Regruppéierung vun Artikelen an esou weider.

Et ass och kloer, datt een dee Prozess net an engem Joer ka ganz ofschléissen, déi nei Approche, déi nei Démarche. Dat hu mer vun Ufank u gesot. Nëmme als Beispill: A Frankräich hu se fir d'LOLF-Gesetz net sechs, mä siwe Joer carrément gebraucht, bis dat ëmgesat ginn ass. Et ass also e permanente Prozess. An ech mengen, et ass och wichteg - dat hu mer och scho gesot an do wäerte mer och weider drop schaffen -, datt och d'Chamber an all déi Aarbechte vun där Prozedur vun deem neie Budget mat agebonne gëtt.

Mir begrëssen et och, datt elo deen neie Comité national des finances publiques dann ab Januar wäert schaffen an datt mer do also och schnell..., oder respektiv, datt mer do och zousätzlech gutt Avice kréien, fir kënnen dann un eise Budget ze schaffen.

Här President, ech wëll och nach kuerz op e puer Mesur vum Budget, vum Zukunftspak agoen, déi och der DP, a mir vläicht besonnesch, um Härzer leien.

Dat Éischt ass de Fonds souverain, den Zukunftsfong fir déi kommend Generatiounen. Mir begrëssen dës Fong, well mer domadder wierklech och e politesch Signal setzen. E Signal u wien? Haaptsächlech och un déi nächst Generatiounen, un eis Kanner. Mir soen hinne: Mir kucken net nëmmen, haut d'Suen alleguerten auszeginn, mir suergen och fir lech a mir kucken, datt mer virsuerge fir lech, datt mer also eng Politik maachen, déi och fir déi zukünftige Generatiounen gutt ass.

Sécher, kloer wier et besser gewiescht, mir hätten déi méi fréi agefouert, wéi et de Finanzen hei zu Lëtzebuerg nach besser gaangen ass - dat ass verpasst ginn -, wou een Iwwerschëss hat a verschiddene Beräicher. Et ass ëmmer vill dovunner geschwat ginn - elo maache mer et! Mir sinn et, déi et maachen. Dann ass dat och erëm bei verschiddene Säite bei der CSV net gutt! Mir hätten och léiwer gehat, si hätten et scho viru laanger Zäit gemaach.

Da gëtt och gesot, dat kéint een eigentlech net maachen, well een dat jo géif anscheinend oder theoretesch oder kontabilitéisméisseg mat Emprunte maachen. Dat kann een esou gesinn, dat kann een awer och aneschtens gesinn. Mir hunn Iwwerschëss a sektoriellen Domänen, wéi zum Beispill am Tanktourismus och nach dëst Joer a vläicht déi nächst Joren, e ganz klengen Iwwerschoss aus dem E-Commerce, an et sinn also déi, déi mer op d'Säit setze fir eis zukünftige Generatiounen.

Ech vergläichen et eigentlech mat engem Stot: Et ginn och vill Stéit, déi hunn eigentlech eng Gesamtverschëldung, wa se e Prêt fir eng Immobilie hunn, déi relativ grouss ass. Mä ass et dann net erlaabt, an deem Stot awer e klengt Spuerbuch niwendrën ze hunn, fir sech all Mount eppes Klenges awer op d'Säit ze setzen, fir emol eng Kéier sech eppes Klenges aneres ze leeschten, fir emol vläicht eng Kéier an d'Vakanz ze goen? Ass dat net déiselwecht Démarche? Hei maache mer et eigentlech ganz ähnlech, Här President, datt mer natierlech kucken, eise Budgetsdefizit an den Équibler ze



kréien, datt mer awer dernieft och ebe virsuergend si fir déi nächst Generatiounen.

E Wuert zu dem 0,5%-Familjebeitrag. De Budgetsrapporteur hat gëschter nach en aneren Term, deen esou ähnlech war, genannt. Ech mengen, Här President, dës Ofgab ass fir d'DP richteg a wichteg, well hei geet et net drëms, hei geet et wierklech net drëms, Budgetslächer opzefüllen! Mat de Recettë vun dëser Ofgab wäerten nämlech wichteg Investissementer an d'Zukunftschancë vun de Kanner gemaach ginn, well mat dëser Ofgab wäerte mer déi bilingual Betreierung, déi vun der Regierung ab 2016 ugebuede gëtt, finanzéieren.

An dat ass fir eis eng Investitioun och an d'Zukunft vun de Kanner. Domadder finanzéiere mer eng qualitativ héichwäerteg Fërderung vun der Sproochekompetenz. Well mir wësse jo, jiddwereen, dee sech mat deene Froen ofgëtt: D'Kanner am klengen Alter hunn eng immens Liichtegkeet, fir mat de Sproochen ëmzegoen, se ze léieren am klengen Alter. An dat ass dat, wat mer ënnerstëtzen, well mer der Meinung sinn, dann hu se besser Chancë fir e gudden Schoulstart. Eng besser Chance fir e gudden Schoulstart, dat heescht herno: besser Chancen an der Schoul, besser Chancen op en Diplom, besser Chancen op e gutt Berufsliewe.

Ech gesinn déi Ofgab och am Kontext vun enger Solidaritéit iwwer Generatiounen. Wa mer net elo am Ufank investéieren an d'Kanner, an hir Fërderung, da kascht et eis herno vläicht ganz vill méi, wa se eben da keen Diplom hunn, wa se keen Ofschloss hunn, wa mer da musse Chômage an aner Mesurë finanzéieren.

An ech muss soen, och do, déi Widderspréch, déi een ëmmer huet bei der CSV, kommen erëm kloer zum Virschäin, well ech hat - leider ass den Här Roth de Moment net heibannen, Här President - ech hat zwar mäin...

(Interruption)

Ah, entschëllegt, jo! Si hunn awer keng Pressekonferenz, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Entschëllegt, Här Roth, den Här Berger schwätzt vun lech.

(M. Eugène Berger montre un document.)

► **M. Eugène Berger** (DP).- Et ass eng schéi Foto, mä...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech wollt just sécher sinn, dass Der héiert, ëm wat et geet.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Et ass eigentlech och net wichtig, Här President. Et ass einfach, fir ze weisen, a wat fir engem Artikel dat am „Lëtzeburger Wort“ de 17. August war. Dat kann een do noliessen, datt den Här Roth eigentlech net dat Zil vun enger gratis Kannerbetreierung respektiv d'Zil vun der Fërderung vun de Kanner am klengen Alter a Fro gestallt huet. Si haten anscheinend - anscheinend - souguer en ähnleche Projet, och mat enger Abgabe, an den Tiräng leien. Et weess een net! Den Här Roth huet, dat muss ech awer och eierlechtehalber soen, gesot, et wier gekoppelt, si hätten et gemaach gekoppelt un eng Steuerreform.

Mä genau dat wäerte mir maachen, Här President! D'Ofgab wäert herno an eng Steuerreform agoen. An dann hu mer eigentlech dat gemaach, wat dann d'CSV jo och eigentlech do an den Tiräng leien hat.

(Interruption)

Ech wëll awer och soen, well jo vill diskutéiert ginn ass an deene leschten Deeg a Wochen iwwert déi 0,5% - datt dat eng extrem Belaaschtung kéint sinn, hunn déi eng oder aner gemengt -, datt awer hei och bei där Abgabe, där Familljenabgabe, eng sozial Selektivitéit mat erakënnt op eng gewëss Aart a Weis: De Mindestloun gëtt neutraliséiert.

An da muss ech awer och wierklech soen, wann een dat kuckt, wat dat reell géif kaschten! Ech hu versicht - de Premier hat schonn a senger Ried zum État de la nation verschidde Beispiller genannt -, ech hunn versicht, et elo ebe mat der Neutralisatioun vum Mindestloun nach eng Kéier ze rechnen. Wann een dann en Imposable hëlt, ech maachen et einfach ongeféier: E Stot, en Imposable vun 3.000 Euro de Mount, dat géif dee 5,4 Euro de Mount da kaschten. Bei 4.000 Euro, also huet mech elo net op den Cent près, sinn et ronn 10 Euro. Bei 6.000 Euro Imposable: 20 Euro, de Präis vun enger gudder Pizza. A bei 8.000 Euro: 30 Euro, Pizza plus nach e Gedränk. Ech mengen, wann et eis dat awer net derwäert ass, fir an d'Zukunft vun de Kanner och ze investéieren, dann

hunn ech wierklech Schwierigkeeten, nach d'Solidaritéit am Land ze verstoen!

Här President, e Wuert zu der neier TVA vun 2015. Ech wëll éischens emol drun erënnere, datt et déi niddregst TVA an Europa ass a bleift an datt och eng ganz Rei Produiten, dat ass och gëschter nach eng Kéier gesot gi vum Budgetsrapporteur, dem Franz Fayot, datt eng ganz Rei Produits de première nécessité oder wéi ee se och nennt, datt déi nach weider bei engem ganz niddregen Taux bleiwen.

A firwat hu mer eigentlech déi Hausse vun der TVA virgeholl? Dat ass jo net aus Spaass, well d'Politiker näischt anescht ze dinn hunn, wéi ze soen: Vlächet kënne mer dann d'nächst Joer erëm iergendwou eng TVA-Erhéijung maachen. Bien ou contraire, well mir gesi jo, wéi dat bei de Leit dobaussen awer net mat Begeeschterung opgeholl gëtt! Ma neen, mir hunn déi gemaach, well mer hu missen déi Recetten aus dem E-Commerce ausgläichen, déi eis do ewechfale bei der TVA, fir déi tant soit peu kënnen ze équilibréieren.

An eigentlech kann een hei nëmme bedauern, datt mer och hei erëm mussen d'Zopp ausläfelen vun deem, wat virdu net gemaach ginn ass. Virdu si mat de Suen aus dem E-Commerce lafend Käschen...

(Brouhaha)

...si lafend Käschen, Här President...

Ech mengen, mer sinn nach Verschiedener agedroen, da kënne mer dat lauschten.

Mä domadder si lafend Käsche gedeckt ginn. Et wier zum Beispill méi sënnvoll gewiescht, fir dat an e Fonds souverain ze setzen, amplaz dann ëmmer nei Dépenses, lafend Dépenses, wéi zum Beispill d'Chèques-services oder d'Studentesubsidie mat deenen ongedeckte Schecke vum E-Commerce dann ze bezuelen.

An deem ganze Kontext, och wann elo eng TVA-Erhéijung kënnt, muss een awer soen, datt mer eng extrem niddreg Inflation hunn, wat also och derzou bäidréit, datt déi TVA-Hausse sech wäert besser verkraaft loosse. An ech wëll awer och drun erënnere, datt och duerch den Index d'Kafkraaft hei zu Lëtzebuerg erhale bleift. An den Index, eisen Indexsystem ass net ofgeschaaft ginn, deen huet weiderhi Bestand.

Här President, och nach e Wuert zum Logement. Ech mengen, dat ass och e wichteg Sujet, eng Prioritéit, géif ech soen, a mengen Aen, fir dës Regierung. An d'Zil vun dëser Regierung ass jo, fir de Wunnraum bezuelbar ze maache fir déi jonk Leit. A mir wëssen, et ass net einfach, well Wunnenge baue mécht een net vun engem Dag op deen aneren. De Problem ass grouss, och dat e Problem, deen net nei ass. Ech wëll lech net nach eng Kéier drun erënnere, un eng Ried vum fréiere Premierminister, dee geschwat huet vu sengem „gréissten Échec“, esou hat en dat deemools genannt. Och duerno ass net vill geschitt!

Mir sinn determinéiert, fir d'Offer hei zu Lëtzebuerg méi grouss ze maachen. D'Regierung huet decidéiert, fir massiv an de Wunnengsbau ze investéieren, méi Geld fir Sozialwunnengen oder méi Locatiounswunnengen, a virun allem méi eng grouss Offer ze schafen, an enker Zesummenaarbecht mat de Gemengen natierlech.

2015 ginn 150,7 Milliounen Euro an de Wunnengsbau investéiert. Dat sinn iwwer 10% méi, wéi dat zum Beispill nach 2013 beim viregte Finanz- a Logementsminister war. An déi Joren drop wäert dat dann esou weidergoen. Do wäerten d'Investitiounen am Logement nach weider an d'Luucht goen. D'Regierung huet also fir 2016, 2017 all Kéiers nach eng Kéier ronn 175 Milliounen virgesinn. D'Zil ass sécher ëmmer ënnert dem Stréch, d'Offer méi grouss ze maachen, da ginn automatesch och d'Präisser um Marché erof.

Et huet een awer och gesinn, wann een de Bilan mécht vun der Wunnenspolitik aus de leschte Joren, datt och verschidde Moosnamen näischt bruecht hunn, ënner anere déi bëlleg TVA op de Logementer, op der zweeter Wunneng. Déi huet net zu méi enger bëlleger Offer gefouert, mä de Stat vill kascht, an d'Präisser sinn nawell an d'Luucht gaangen um Marché!

A fir eis ass jo och d'sozial Selektivitéit wichteg. An hei, an där Mesure, weise mer jo och, datt mer sozial selektiv virginn: Deen niddregen TVA-Saz vun 3% bleift fir déi éischt Wunneng. Déi bëlleg TVA vun 3% bleift och fir d'Sanéierungen an d'Renovatiounen bestoen. Ech mengen, dat ass och e Signal un d'Handwerker, datt déi weider ënnerstëtzt ginn.

Mä si gëtt eben net méi ausbezuelte fir een, dee sech eng zweet, eng drëtt, eng véiert, eng fënneft an eng sechst Wunneng ka leeschten. Do si mir, do ass dës Koalitioun der Meinung, datt dat net sënnvoll ass. Mir sinn och do net déi Eenzeg. Et ware vill Diskussiounen. Ech huelen do och eppes aus engem Artikel, vum „Quoti-

dien“, fir dat just kuerz ze zitieren, wou de President vun der Chambre des Notaires, den Här Frank Molitor, ënner anere seet, datt dat eigentlech eng Mesure wier, déi an déi richteg Richtung géif goen, well si en fin de parcours och mengen, datt doduerer kéint d'Offer méi grouss gemaach ginn an datt dann eben och d'Präisser, och vun de Loyerer, sech géife stabiliséieren, eventuell souguer licht erofgoen.

E kuerzen Aspekt awer och zum Logement, deen ech net kann op der Säit loosse, well ech dat scho jorelaang maachen, dat ass deen: De Moment hu mer relativ niddreg, fir net ze soe ganz niddreg Energiepräisser. Mä mir wëssen, datt dat awer vun enger Kris op déi aner oder vun engem Moment op deen anere sech kann änneren.

Et muss een also och Suerg droen, datt mer der Energiearmut virgräfen, datt mer eppes maachen, ier et ze spët ass, esou datt mer also ënner anere bei der Energieeffizienz musse ganz vill ënnerhuelen. Albusanierung ass hei d'Stéchwuert, Klimabank!

Ech si frou, ech widderhuelen et nach eng Kéier, ech hunn et scho gemaach, datt dës Regierung resolutt de Wee geet vun enger Klimabank, wou mer duerch Virfinanzierung hoffen, datt da ganz vill Leit mat op dee Wee ginn. An do huet een nëmme Gewënner! Do huet een als Gewënner d'Leit, déi Sue spueren bei der Energie. D'Klima ass e Gewënner, de Stat ass e Gewënner, well e manner Kyoto-Strofe muss bezuelen, an natierlech och, dat ass och wichteg, d'Handwerker sinn och Gewënner, well se do och e groussen Aarbechtsmarché, Aarbechtsplazen da kënne virfannen.

Här President, ech kommen dann och nach zur Familljepolitik. Fir d'DP ass et ganz kloer, dat ass eise Virsaz, an der Familljepolitik musse mer méi op Sachleeschungen setzen a manner op Geldleeschungen. Well d'Familljepolitik, déi kann een net moosse mam Scheckheft, wéi vill datt een ausgëtt. Dat garantéiert nämlech net, datt ee weess, ob déi Sue bei de Kanner ukommen, datt mer wierklech do fir jiddwereen déiselwecht Chancë kreéieren.

Mir hätte gär, datt all Kand déiselwecht Bildungschancen, déiselwecht Berufschancen huet. Duerfir féiere mer jo zum Beispill déi bilingual Kannerbetreierung ab 2016 an. A duerfir musse mer also och kucken, datt mer vun einfach Schecken ausdeelen, déi vlächet net op där richteger Plaz ukommen, nämlech bei de Kanner, déi am Mëttelpunkt stinn, ewechkommen. Duerfir maache mer dat a Richtung Sachleeschungen.

An domadder passe mer eis och enger gesellschaftspolitescher Realitéit un. Mir brauche Crècheplazen, well natierlech och eng Rei Saachen an eiser Gesellschaft geännert hunn, an eise Zesummeliewe geännert hunn, an och ënner anere d'Selbstverständnis vun de Frae geännert huet. D'Fraen, si hu Schoulofschlëss, si hunn Diplomer, si sinn déi, déi oft souguer an de Premières-Examen déi beschte Punkten hunn. Déi Fraen, déi wëllen och schaffe goen, déi wëllen eng Carrière maachen. Si wëllen hiert Liewen an der Onofhängegkeet maachen!

Duerfir hu mer och déi Décisioun geholl, déi och virdu net ganz hefteg a Fro gestallt gi sinn, déi awer fir eis immens wichtig sinn. Well fir eis sinn d'Allocation de maternité, d'Allocation d'éducation falsch Ureizer, duerfir losse mer déi auslafen. Et si falsch Ureizer, well et setzt een d'Fraen net an eng finanziell Onofhängegkeet. Dach, vlächet, wann dat et erlaabt, mat 485 Euro de Mount, finanziell onofhängeg ze sinn - dat ass ze diskutéieren.

Den Här Wiseler huet nach héichgerechent, wéi vill et an zwee Joer mécht. Och wann et an zwee Joer 10.000 Euro mécht, déi huet ee während maximal zwee Joer! An dann, de Rescht vum Liewen, wat huet een dann de Rescht vum Liewen? Dann huet een näischt méi hannendrun!

De Choix also, deen d'CSV propagéiert, ass a Wierklechkeet keen. Well wat maachen dann déi Fraen no 20 Méint, wa se hiren Aarbechtskontrakt zum Beispill gekënnegt hunn an da mat engem Salaire mussen auskommen oder wa se sech trennen? 50% haut vun de Bestietnisser ginn an d'Bréch. Dann hu mer déi Fraen, haaptsächlech, dann hu mer déi an den Aarmutsrisiko geschéckt respektiv praktesch an d'Aarmut eran.

Dat ass also, datt se dann duerno keng Suen hunn, keng Carrière méi hunn, keng eege Carrière kënnen opbauen, herno keng Pensiouen kënnen opbauen. Dat kënnt fir eis net a Fro. Wat maachen déi Fraen duerno? Dat ass och fir eis wichteg. Mir wëllen also, datt mer den Ureiz ginn, fir datt d'Frae kënne selbststänneg hiert Liewe maachen an och selbststänneg hir Carrière kënne maachen.

A mir hu jo och... Virdu ass dat... - duerfir soen ech dat awer ganz kuerz als Remarque -, de Fraktiounssprecher vun der CSV huet ge-

mennt, datt dat och elo esou abrupt wier. Mir hu jo extra en Amendement erabruucht - Dir gesitt also, wann een Amendement erabréngt, da kann dat och an der Cofibu mat verschafft ginn -, mat deem mer d'lwvergangszäit bis den 1. Juni gemaach hunn, dat fir déi Leit, déi elo nach geplangt haten, fir eben dee Choix ze huelen, fir datt déi net an enger Situatioun sinn, déi se net geplangt haten.

Här President, zum Schluss, oder bal zum Schluss - ech kéint nach op vill Sujeten agoen, mä mer wäerten och nach déi eng oder aner Fraktiounskollege vu mir schwätzen -, wollt ech awer kuerz och op d'Gemegefinanzen agoen. Och hei musse mer eng grondleend Reform vun de Gemegefinanze maachen. Vill ze laang ass och dovunner geschwat ginn, ass näischt gemaach ginn. Mir hunn dës am Koalitionsaccord virgesinn, notament och fir d'Stabilitéit vun de Gemegefinanzen ze garantéieren.

An: Mir hunn eng nei Virgab! Wann ech virdu de Fraktiounschef, de Claude Wiseler, héieren hunn, huet en esou gemaach, wéi wann dat elo alles, datt eng nei, ech soen emol, awer eng nei Laascht oder eng nei Verdeelung kënnt, wéi wann dat eng eegestänneg Décisioun wier vun dëser Majoritéit. Neen, mir hunn eng nei Virgab an der Suite vun dem europäesche Stabilitéitspakt! A mir kënne jo kucken, wien do ëmmer um Dësch souz, wann deen europäesche Stabilitéitspakt ausgehandelt ginn ass. Dat war net deen heitege Finanzminister.

Do sinn eben och esou Décisiounen geholl gi respektiv esou Prinzipien ageschriwwen ginn, déi mir jo och an eise Gesetz hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Gouvernance des finances publiques ageschriwwen hunn. Wou et eben esou ass, datt de Secteur communal och muss säi Beitrag leeschten, fir de Statsbudget an den Équiliber ze kréien. Et ass eigentlech praktesch eng Virgab aus dem europäesche Stabilitéitspakt, datt also d'Gemengen och e solidareschen Effort musse maachen.

Mir mussen also de System vun der Gewerbesteier zum Beispill iwwerkucken, den Impôt foncier muss iwwerschafft ginn. Jo, déi Mesuren aus dem Budget, och aus dem Zukunftspak, wäerten och en Impakt hunn op d'Gemengen. Mä, wéi gesot, hei ass den Zukunftspak. Eis Budgeten, déi verlaangen e solidareschen Effort, ech hat et virdu gesot, vu Betriber, Bierger, Stat an och Gemengen.

Zum Beispill och déi Solidaritéit innerhalb vun de Gemengen: Wat d'Deckelung vun der Gewerbesteier betrëfft, ass et jo och eng Fro vun der Solidaritéit, wou mir soen, datt Gemengen, déi dräimol méi Gewerbesteier erakrie wéi den Duerchschnitt, sollen e kleng Pourcentage un de Fonds pour l'Emploi weiderginn, also och fir déi Leit, déi eng Aarbecht sichen, eppes ofginn.

Et muss een awer och op där anerer Säit soen, et gi jo och eng Rei Ausgläichmesurë fir de Stat (veuillez lire: fir d'Gemengen). De Stat iwwerhëlt an Zukunft 50% vun der Finanzierung vum Fond fir d'Rettungswiesen, virdu waren dat knapp 40%. D'Participatioun fir de Bau vu Sozialwunnengen geet vu 70% op 75% erop. A wann een och kuckt an de Chifferen, zum Beispill wäert awer nach d'nächst Joer, 2015, esou vill Gewerbesteier ausbezuelte gi wéi nach ni virdu.

An och hei, Här President, wann ech dann do riets a lénks d'Aussoe vun der CSV zu de Gemegefinanzen héieren, wat ech do liesen, da muss ech awer soen, datt dat méi wéi eng Kéier awer ganz no u Populismus erugeet. Do gëtt dat als Kritik - datt d'Gemenge manner Sue kréien, d'Ewechfale vun der TVA aus dem E-Commerce - ugefouert, wéi wann dat elo eng politesch Décisioun vun dëser Regierung wier, datt d'TVA vum E-Commerce géif ewechfale! Dat kritt een dann... Liest emol an den Zeiten no, wat esou an de Rieden, an de Budgetriede vun deenen engen an deenen anere gesot gëtt, oder och op Pressekonferenzen vun der CSV, wat do gesot gëtt.

(Interruption)

Ech kucken, Här President, ech kucken dat, wat ech...

► **Une voix**.- Sot et nach eng Kéier!

► **M. Eugène Berger** (DP).- Ech kann et nach eng Kéier widderhuelen, mä et kann een dat alles noliessen. Mä ech wäert awer och nach illustréieren, wéi dat och an der Cofibu gesot ginn ass.

Do gëtt dann zum Beispill gesot, well de Buergermeeschter vu Käerjeng - an ech hunn et net nëmme gelies -, de Buergermeeschter vu Käerjeng ass an d'Cofibu komm an huet do während enger hallwer Stonn eis säi Budget erkläert an haaptsächlech eng ganz Rei Saachen do kritiséiert an eis do Saachen un de Kapp gehäit an eigentlech déi aktuell Regierung fir



säi Budgetsdéséquilibre zu Käerjeng dëst Joer an déi nächst Jore responsabel gemaach!

(Interruption)

Do muss ech awer dann de fréieren CSV-Präsident an aktuellen Deputéierte froen, wéi eng ganz Rei Décisiounen geholl gi sinn an der Vergaangenheet, ob do d'CSV net derbäi war, well dat eben dann haut Effeten huet op d'Gemeingefinzen. Et sinn Accorde getraff ginn, déi eben elo da voll ausspillen, zum Beispill den Accord salarial. Dat ass awer eppes, wat och wäert bei de Gemengen zum Beispill den Nidderschlag fannen.

Ech mengen also, et ass ganz wichteg, mat de Gemengen iwwer hir Finanzen ze diskutéieren. Mä, wann ech gelift, et soll een awer och dann dat ëmmer an de richtege Kontext setzen, wann een do déi eng oder aner Kriticken ufieert.

Här President, ech kommen zum Schluss. Ech hat d'lescht Joer d'Eier, fir Budgetsrapporteur ze sinn. Ech hat mä Rapport deemools mat zéng Zukunftschancen, „zéng Geboter“ si se genannt ginn, fir mer e Pleséier ze maachen, ofgeschloss. Ech ziele se net nach eng kéier op, mä ech mengen, datt mer mat dësem Budget 2015 mam Zukunftspak deem Ergräife vun deenen zéng Chancé schonn e gutt Stéck méi no komm sinn.

De Stillstand, deen ass hei am Land endgültig eriwwe. An d'Regierung huet sech trotz engem ganz enke finanzielle Kader d'Moyene ginn, fir nei Politicken ze maachen, Investitiounen an d'Zukunft ze tätigen. D'Regierung huet eng Budgetpolitik definéiert, déi net eis Kanner an eis Kandskanner hypothéquéiert. Mä am Géigendeel, mir suergen derfir, datt grad an déi Jonk investéiert gëtt. Mir droen deene gesellschaftleche Realitéite Rechnung.

D'Regierung huet och keng Politik vum soziale Kahlschlag gemaach, mä de Budget gëtt erëm an déi richteg Bunn bruecht, fir datt mer kënne weider wuessen, datt et eise Betriber gutt geet.

Jo, d'Erausfuerderunge bleiwe grouss, sief et um ekonomesche Plang, wou mer ebe mussen dee wirtschaftleche Kader schafen, deen et eisen Entrepreneuren erlaabt, sech nach besser ze developpéieren. D'Erausfuerderunge bleiwe grouss och um soziale Plang, wou mer mussen Suerge droen, datt déi Schwächst an eiser Gesellschaft net duerch de Raster falen.

Här President, ech, mä och meng Fraktioun, meng Partei, mir sinn optimisteschen. Mir sinn iwwerzeugt, datt dës Dräierkoalitioun déi richteg Äntwerten op d'Froen vun eiser Zäit huet an domat am Intérêt vun der Zukunft vum Land an all de Bierger schafft!

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo** (*Präsident*). - Merci och dem Här Berger. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Alex Bodry fir d'LSAP. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur an d'Rapportrice wäerten entschëllegen, dass ech net ufänken mat engem Merci u si, mä mat engem Merci un de mandatéierten CSV-Spreecher.

Ech hat gefaart, ech misst meng Ried ëmänneren. Ech hat wierklech gemengt, dass et kéint vläicht sinn, dass d'CSV awer géif en Alternativbudget hei presentéieren, géif Amendementer hei virliesen an eis erklären, wéi se dann déi Honnerte Milliounen Euro zousätzlech wëllt spueren, déi no hire Rechnungen missten onbedéngt gespuert ginn, fir dat gemeinsam Zil fir 2018 vun engem Equilibre vun de Statsfinanzen ze erreechen.

Deem ass glécklecherweis net esou! Ech kann déi Ried hei esou halen, wéi ech se virbereet hunn, well dat, wat den Här Wiseler hei am Numm vu senger Partei virgedroen huet, ass eng Kompilatioun gewiesch vun all deenen Aussoen, déi si iwwert déi lescht Wochen a sëllege Communiquéen, Pressekonferenzen an anere Riede gemaach hunn.

(Interruption)

„Back to the future“ ass méi wéi jee de Slogan vun der CSV. Ech kommen herno nach am Detail gären dorop zrëck.

Ech war besonnesch virwëtzeg op dat, wat d'CSV haut géif hei soen. Mä si schéngen, wann ech d'Reien esou kucken, nach amgaangen ze sinn, an hire Motiounen an Amendementer ze schaffen. Et geet also alles e bëssen op de leschte Stéppel bei hinnen, soss wär sécherlech d'Präsenz hei e bësse méi staark op dësem éischten Dag vun den Debatten.

Alles dat, mengen ech, dee Virwëtz, deen ech hat, war eigentlech opgestachelt ginn duerch eng Ausso vun eise fréiere Statsminister an heitegen EU-Kommissiounspräsident,...

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - ...dee gemengt huet, a senger komplett neutraler Haltung als Präsident vun der Europäescher Kommissioun, dass d'Würfele schonn elo gefall wären, a véier Joer virun de Wahlen scho prognostizéiert huet, dass seng Partei, d'CSV, géif als grouss Sieger aus deenen nächste Wahlen ervirgoen.

(Interruption)

Et ass remarkabel, wéi den Held vun Dublin sech lues a lues zu der Madame Soleil vun der Kap mutéiert huet!

(Hilarité générale)

An ech ka mech nëmme wonneren. Ech ka mech nëmme wonneren! Ech soen Iech, Kollegen op de Regierungsbänken: Dir kënnt esou vill schaffen, wéi Der wëllt, et notzt näischt, d'CSV wäert haushéich déi nächst Wahlen gewannen! An d'CSV kann egal wat hei an der Chamber maachen, si brauch keng Alternativen ze presentéieren, si wäert egal wéi - nom Här Juncker - déi nächst Wahlen gewonnen.

Ech froe mech, ob mer iwwerhaupt nach solle wéile goen, wann dat alles esou einfach ass!

Ech wëll trotzdeem mengen, dass et net ëm soss ass, dass mer déi Diskussioun hei ronderëm de Budget 2015 an d'Budgete vun deenen nächste Jore féieren, well dëse Budget hei, dee vun 2015, wat eigentlech jo deen zweete Budget ass vun dëser Koalitioun, een Deel ass vun enger méijährerger Finanzplanung. Dat ass nei.

Et ass keng administrativ Routine-Übung, mä et ass vill méi den Ausdrock vum politesche Wëlle vun dëser Regierung, dëser Majoritéit, mat der Finanzsituatioun vum Stat, trotz Steierausfall an Héicht vu ronn 700 Milliounen Euro d'nächst Joer an nach méi déi nächst Joren drop, aus der Scholdefall erauszekommen, de Lëtzebuerger Sozialmodell ze erhalen an ze stäipen an iwwer héich, gezilt effentlech Investitiounen ze hëllefen, d'Zukunft vum Land ofzesécheren.

Dat ass kee Budget vum „Weider-esou-wéi-bis-elo“, vum kuerzfristegen Taktéiere vu Joer zu Joer, vum Ofwaarden a vum Aussetze vun de Problemer. Et ass e Budgetsprojett, dee kloer Akzenter setzt, dee couragéiert weider effentlech Ausgaben an de Käerberäicher klamme léisst, awer och a ville Punkten Aspierungen virhält an d'Steier do héicht, wou et gesamtwirtschaftlech am mannste weideet: bei der TVA.

Nach ni an deene leschten 30 Joer ass vun enger Regierung esou e breeden Effort gemaach ginn, fir eng Neiorientéierung vun der Ausgabepolitik hei an dësem Land ze maachen. Kee vun deene viregte Konsolidéierungspäck - déi och hiert Guddes hatten -, mä kee vun deene viregte Konsolidéierungspäck ass esou déif gaange wéi deenen. An et war noutwendeg, dat elo ze maachen.

D'Auswierkunge vum Zukunftspak vun dëser Majoritéit wäerte bis 2018 progressiv eropgoen a vu schätzungsweis 520 Milliounen 2015 op gutt eng Milliard Euro um Enn vun der Legislaturperiod uwwuessen. Et ass wouer, dass eenzel Punkten entre-temps ewechgefall sinn oder ofgeschwächt gi sinn, mä et ass selwer och virduen hei gesot ginn: Eng ganz Partie vun deene Punkten aus deem Pak si momentan net chiffréiert. Do ass also nach zousätzlech Spuerpotenzial mat dran.

Dës exzeptionell, mä néideg Efforte vun der Kollektivitéit erlaben et, eng zukunftsorientéiert Budgetpolitik ze maachen, déi op Schoul an Ausbildung, d'Schafe vun Aarbechtsplazen, d'Stärke vum sozialen Zesummenhalt an nohaltege Wuesstum setzt. Et ass dat, an eisen Aen, e grouss Schratt a Richtung vu gesonden effentleche Finanzen, vun dem Bremse vun der Scholde spirale - 2018 soll d'Statsschold stabiliséiert ginn - a vu verbesserte Chancé vun der nächster Generatioun.

Ech wëll perséinlech net, dass meng Kanner zu enger verluerener Generatioun gehéieren, zu enger verluerener Generatioun géife gehéieren, well dës Generatioun ausserstand gewiesch wär, haut déi richteg Weichestellunge virzehuelen. Dat gëtt probéiert mat deene Budgeten 2015 a vun deene Joren drop.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - Dëse Budgetsprojett ass konform zum Wahlprogramm vun der LSAP, grad well dëst Budgetkonsolidéiere sozial verträaglech ass, d'sozial Ausgaben zu Lëtzebuerg weiderhi ronn 40% vun de Statsausgaben ausmaachen, an doduerch och, dass et zu weidere Lounerhéijunge kënnt, besonnesch am staatlechen a parastaatleche Beräich. D'Regierung hält Wuert par rapport zu deem Wuert, wat déi viregt Regierung der Fonction publique op deem dote Punkt ginn huet.

D'Kafkraaft gëtt gestäipt, ënner anerem duerch d'Erëmféierung - integral! - vun der Indexregulung, an et ass och esou, dass weider Aarbechtsplazen an a ronderëm d'Fonction pu-

blique geschafe ginn. Och do setzt dëse Budget kloer Akzenter.

A virun allem awer: De Stat investéiert direkt an indirekt méi wéi an de leschte Joren. An do sinn ech fundamental enger anerer Meinung wéi d'CSV! D'CSV wëllt, an dat huet hire mandatierte Spreecher hei kloer gesot, weiderhin d'Investissementer bremsen, wëllt weiderhin...

► **Une voix.** - Genau!

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - ...d'Investissementer eigentlech real erofféieren. Dat ass eng Politik,...

(Interruption)

...déi gemaach ginn ass déi éischt Joren, déi mer als LSAP sécherlech och matgedroen hunn an déi ee sécherlech kann e puer Joer féieren. Mä et ass genau dat, wat een elo net därerf maachen! Et muss een, wéi dat europäesch préconiséiert gëtt, eng Relance och iwwert d'Investissementer, déi privat an déi effentlech Investissementer, a ganz Europa virhuelen.

An da kann dach Lëtzebuerg net op der Säit stoen! Da muss dach Lëtzebuerg bei deem europäeschen Effort, deen och nach gesteiert gëtt vun engem Lëtzebuerger an och nach vun engem CSV-Member, da muss een dach do matmaachen, fir dass mer dat gemeinsam Zil erreechen, dass mer wierklech aus där Krisensituatioun definitiv erauskommen, dass mer méi e staarkt Wuesstum a méi Aarbechtsplazen hei an Europa kréien, fir dass mer och manner Aarbechtslosigkeit a manner Misär an Europa wäerte kréien.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - Mir musse matmaache bei där Politik. A mir kënnen net de Contraire maache vun där Politik. A genau dat wëllt d'CSV hei maachen!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - Eng CSV, déi hei mengt, et kéint ee Milliounen spueren, andeem een d'Investissementer géif erofsetze par rapport zu deem, wat d'Regierung virgeschloen huet! Déi awer net nëmmen all konkrete Projet hei matstëmmt, wa soll gebaut ginn: Do ginn d'Milliounen jo hin, an déi doten Zukunftsprojeten, an d'Infrastrukturen, an d'Schoulen, an d'Spideeler, an d'Altersheimer. Do ginn déi Suen hin! Si stëmme se all mat - si mengen awer, et misst gespuert ginn.

Mä si sinn nach besser: Si wollten hei eng Motioun an der Chamber stëmmen - virun e puer Deeg! , duerch déi eng Dépense, déi Dépense ronderëm d'N7, vu ronn 80 Milliounen op 400 Milliounen Euro eropgefuehrt gi wär!

Déiselwech Leit, déi soen: „Et muss bei den Investissementer gespuert ginn.“, déi soen: „Ah neen, am Eenzelfall musse mer nach méi ausginn.“ A si soen net an engem Otemzuch, wat da soll vu Projeten hei ewechfalen!

(Brouhaha)

Dat ass d'Konfusioun, dat ass de Wirrwarr an de Käpp vun eiser gréisster Oppositionspartei!

► **Une voix.** - Très bien!

(Brouhaha)

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - Haut sinn ech e bëssen iwwerrascht, dass bis elo an där Beschreibung vun där Budgetkonsolidéierung, déi mer onbedéngt mussen hei zu Lëtzebuerg maachen, de Schlëssel 70/30 net genannt ginn ass.

Et ass awer e Schlëssel, dee kenne mer aus CSV-Parolen aus der Vergaangenheet. Si sinn der Meinung, dass bei där Budgetkonsolidéierung 70%, dat heescht also gutt 700 Milliounen, strukturell, all Joer also, missten duerch Aspierungen virgeholl ginn. A si sinn d'accord, nach zu 30% duerch Mehreinnahmen, also duerch Steiererhéijungen oder Taxen oder ähnlech Saachen, déi Konsolidéierung vum Budget hierzeféieren.

Ech hu bis elo - an ech mengen, mir héieren näischt anescht déi nächst Stonnen - nëmmen héieren, dass do, wou d'Regierung wëllt spueren, soll manner gespuert ginn, also mer den Defizit méi grouss maache vum Statsbudget, an do, wou solle Mehreinnahmen kommen, si se deelweis mat deene Mehreinnahmen net d'accord. 0,5%, mengen ech, wëlle se net! D'TVA wëlle se schonn, well déi viregt Regierung huet dat praktesch scho virdecidéiert, awer en Deel vun deenen Einnahme wëlle se zumindest net.

An da kommen ech esou iwwert den Daum gepéilt op esou eng 350 Milliounen, déi no CSV-Liesart misste gekappt ginn an de Budgetskreditte an deenen nächste Joren. Strukturell, Joer fir Joer!

Ech froen déi gréisst Oppositionspartei, déi, déi anscheinend schonn déi nächst Wahlen gewonnen huet, déi also mat Sécherheet wäert déi nächst Regierung stellen, wou se da wëllt déi doten Honnerte Milliounen Euro all Joer siche goen!

(Interruption)

Loosst et net bei einfache rhetoresche Floskeln a sot de Leit, sot eis, sot zumindest Äre Wieser,...

► **Une voix.** - Jo!

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - Sot, wat Der wëlls hutt! Sidd éierlech mat de Leit! Sot prezis, wou Der wëllt spueren, op wat fir engem Bockel dass Der wëllt spueren an deenen nächste Joren! A maacht net hei akribesch Rechnungen, wat d'Regierungsprognosen ugeet, mä sot am Graffen, wou Der wëllt histeieren. Gitt nëmmen den Usaz vun enger Visioun, wou Dir géift dëst Land wëllen histeieren! Ech hunn dat bis elo total vermësst.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Une voix.** - Här Wiseler, dann äntwert!

► **Une autre voix.** - En hat näischt ze soen.

(Interruptions diverses et hilarité)

► **M. Claude Wiseler** (*CSV*). - Wann een d'Riede virdru virbereet an net nolauschtert, wat gesot gëtt, da seet een déi do Saachen!

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

(Exclamations)

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - Dir hutt gemierkt, dass ech hei...

► **M. Claude Wiseler** (*CSV*). - Mir hunn eng ganz Rei Saachen...

(Brouhaha général)

...mir hunn eng ganz Rei Propositionen gemaach, gitt dorobber an!

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - Här Wiseler, wann Der net schimmeg op Äert Pult gekuckt a mir an d'Gesicht gekuckt hätt, hätt Der gemierkt, dass ech hei fräi geschwat hunn an net hei vum Blat ofgelies hunn. Ech weess scho mäin Discours ze adaptéieren...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - ...opgrond vun deem, wat ech hei...

(Brouhaha)

► **M. Claude Wiseler** (*CSV*). - Jo, mä ech wär awer frou, wann Der op eis Propositionen géift agoen!

(Interruption par M. Alex Bodry)

Ech wär awer frou, wann Der géift drop agoen.

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - Jo, wa mer da Propositionen hätten!

(Interruptions)

Ech war deen, Här President, dee gemengt huet, et kéint een eng Iddi vum viregte Premierminister an den Debatte virun zwee Méint hei, wou mer eng éischte kéier schonn iwwert dee Budget hei diskutéiert hunn, opgräifen, a gesot huet: „Loosse mer e Concours maache vun den Alternativen! Loosse mer Projet géint Projet diskutéieren! Loosse mer am Einzelne kucken, wat jiddweree mengt, wat richteg a wichteg wär fir dëst Land! An da kënne mer déi Debatt féieren.“

Mä Dir hutt Iech verweigert! Dir hutt Iech zënter Wochen a Méint verweigert, déi doten Debatte ze féieren! An Dir maacht et haut nach! An deenen éischte Stonnen vun dëser Debatt sidd Der net à même, konkret ze soen, wat Är Géigevirschléi sinn. Dir verweist ëmmer op deen nächste Spreecher.

Esou kënne mer dach net weiderfueren! Wa mer wierklech d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg als eescht empfangen, wa mer wierklech der Meinung sinn, dass mer mussen agéieren an e Pak schnüre vun iwwer enger Milliard Konsolidéierung vun eise Statsfinanzen, dann, wann ech gelift, loosse mer d'Iddien zesummebréngen an ouni a priori iwwert déi gutt Iddien diskutéieren!

Mä Dir verweigert Iech ganz einfach, fir dat doten ze maachen, well Der wëllt de Luussert spilen an net soen, wat Der eigentlech wëllt maachen. Ech soen Iech, dat do geet Iech net duer! Dat geet Iech net duerch während deenen nächste Méint bis zu deenen nächste Wahlen, och wann Der brennt, fir Revanche ze huelen a véier Joer. Dir musst Faarf bekennen, wat Der wëllt! Dir kënnt et net bei allgemengen Aussoen hei loosse.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - Ech wär frou, wa mer och bei där Debatt hei bei aller negativer Aura, déi esou verspreet gëtt, wat dann d'Zukunftsperspektiven ugeet - d'Beschönegungen, déi d'Regierung gemaach hätt -, vläicht emol



mat e puer positive Punkte géifen ufänken, déi Fakte sinn, déi eigentlech missten hei vun der ganzer Chamber gedroe ginn.

Éischte Fakt ass deen, eng gutt disziplinéiert Exekutioun vum Budget 2014. Wéi nach d'CSV de Budgetsminister gestallt huet, ass den CSV-Sprieche net midd ginn, dat ervirzehiewen, wéi wichteg a wéi schéin dass et wär, dass den zoustännege Minister derfir gesuergt hätt, dass de Budget mat grousser Disziplin duerchgefouert gi wär, wat et erméigleche géif, e gutt Resultat anzefueren.

Abee, ech verlaangen déiselwecht Gerechtegkeet fir d'Ministeren, a besonnesch den zoustännege Budgetsminister vun dëser Regierung! An ech géif soen, Dir hutt eng gutt Aarbecht geleescht. Et ass net zu Dérapagé komm bei der Exekutioun vun deem heite Budget, well deen 2014er Kont, dat wäert dee beschten Ofschlosskont sinn, dee mer zënter laange Joren hei zu Lëtzebuerg kannt hunn a sengem Total. Souguer no eise Budgetsnormen hei zu Lëtzebuerg wäert en e lichten Iwwerschoss ausweisen. Besser wéi de Kont 2013.

Ech mengen, dat sollt een emol fir d'Éischt ervirhiewen. Dat geet hei total ënner. Et schéngt kee Mënsch ze interesséieren! Abee, dee Budget 2014, deen ass an der Rei. Deen ass uerdentlech exekutéiert ginn. D'Regierung huet hir Aarbecht gutt gemaach. Dat soll een dierfen, souguer vusäite vun der Opposition, emol eng Kéier an där ganzer Schwaarz-Wäiss-Molerei och ervirsträichen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Kee Statsempirunt huet missen opgehall ginn an dësem Joer, wat dozou féiert, dass Enn 2014 eis éffentlech Schold souguer lichter ënnert dem Niveau läit, dee mer virun engem Joer haten. Och dat ass positiv. An alles wär jo eigentlech an der Rei, wa mer net dat Lach vu 700 Milliounen Euro a méi hätten duerch den Ausfall vun der TVA am E-Commerce. Et ass dat Lach, dat mer probéieren, elo ze combléieren an deenen nächste Joren.

Et ass wouer, dass dat Ganzt do méiglech war duerch eng positiv wirtschaftlech Entwécklung nach an dësem Joer, och wann d'Prognose fir d'Zukunft méi däischter ausgesinn. Mir wäerte ronn 3%, vläicht souguer lichter drënner, vu realem Wirtschaftswuesstum dëst Joer 2014 kréien. Mir haten eng niddreg Inflation. Douduerjer ass et och net zu engem Erfall vun enger Indexbranche komm. A mir haten héich Bourssécoursen, well mir si jo dat Land, wou d'Bourssécoursen zu engem gudden Deel och d'allgemeng Aschätzung vun de Budgeteinnahme mat bestëmmen. Et ass also gutt gewirtschaft ginn an dësem éischte Joer.

Déi zweet gutt Nouvelle, déi ass och nëmmen esou par la bande erwähnt gi bis elo vun der Opposition. Dat ass, dass d'Regierung jo hire Budgetsprojert mat der Programmation plurianuelle bis 2018 op Bréissel geschéckt huet. An do hu mer eng Antwort kritt. Do hu mer eng Zensur ausgestallt kritt. An déi Zensur, déi zielt! Dat ass eng wichteg Etapp am Budgetsemester, eng wichteg Etapp an der Gouvernance économique an Europa.

Und siehe da, dierf een awer och, mengen ech, hei ervirhiewen - dat Uerteel ass mir wuel esou wichteg, muss ech lech soen, wéi dat vun enger Banque centrale oder vun der Cour des Comptes hei zu Lëtzebuerg: Bréissel huet der Lëtzebuerger Regierung eng positiv Zensur ausgestallt. Si hu gesot: „Souwuel Äre Budget 2015 wéi och déi Planung fir déi nächst Jore si konform zum europäesche Wuesstums- a Stabilitéitspakt.“ Dat ass wichteg!

Dat ass berouegend an dat weist, dass mer op der richteger Schinn sinn! An dat beweist guer net, dass mer hei zu Lëtzebuerg mat där Politik, déi mer elo maachen, op enger falscher Schinn wäeren. Och dat, mengen ech, dat positivt Element do muss een hei an dëser Debatte och gebührend ervirsträichen.

Verantwortung! Verantwortung, dat ass de Schlüsselbegrëff vum Franz Fayot sengem Budgetrapport 2015. Ouni Zweifel eng Meeschterprüfung fir e kompetenten, talentierten a fläisseg jonken Deputéierten.

Dëse Rapport ass méi wéi eng einfach Duerstellung vun der Regierungspolitik.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - En huet eng Rei vu kriteschen Elementer. Do gëtt et och eng Tradition hei an der Chamber, dass d'Budgetsrapporteure sech duerschau déi dote Fräiheet eraushuelen, oft souguer ënnerstëtzt vun hire Kollegen aus der zoustänneger Budgetskommission.

Mä virun allem huet en, mengen ech, et fäerdegbruecht, dee Budgetsprojert hei duerzestellen an enger Gesamtpolitik oder an engem politeschen Emfeld a besonnesch op d'Noutwendegkeet higewise vun der Bekämpfung vun der Aarmut, vun enger Neiorientierung vun der Familjepolitik, Beschäftigungspolitik, vum Wunnengsbau an op d'Noutwendegkeet vu Steuerreformen.

An et si grad déi dote Politikberäicher, déi an deem Rapport vun der Budgetskommission als prioritär duergestallt ginn, et sinn déi, déi och zousätzlech Kreditter an deem Budget 2015 zougestane kréie vun der Regierung. Et gëtt net op de falsche Plaze gespuert bei deem Budgetsprojert 2015!

D'Ausgabe fir Schoul, Kanner a Jugend ginn ëm 8% an d'Luucht, bei engem duerschneittlechen Uwuesse vun den Ausgabe vu 4%. Bei der Famill leien d'Investitiounen fir 2015 bei knapp 50 Milliounen Euro. D'Kreditter fir Fuerschung an Innovatioun ginn am Total ëm 7 Milliounen op elo 146 Milliounen Euro erop. D'Mëttele vum Fonds national de la recherche steigen ëm 15%. Fir d'Uni Lëtzebuerg sinn 148 Milliounen Euro virgesinn, e Plus vun iwwer 12%.

Och d'Kreditter fir Aarbecht a Beschäftegung klammen iwwerduerschneittlech op 653 Milliounen, plus 6,3%. D'Ausgabe vum Ministère de la Sécurité sociale klammen ëm 6%, de Budget vum Gesondheitsministère ëm bal 11%. Bemierkenswäert och d'Erhéijung vun de Kreditter vum Wunnengsbauministère, eng Progressioun vu knapp 11%. En uerdentleche Plus gëtt et och am Environnement, eng ronn 9% méi wéi 2014.

En ausseruerdentlechen Ausgabepunkt ass d'Présidentschaft vun der Europäescher Union, mat 51 Milliounen Euro. Mä bemierkenswäert bleift fir eis Partei, a wichteg och, dee weltwäit héije Bäitrag, dee mer hei leeschten zu Lëtzebuerg, och an Zukunft, wat d'Entwécklungshëllef ugeet, mat 323 Milliounen, 1% vum Revenu national brut!

An dësem Budget felt et also net u wichtigen Akzenten a Prioritéiten.

Am wichtigsten awer schéngt eiser Fraktioun, dass dës Koalitioun 2015 - si huet eng aner Politik och nach 2014 gemaach, mä eng Kéier muss een deen doten Émschwing maachen! - mat dem Bremsen, dem Reduzéieren an dem Verréckele vun den éffentlechen Investissementer brécht an elo kloer ab nächstem Joer, an dat geet déi nächst Joren esou weider, op eng budgetär Relance iwwer och staatlech Investissementer setzt.

Am éischte Konsolidéierungspak 2010 waren déi Investissementer ëm 361 Milliounen Euro erofgesat ginn. Am zweete Konsolidéierungspak ëm 285 Milliounen Euro. Och dës Regierung huet fir 2014 och nach eng Kéier eng gutt 100 Milliounen zrëckgefuert. Dat kënnen mer net esou weiderschreiwen, well dat jo oft net verbonne war mat engem Opgi vu Projeten. Där waren der e puer derbäi, mä de Gros war eigentlech nëmmen en Opschuppe vu Projeten. Projeten, déi mer awer brauchen!

Mir müssen investéieren an den éffentlechen Transport. Mir müssen an éffentlech Infrastrukturen, modern Infrastrukturen investéieren, fir dass mer och wirtschaftlech kënnen Opschwung kréien an nei Aarbechtsplaze schafen. Mir müssen a sozial Institutionen investéieren. Do kënnen mer net bremsen. Dat bréngt Opträg, och fir eis Betriber; net nëmmen, mä et bréngt Opträg fir eis Betriber, et bréngt Opträg fir den Handel an all déi Déngschtleeschtungsbetriber, déi ronderëm opgebaut sinn. Dat ass also e kloeren Impuls, dee mer eiser Wirtschaft hei zu Lëtzebuerg ginn, agebett, wéi scho gesot, an eng europäesch Strategie vu Wuesstum a Beschäftegung.

Am Total ass virgesinn, dass d'nächst Joer sollen d'direkt an d'indirekt Investissementer op knapp 2 Milliarden Euro, also 15%, eropgoe par rapport zu dësem Joer. Et mag sinn, dass déi Zuelen - mat Sécherheet! - net honnertprozenteg wäerte kënnen agehale ginn. Besonnesch och de fréiere Bauteminister an Infrastrukturminister weess, dass jo souwéiso an deenen Tableauen och eng Décote agebaut ass vu 15%, 20%, fir eben dem Pourcentage vun Netexekutioun vu grousser Projekte Rechnung ze droen. Et bleift awer, dass d'Direktioun muss déi dote sinn. D'Direktioun kann net e Status quo sinn. D'Direktioun an der Investitiounspolitik muss ganz kloer no uewe weisen. Dat ass fir eis immens wichteg.

(**M. Henri Kox prend la présidence.**)

An dëse Budget ass also alles anescht wéi e Spigelbild vun engem Land, dat géif stoe bleiwen, dat net géif wëssen, wou et higeet. Dëse Budget, dee setzt weiderhin op qualitativ héichwäerteg Déngschtleeschungen a modern Infrastrukturen. Dëse Budget ass kee Budget vum Defätismus, vum Fatalismus, mä vun engem vorsiichtegen Optimismus an e Beispill vun

enger Upassungsfäegkeet, déi mer als Lëtzebuerger Land an deenen nächste Jore verstäerkt musse bewiesen.

Ech wëll Merci soen, nieft dem Franz Fayot och dem Viviane Loschetter, dat net de populärste Part dëst Joer iwwerholl huet, mä dat wäert, déi Rolle wäerten e bësse changéieren am Laf vun den nächste Joren, well hatt Rapportrice war vun de Lois de mise en œuvre vun dem Zukunftspak, wou och op där enger Säit méi Einnahmen, op där anerer Säit awer och eng ganz Rei vu Kierzunge vun Ausgabe virgesi ginn. An och hatt, mengen ech, huet dat bravoureis gemaach, mat vill Engagement. An effektiv, den Zäitdruck, deen huet sécherlech och fir keen déi Aarbecht méi einfach gemaach, déi mer dëst Joer haten.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - D'Gesetz iwwert d'Finanzplanung 2014-2018 ass eng Neuerung. Si gëtt eis imposéiert vu Bréissel. Mir hu se iwwerholl an eis Gesetzgebung. A si mécht dat méiglech, wat eis soss sécherlech e bësse gefeelt huet. Bis elo hu mer dat do jo nëmme fir d'Fongéie kannt. Elo gëllt et eigentlech och fir déi ordinär Kreditter vum Budget, dass mer iwwert den Tellerrand vum lafende Joer erauskucken an eng Projektioun maachen op déi nächst Joren.

Dass do bei deem éischten Essai déi eng oder déi aner Imperfektion geschitt ass, et wär e Wonner, wann et net esou wär! Dofir, wann ech gelift, sidd do net esou kriddlech! Ech weess och, wéi déi Tableauen an der Vergaangenheet opgestallt si ginn, wann et ëm d'Aschätzung vun eenzelne Moossname gaangen ass. Hei ass net anescht an net méi schlecht verfuert gi wéi an der Vergaangenheet.

Et ass de Versuch do, dat awer méi komplett ze maachen. An ech si sécher, dass, wa mer emol d'Routine hu vun deem Ganzen, mer dann och anescht mat deem Instrument do nach kënnen ëmgoen a vill méi fein och kënnen eigentlech virausgesinn, wat d'Répercussioune vun där enger oder anerer Moossnam sinn. Dorunner schaffe mer; wou mer och mussen onbedéngt - ech widderhuele mech hei, an ech wäert elo tatsächlech an deenen nächste Wochen do eng Initiativ huelen - eis Budgetsprozedur hei an der Chamber komplett ëmschreiwen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - D'Budgetsprozedur klappt hannen a vir net méi mam Semestre europäen vun der EU, plus all déi aner Regeln, déi mer eis ginn hunn, iwwereneen. Mir hunn nei Gremien, déi awierken: de Comité de prévision, de Conseil national des finances publiques. Och do mussen mer kucken, wéi deenen hir Avis sech kënnen aschreiwen an eis gesamt Prozedur.

Wat maache mer mat der Debatt ronderëm d'Lag vun der Natioun am Fréijoer? Och do mussen mer kucken, wéi mer dat ronnkréien, dass mer dat méi effikass kënnen am richtige Moment asetzen. A wéi brénge mer et fäerdeg, och déi Budgetdiskussioune mat eisen Debatte ronderëm eise Plan national de réforme vun der Strategie „Europa 2020“ beieneenzebréngen? Well eigentlech sinn dat jo zwou Facetté vun deemselwechten.

An dofir: Loosse mer eis zesummesetzen, dat huet hei awer näischt mat Parteipolitik ze dinn, an endlech do zerguttst dat maachen, wat emol undiskutéiert ginn ass a wou mer selwer - et ass um Parlament, dat do ze preparéieren - bis elo et net fäerdegbruecht hunn, dat op en Enn ze féieren! Dat ass op jidde Fall e Wonsch, dee mir als LSAP-Fraktioun ganz staark hei wëllen an de Vierdergrond stellen.

Et waren an der Vergaangenheet besonnesch déi sozialistesche Budgetsrapporteuren, an de Roger Negri war den éischten, well ier e seng Propositions de loi gemaach huet, war en emol Budgetsrapporteur, an dunn huet e schonn op d'Noutwendegkeet higewisen, fir eng nei Budgetphilosophie eigentlech anzusetzen, déi méi resultat- an objektivierteert gäen. An do ass sécherlech munchvun Zäit verluer gaangen.

Ech weess, dass déi viregt Finanzministeren net onbedéngt begeeschtert waren direkt vun där doter Iddi. Et ass awer Preparatiounsaarbecht geleescht ginn. Et gëtt e Bericht vun der OCDE. Et gëtt och en éischten Entworf aus der Verwaltung. Dat ass also eng Grondlag, op där ee ka schaffen. An et ass wichteg, dass mer besonnesch als Chamber och fréi eis associéieren an déi doten Aarbechten, wéi mer u sech déi Budgetpolitik wëllen nei orientéieren an deenen nächste Joren.

Ech soen awer och hei: Et geet net duer, dass mer eis ambitiéis Texter ginn, mir hunn och hei als Parlament eng Responsabilitéit, dat ass d'Kontrollfonctioun an och wat eis Orientierungsfonctioun ugeet, wat d'Finanz- an d'Budgetspolitik zu Lëtzebuerg ubelaangt. An dat do heescht och, dass mer eis selwer mussen méi staark implizéieren och an déi europäesch

Finanzaktualitéit au jour le jour. Ech soen, dass dat net ëmmer esou de Fall war an der Vergaangenheet, wéi dat hätt misse sinn. Also, mir hunn och selwer eng Hausaufgab ze erleedegen, wa mer wierklech och wëllen net nëmmen informéiert ginn, wat d'Regierung wëlles huet, mä och wëlle mat orientéieren, a wat fir eng Richtung dass d'Choix vu Lëtzebuerg ginn.

D'Finanzplanung bis 2018 fousst op den Donnéeën vum Summer. Verschidden Avisen an och d'Vertrieder vun der CSV fannen déi dote Prognosen ze optimistesche. Dat mag sinn. Vun haut aus gekuckt schéngt se eis ze optimistesche. Wa mer sechs Méint eis zrëckversetzen, dann hätte mer se eigentlech realistesch fonnt.

Wat ass a sechs Méint de Fall? Dat ka fir de Moment kee soen. Et si jo och nëmme Prognosen. Et si Projektiounen an d'Zukunft. A selbstverständlech wäert all Joers missen dee Plan plurianuel ugepasst ginn opgrond vun deene leschte makroekonomeschen Donnéeën, déi da virleien, fir esou no wéi méiglech un der Realitéit ze sinn.

Sécherlech wäerte kee Joer déi Zuelen esou stëmmen eent zu eent, wéi se elo an deem Programm drastinn, mä et gëtt awer eng Orientierung. A mir mussen also wëssen, dass mer haut éischer d'Gefill hunn, dass mer, fir eis Ziler ze errechen, vläicht e bësse méi nach mussen maache wéi dat, wat elo geplangt ass, wéi dass mer e bësse manner misste maache wéi dat, wat elo geplangt ass. Mä et muss een ofwaarden, wéi sech déi doten Entwécklung och elo mécht.

Fir 2015 mengen ech schonn, dass graff awer dat Grondemfeld sech net fundamental changéiert huet an deene leschte Méint. Och mat engem PIB vu gutt 2%, mat enger Inflation vu manner wéi 1,5%, engem Emploi vu plus 2%, mengen ech, dass déi Prognosen, déi elo am Budget 2015 stinn, kënnen realiséiert ginn. Se sinn op jidde Fall net falsch.

Mä déi mëttelfristeg Auswierkunge vun der LuxLeaks-Affär an d'Efforte vun der Steuerharmoniséierung op EU-Niveau, d'Steierfluchtbekämpfung international, d'Campagne géint d'Steiererosioun, déi kënnen natierlech net direkt en Nidderschlag fannen an deene Prognose fir déi nächst véier Joer. Mä dat wäert awer sécherlech an engem gewëssene Moment eng Répercussioune och op déi Lëtzebuerger Wirtschaft hunn.

Op jidde Fall muss ee sech d'Fro stellen, ob et realistesch ass, dass ee kann dovunner ausgoen, dass Lëtzebuerg quasi automatesch géif duebel esou staark wuesse wéi de Rescht an der Europäescher Union a souguer duebel esou staark wuesse wéi Däitschland, dat ëmmer als Lokomotiv vun der Relance an Europa betruecht gëtt. Ech fäerten, dass mer et do net mat engem Automatismus ze dinn hunn, mä dass dat eng gléckleche Situatioun war, déi mer iwwer laang Joren hei zu Lëtzebuerg am Verglach zum Ausland kannt hunn.

Et ass op jidde Fall näischt méi geféierlech, wéi Tendenzen, déi ee kannt huet aus der Vergaangenheet, einfach linear wëlle weidereschreiwen an déi nächst Joren. Et ass also wichteg, dass mer eis mat de Froe vu Kompetitivitéit, de Froe vun Neiausrichtung vun eiem Wirtschaftsmodell intensiv an der Politik an deenen nächste Jore beschäftegen.

E puer Wuert och nach iwwert d'Steierreform aus der Siicht vun der LSAP, déi, wéi d'Regierung gesot huet, am Pluriannuel, iwwert dee mer wäerten ofstëmmen, keng Répercussioune direkt huet, well jo net kloer ass, a wat fir eng Richtung dat Ganzt sech entwéckelt. Awer, an dat ass fir eis wichteg, et muss ee kënnen doriwwer eng sachlech, eng breet Debatt ouni A-priori, wat d'Iddien ugeet, féieren, ouni exzessiven Zäitdruck och, virun allem awer net opgrond vu Sloganeen, mä opgrond vu Fakten, enger méiglechst kompletter Bestandsopnahm vum Besët a vum Akommes hei zu Lëtzebuerg. Dat ass d'Viraussetzung, fir kënnen eng zillföhrend Diskussioun ronderëm eng grouss Steuerreform ze féieren.

Steierreforme brauchen Zäit! Si müssen och techesch propper virbereet sinn. An do sinn ech mer schonn elo sécher, dass et gutt wär, wa mer dat eent oder anert, wou mer eis vläicht eens sinn, elo scho géifen ufänken. An ech huele gären..., fir d'CSV Ligen ze strofen, déi seet, mir géife keng Iddie vun hinnen hei ophuelen, déi kräische kommen! Neen, ech wëll dat net hunn! Ech wëll virun dem Réveillon net hunn, dass Der esou heem gitt...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Esou schnell kräische mer och net!

(**Hilarité**)

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...bei Äre Chrëschtbeemchen, bei d'Krëpp. Neen, ech sinn der Meinung, dass mer déi Iddi vun der Grondsteuer sollte vläicht direkt opgräifen. Mir sinn eis all eens, dass déi Grondsteuer muss reforméiert ginn.



Reforméiert heescht, dass mer d'Valeur unitaire mussen nei definéieren. Dat ass näischt, wat ee ka mat engem Fiederstréch maachen, well mer all wëssen, dass déi während 60, 70 Joer net adaptéiert ginn ass an dass een do muss iwwert d'ganzt Land eng komplett nei Berechnung maachen.

Well dat esou laang dauert a well dat warscheinlech bedeit, dass ee muss eng hallef Dose Leit während Joren op déi dote Punkte setzen, fir eng uerdentlech, akzeptabel, akzeptéiert Berechnung ze maache vum Eenheitswäert vun de Propriétéiten hei zu Lëtzebuerg, sollt ee vläicht decidéieren, dat do vir ze huelen, fir dass zumindest déi Virbereedungs-aarbecht do gemaach gëtt. Well soss geet et dëser Regierung, wéi et schonn zwou Regierungen virdru gaangen ass! Wou hei scho sël-leche Motiounen zu deem Thema hei - eestëm-meg meeschens - gestëmmt si ginn a wou awer näischt erfollegt ass, well notamment d'Verwaltung virun engem Bierg vun Aarbecht stoung an net richtig wousst, op wat fir engem Enn se déi dote Reform sollt upaken.

Dofir: Firwat net? Wa mer eis eens sinn iwwert de Prinzip, firwat net elo schonn esou e Punkt an der Virbereedungs-aarbecht virzéien an déi néideg Manpower och drop setzen, dass déi dote Grondaarbecht emol ka gemaach ginn? Well soss kënne mer esou laang hei driwwer diskutéieren, an dräi Joer si mer eigentlech nach net wäit komm op deem dote Punkt.

Ech wëll nach zur Steuerreform awer Folgendes bäifügen: Déi Steuerreform wäert ganz schnell allmëglech Interessenkonflikter klöermaachen, an och Zilkonflikter si virprogramméiert. Geet et drëm, eng Ëmverdeelungspolitik ze maachen an déi sozial Kohäsion ze stäerken oder soll de Lëtzebuergesche Steiersystem fir d'Un-zéie vun neien Aktivitéiten agesat ginn? Béides ënnert een Hutt ze bréngen, gëtt onheemlech komplizéiert! An dofir schéngt mir - ech sinn do e bësse pessimistes, vläicht sinn ech och schonn ze laang hei derbäi - ...

► **Plusieurs voix.** - Jo.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...déi grouss Steuerreform,...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Méi wéi zéng Joer!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...déi all Felder mat sollt implizéieren, eppes onheemlech Komplexes a Schwieriges ze sinn. Déi ass alles anescht wéi an dréchenen Dicher. Zumools jo och, well d'Erwaardunge vun allen Akteure komplett a verschidde Richtunge ginn. Bon, iwwer eent si se sech eens, op engem Punkt si se sech eens: Jiddweree mengt, e géif duerch déi Steuerreform manner Steiere bezuelen. Dat wäert awer sécherlech net d'Resultat vun där globaler Steuerreform sinn!

Et ass éischter eng Ëmverdeelung zum Deel vun der Steuerlaascht, déi wäert kommen, wéi dass jiddweree eent zu eent kann domadder rechnen, dass e manner Steiere bezilt oder am gönschtegste Fall just esou vill Steiere bezilt, wéi et elo ass. Soubal een do un ee Riedchen dréie geet, da kommen aner Riedercher ganz gären a Bewegung.

An et muss ee jo och schliisslech wëssen, dass mer nach guer net sécher sinn, wat fir eng Budgetmargé mer eigentlech fir eng Steuerreform hunn. Muss déi akommesneutral sinn herno? Oder den Output, kann dee positiv oder muss en negativ sinn? Alles dat si Froen, déi nach net gekläert sinn an déi déi ganz Diskussioun schwéier maachen.

Ech huelen och e Beispill aus dem Ausland. A Frankräich ass et viru Kuerzem e Premier-minister ginn, deem dat emol eng Kéier lancéiert huet. No zwee Méint vum d'Diskussioun eriwier! An Eisträich si se an der Regierung amgaang, sech ze zerbalge während laange Méint op där Fro vun enger grousser Steuerreform.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et si scho Ministeren ausgetosch ginn.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ministere sinn ausgetosch, schrecklech! Alles dat, mengen ech, alles dat, fir lech ze soen: Selbstverständlech stinn ech, steet meng Partei zu där Iddi vun där Steuerreform, zu enger objektiver Diskussioun iwwer all déi dote Froen, mä et sollt een, mengen ech, net riseg Erwaardunge schüren elo schonn, wann ee weess, wat fir eng Barrieren, wat fir eng Hürden nach ze huele sinn, bis mer eigentlech um Enn vun der Diskussioun do wäerten ukomm sinn.

Mir wäerten op jidde Fall als LSAP eis eege Konzepter an déi Debatt erabrénge, ouni eis - dat soen ech hei - vun anere verbidden ze loos-sen, nozedenken iwwer eng méi gerecht Besteuerung an eng Besteuerung virun allem, déi méi eng breet Akzeptanz an der Bevëlkerung huet. Well all Steuerreform, déi net vun der Bevëlkerung akzeptéiert gëtt, déi wäert net statt-fannen!

D'CSV huet, zumindest no deem, wat se bis elo zu deem dote Punkt gesot huet, hir eege Logik. Et ass och vläicht nëmme déi vum Här Mosar, ech weess et net! Op jidde Fall huet hie schonn hei gesot, wat en net wëllt. Bon, dat ass iwwerhaapt eppes, wat déi Partei gäre seet: wat se net wëllt. Si ass e bësse méi knausereg, fir ze soen, wat se dann esou wëllt.

Mä wat hien net wëllt, ass eng Erhéijung, pardon, eng Besteuerung vum Verméigen. Op kee Fall, dat dierf et hei zu Lëtzebuerg net ginn! D'Erhéijung vum Spätzesteiersaz, dat ass och Géft anscheinend fir d'Lëtzebuurger Land. An e mécht een eenzege Virschlag, een eenzege konkrete Virschlag, an dee gëtt awer ganz konkret! Se soen: Betribsbesteuerung an Zukunft 15%! Ouni konkret Berechnungen, ouni iergendwellech Virschléi bei der Berechnungs-basis, ouni gepréift ze hunn, wéi sech esou eng Neierung da konsequent an deenen eenzelne Betriber géif erëmispigelen, wat fir eng Konsequenz dat Ganzt och op d'Statskeess hätt!

Ech mengen, dat ass net seriö! Mir kënnen net Prozentsätz elo an d'Welt setzen, ouni gepréift ze hunn, wat dat do an der Praxis heescht. Esou dierfe mer déi Diskussioun op kee Fall weiterféieren!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - A wann...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech wollt just soen, datt hei...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...déiselwecht CSV...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - ...eng Reform ugekënnegt ginn ass vun der Regierung, ouni datt do iwwerhaapt eng Richtung ugi gëtt. An Dir hutt dat elo just selwer gesot.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Neen, dat ass net richtig. Et sinn Elementer...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Do ass iwwerhaapt keng Richtung...

(*Interruption*)

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Et sinn Elementer am Regierungsprogramm mat dran,...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Zu engem Deel hu mer déi Elementer jo hannerfrot, ob se nach ëmmer géife stoen.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...déi wäerten déi ganz Komplexitéit vun där Fro...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - An do si vill Fragezeichen hannendrun!

► **M. Henri Kox, Président de séance.** - Wann ech gelift!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, Dir kommt vläicht elo nach... Dir hutt och bei lech am CSV-Wahlprogramm stoen, Dir géift „ins Auge fassen“ - d'CSV ass jo ëmmer ganz nuancéiert a ganz virsiichteg: „ins Auge fassen“ - déi Reform.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dir hutt jo gesot, et wär eng schwéier Reform. Dofir si mer virsiichteg.

► **M. Henri Kox, Président de séance.** - Loosst den Här Bodry wann ech gelift schwätzen!

(*Interruptions diverses*)

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Mä och wann een eppes „ins Auge fasst“, kann ee jo och selwer konkret Iddien hunn.

(*Interruption par M. Gast Gibéryen*)

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - Här Gibéryen, wat verstitt Der dann ënner Verméigenssteuer?

► **M. Henri Kox, Président de séance.** - Et ass just een, dee schwätzt, wann ech gelift, den Här Bodry!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat mat der Verméigenssteuer, dann erklärt eis dat!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Op jidde Fall, den Här...

(*Interruptions diverses*)

...den Här Mosar, deem huet eng konkret Iddi, dat ass d'Betribsbesteuerung emol schonn op 15% erofzesetzen. Ech hoffen, dass d'Volleks-partei CSV och nach aner Iddien huet wéi déi 15% Betribsbesteuerung.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Also mir hunn...

► **M. Henri Kox, Président de séance.** - Här Wiseler, wann ech gelift.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mir hunn der Regierung proposéiert, datt, wa se wëllt déi Betribsbesteuerung aus deene Grënn virzéien, fir d'Attraktivitéit vun eise Standuert ze behalen, datt mer bereet wären, dat Virzéie mat lech ze diskutéieren. Dat ass dat Haaptsächlecht vun der Proposition.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, mä den Här Finanzminister huet...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech fannen dat eng korrekt Proposition.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Den Här Finanzminister, deem deem Dossier studéiert huet, huet och ganz kloer op d'Komplexitéit higewisen, déi déi dote Fro huet, an dass een net kann...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Däers si mer eis och bewosst.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...aus der Héft schéissen a Prozentsätz an d'Welt setzen, zu anere Leit soen: „Dir dierft d'Leit net beonrouegen duerch Aussoen, déi Der macht“, a gläichzäiteg awer eigentlech schonn elo Reforme prezis nennen, wou kee Mënsch weess, wou mer schlussendlech wäerten op deem dote Punkt landen. Dofir soll, mengen ech, jiddweree hei zrëckkommen zu de Fakten - d'Bestandsopnahm - an dann eng breet Diskussioun féieren iwwert déi eenzel Méiglechkeeten, déi hei bestinn. Et wäerten op jidde Fall nach passionnant Diskussiounen ginn, déi mer, vläicht och queesch an de Parteien, an där dote Fro wäerten deemnächst kréien!

(*Mme Simone Beissel prend la présidence.*)

Eng Reform am Finanzberäich ass an der Diskussioun, erëm an der Diskussioun, erëm erëm an der Diskussioun, well iwwert déi gëtt och scho während dräi, véier Mandatsperioden diskutéiert, ouni dass een direkt bis elo konnt konkret spieren, wat dobäi géif erauskommen, dat ass d'Reform vun de Gemegefinanzen. D'Reform vun de Gemegefinanze kann net méi weider opgeschuppt ginn. Dee Luxus, dee sech an der Vergaangenheet erlaabt ginn ass, dee kann een net méi an Zukunft maachen, och opgrond vun deem neie budgetäre Kader, an deem sech och d'Gemengen an deenen nächste Jore wäerte bewegen.

Och do e puer Zuele vläicht. Ech sinn nach wie vor der Meinung, dass de Gemengesector, insgesamt gekuckt, gutt dosteet. E steet gutt am historesche Vergläich, wann ee kuckt, wéi d'Gemengen hei zu Lëtzebuerg virun 20 Joer dostoungen. Et dierf een och heiansdo e bësse méi wäit zrëckkucken. An och am internationale Vergläich: De Lëtzebuurger Gemengesector ass dee Gemengesector a ganz Europa, deem am mannste verschëllt ass. Dat geet ganz kloer aus allen internationale Statistiken ervir. Dat ass emol einfach e Fait, deem ee soll soen.

Hannert deenen Totaler verstoppe sech natierlech eenzel Situatiounen. An et ass do, wou an eisen Ae fir de Moment ee vun de grouse Problemer läit, dat ass awer déi Diskrepanz an der Finanzsituatioun vun enger Gemeng op déi aner, ouni dass ee ka soen, dass déi Situatioun zrëckzéiere wär dorop, dass déi eng Gemeng besonnesch dichteg gewiescht wär an an där anerer Gemeng eng besonnesch schlecht Gest-ioun vun de Finanzen gewiescht wär.

Den Ënnerscheed kënnt haaptsächlech iwwert d'Gewerbesteier an d'Verdeelung vun der Gewerbesteier tëschent de Gemengen, wou ech schonn der Meinung sinn, dass ee muss e Lien halen tëschent der wirtschaftlecher Aktivitéit an enger Steiereinnahm och vun de Gemengen, wou een awer muss kucken, zu wat fir enger Situatioun eigentlech dat do gefouert huet.

Dofir vläicht eng Zuel: Dir wësst, dass viru Joren eng Kéier d'Gemengen opgefuerdert gi sinn, fir Reservafongen unzeleeën. D'Gemengen hunn dat och gemaach. An deem Reservafong, an deem vill Geld läit, sinn et véier Gemengen, déi 70% vun deenen Avoiren do hunn. Véier Gemengen hu 70% vun deenen Avoiren! An dat sinn och déi véier Gemengen, déi an deene leschten - ech weess net wéi vill Joren ni en Emprunt getätegt hunn, well se ni hu brauchen en Emprunt ze tätegen.

(*Interruption*)

Iwwer 100 aner Gemenge sinn an enger anerer Situatioun!

Mir mussen also dat doten eng Kéier seriö kucken, wéi mer dee Kuch do liicht anescht kënnen ëmverdeelten. Selbstverständlech, wa Gemege gewëssen Aufgaben hunn, muss se déi néideg Gelder kréien, fir déi Aufgaben ze maachen. All Gemeng huet net déiselwecht Aufgaben. Mä dat rechtfertegt net, dass eenzel Gemengen 2-mol, 2,5-mol, 3-mol méi Pro-Kapp-Akommes u Gewerbesteier kréie wéi aner Gemengen. Da féiert souguer dozou, dass eng Gemeng esou vill Suen eleng op deem Fonds de réserve do huet - se huet wahrscheinlech nach aner Reserven -, dass et géif duergoen, fir annerhalleft Joer sämtlech ordinär Ausgabe vun där Gemeng ze tätegen. Ordinär Ausgabe vun där Gemeng!

(*Interruptions*)

An déi Gemengen do ginn och no eise System allegueren d'selwecht subventionéiert a ganz ville Beräicher. Dat geet net! Dat geet net, zumools well dës Regierung, an do ass se an der Linn vun der viregter Regierung, och eng

Rei Moossname geholl huet, fir och Aspierungen ze maachen, wat d'Transferten un d'Gemengen ugeet. Wéi gesot, et ass net déi éischt Regierung, déi dat dote mécht, mä et ass... Si mécht et och, loosse mer et esou soen. An all Regierungen am Ausland, wann een dat kuckt, hunn a Krisesituatiounen och probéiert, eng Rei vun Transferten a Richtung Gemengen ze bremsen. Mä dës Regierung mécht et awer, an eisen Aen, op eng verstänneg Aart a Weis.

A wann een elo e bësse kuckt, et ass jo d'Zäit vun de Publikatiounen vun de Gemegebudgeten, et gëtt gemurt, mä wann een awer d'Zuele kuckt, gesäit een awer, dass d'Gemege momentan nach eens gi mat där doter Situatioun. Et ass awer och kloer, dass, wa sech dat dote verschäerfe géif déi nächst Joren oder sech an enger méi enker, gesamtwirtschaftlech méi schlechter Situatioun weiterféiere géif déi nächst Joren, ech muss soen, dass d'Prognosen, wat d'Regierung mengt, wat d'Gemege géife vu Steieropkommes d'nächst Joer kréien, mer relativ optimistes schéngen ze sinn. Well mir haten déi lescht Joren eng Moyenne vun eppes knapp 4%, elo géife mer gutt 6% déi nächst Jore kréien - dat schéngt mir e bëssen optimistes ze sinn. Mä et sief, mir gesinn, wéi et dann ass.

Dat bedeit also an et ënnersträicht fir mech nëmme, dass mer do mussen also handelen an dass déi Gemegefinanzreform kënnt. An ech hu Vertrauen an diesen Innenminister, deem säin Duerchsetzungsverméigen ech och kennen an an der Regel schätzen, dass och effektiv dat och dës Kéier ëmgasat gëtt.

Wichtig ass, dat wëll ech awer dierfe betounen: Ech wär frou, wann d'Regierung awer eppes géif behäerzen, well dat am gemeinsame Koalitionsprogramm, am Regierungsprogramm drasteet. Do steet dran, dass, wann d'Gemege sollen zousätzlech Aufgabe vum Stat kréien, dass se dann och mussen déi néideg Mëttele kréien, fir déi zousätzlech Aufgaben ze maachen. Dat muss an eisen Ae respektéiert ginn, well soss komme mer echt an Noutsituatiounen bei eenzelne Gemengen eran! Verschiddener wäerten nach ëmmer net mieren, dass iwwerhaapt eng Kris war! Dat ass nun eben esou.

Fir vill Diskussiounen am Virfeld vun där Debatt huet och d'Afféierung vun enger Kontributioun, elo enger Steuer vun 0,5% op de Revenue gesuergt. De facto ass dat eng progressiv Steuer, ech wëll dat nach eng Kéier hei betounen, well ech si mer net sécher, ob dee schrecklechen Ausdrock vun der „Immuniséierung“ vum Mindestloun, ob jiddweree dobaussen dat esou versteet.

Dat heescht also net nëmme, dass déi Leit, déi e Revenu bis zum Mindestloun hunn, déi dote Steuer net brauchen ze bezuelen, mä et heescht och, dass all déi aner, déi driwwer leien, bis zu engem gewëssene Montant, zu deem Montant vum Mindestloun, net besteiert ginn.

Dat heescht also de facto, dass, wann een en duebele Mindestloun zum Beispill verdéngt, dass een dann 0,5% bezilt. A wann ee ganz, ganz vill verdéngt, da läit ee knapp ënner 0,5%. 0,5% wäert souguer keen erreeche mat deem dote System, well ëmmer e ganz klengen Deel vum Revenu exonériert bleift.

Dës Steuer, déi soll 2017 an déi allgemeng Steuerreform opgoen. Si hëlleft, de Statsbudget an d'Gläichgewicht ze bréngen, an erméiglecht, ënner anerem, eng ambitiéis Familien- a Kannerpolitik, wou ech jo och gesot hunn, dass do méi Gelder an deenen nächste Jore wäerten investéiert ginn.

(*M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.*)

Op dës Einnahm verzichten, op all zousätzlech Steuer verzichten, heescht, méi déif Aschnëtter bei den Ausgaben ze tätegen, also regelrecht Austeritéitspolitik ze maachen. Wat dës Regierung mam 2015er Budget net mécht! Wien dat wëllt, wien also déi doten zousätzlech Einnahme refuséiert, dee muss gläichzäiteg, am selwechten Otemzuch soen, wéi an duerch wat fir eng Aspierungen en dat da wëllt ersetzen. Wann en dat net mécht, dann hält en a Kaf, dass mer eis weider musse verschëlden. Dat wëllt jo, anscheinend, keen hei an dësem Haus.

An all deenen, déi mengen, si géifen un där Steuerlaascht elo do zerbréchen, un deenen 0,5%, déi keng 0,5% sinn, wëll ech nach eng Kéier hei an Erënnung ruffen, dass mer hei an dësem schéine Land Lëtzebuerg bis an d'Mëtt vun den 80er Joren eng Akommesbesteuerung haten - dat war nach zu Zäite vum Pierre Werner -, eng Akommesbesteuerung haten, wou de



marginalen Taux, also den Héchststeiersaz, bei iwwer 50% louch! Wou sech drop grefféiert huet eng Solidaritéitssteuer vun 10%, op der Steuer, wou mer also un déi 60% marginal Besteuerung hei zu Lëtzebuerg haten! Dat war Métt den 80er Joren.

Mir sinn der Meinung, dass d'Steierlaascht hei zu Lëtzebuerg akzeptabel bleift, ouni der Iwwerzeegung ze sinn, dass eise Steiersystem u sech absolut gerecht ass. Mir wëllen e perfektionéieren. A grad bei der TVA - do därf een awer och nach eng Kéier drun erënneren - bleift Lëtzebuerg dat Land an Europa mat dem niddregste Regelsteiersaz an och mat där gréisster, där breetster Assiette eigentlech, wat den niddregste Steiersaz ugeet, bei eis hei vun 3%.

Eng interessant Neuerung am Budget respektiv am Budgetspak ass d'Aféierung vun engem Statsfong, vun engem Fonds souverain. Och dat ass eng Iddi, déi net nei ass, déi ëmmer erëm, ënner anerem och emol vun deem engen oder deem anere Rapporteur, och sozialistesch Rapporteur, hei virbruecht ginn ass an déi awer op wéineg Géigeléift ëmmer gestouss ass an de vieregte Regierungen, fir esou eng net affektiéiert Reserv ze schafen.

Et ass jo eigentlech dat: eng net direkt affektiéiert Reserv ze schafen, déi hei déi Partikularitéit huet, dass se och nach während enger Rei vu Jore soll blockéiert sinn. Wa sech déi sukzessiv Majoritéiten hei an der Chamber dorunner halen! Well e Gesetz kann een natierlech erëm eng Kéier duerch en zweet Gesetz réckwierkend maachen (veuillez lire: réckgängeg maachen). Mä d'Iddi ass et schonn, an dësen Zäiten emol eppes lues a lues ewechzeleeë fir déi nächst Generatiounen! Dat ka kee Feeler sinn! Dat ka kee Feeler sinn, dass mer net alles hei verbroden, mä emol vu virera soen: „Ma neen, dat dote leeë mer a priori direkt emol op d'Säit“, wa mer de Budget opstellen, an dass mer kucken, dass do esou eppes entsteet, wat emol och een hei genannt huet „en Apel fir den Duuscht“. Well deem hu mer net méi!

Déi Äppel fir den Duuscht, déi hate mer. Déi hate mer Ufank 2000 nach, mat de Réckstänn, risege Réckstänn bei der Besteuerung vun de Betriber a bei och risege Reserven, déi deemools nach an den einzelnen Investitiounsponge vum Stat waren. An déi sinn opgebraucht. Déi hu mer all gemeinsam mat opgebraucht.

Fir d'Éischt mat de Steieren ass et lassgaangen. Dat huet emol enger Majoritéit - deemools ware mer emol net derbäi - erméiglecht, fir iwwert d'Ronnen ze komme vun 2004. Dir wësst jo, dass 2004 nach ëmmer an der Budgetsgeschicht vu Lëtzebuerg dee Budget oder dee Kont ass, wou de Stat dee gréissten Defizit hat. Net an den absolute Krisejoren 2009, 2010. Neen, et war den 2004er Budget, wou och nach esou munch Kaddoen an deem Wahljoer nach komm sinn, wou et lafe gelooss ginn ass a wou mer eigentlech dee gréissten Defizit hei zu Lëtzebuerg haten.

Mir waren net derbäi, mä et hätt eis och kënne geschéien. Et bleift...

(Interruptions et hilarité)

Et bleift also, dass et richtig ass, dat doten op d'Säit ze leeën. Wann ee kuckt, wéi dee Fonds de compensation géréiert gëtt, wat do awer vu Rendit eigentlech ausfällt, mengen ech, dass souguer, wann ee kuckt, wat awer haut d'Emprunte fir Staten, déi an engem Triple-A sinn, a souguer drënner, op fënnf Joer ausmaachen, mengen ech, misst ee kënne souguer erreechen, dass mer effektiv manner missten eigentlech Zënse bezuelt beim Emprunt wéi dat, wat mer schlussendlech awer als Rendement eis kënne mëttelfristeg erwaarden an esou engem Fong, den no 20 Joer dann, wann iergendwéi eng kleng Rendit entsteet, kéint bei mindestens 1,5 Milliarden Euro landen.

Dir Dammen an Dir Hären, et kann ee gären dëser Regierung virwerfen, heiansdo hektesch an erratesch ze agéieren. Haut gesi mer, dass dat och der Oppositoun virkënt. Dat weist awer an eisen Aen, dass se...

(Interruption)

Neen, net einfach wëllt stoe bleiwen!

...dass se emol och u Lëtzebuerg an de Lëtzebuerger e bësse rëselt. An e bësse rëselen, dat ass schonn net schlecht. Mir musse just oppassen, dass se et net ze hefteg mécht.

► **Une voix.** - Dir rëselt déi Falsch!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - An ech menge schonn, dass et wichteg ass, dass een eng Rei vun Dépensé kritesch a Fro stellt, fir ze decidéieren, munches erëm weiderzeféieren, mä eenzel Saachen anescht ze maachen, e puer

Stéck falen ze loosse. Et ass deen Exercice, deen ech mer gewünscht hätt, dass mer en hätte kënne zesumme maachen, mä deem elo dës Majoritéit muss eleng maachen, well d'Oppositoun, well se déi nächst Wahlen am Viséier huet, dat Spill do net wëllt matmaachen a léiwer motzt a léiwer kritiséiert, Neen seet zu allem, wat kënnt, an net richtig dat do mécht.

(Brouhaha)

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Hat Der eis gefrot, Här Bodry, ob mer et wëlle matmaachen?

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ech hunn lech virun zwee Méint...

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Ah!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...gefrot, an den Här Wiseler hat souguer nach gutt Absichten, well en ugekënnegt huet, déi lescht Woche géifen eng Rei vu Virschléi kommen. Mä déi gutt Absichte si lettre morte bliwwen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - ...wéi de Budget déposéiert war.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ech mengen, d'Diskussioun geet jo vill weider. Et ass jo net esou, dass all Décisiounen elo gefall sinn an deene leschten Deeg oder mat deem Vote hei vum Budget géife falen. Ech mengen, d'Diskussionne gi weider an da gesäit ee jo, ob déi eenzel Parteien...

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Mir huelen Är Offer un, Här Bodry, mir huelen d'Offer un!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...ob déi eenzel Parteien do bougéieren oder ob se dat net maachen.

Dëse Budget ass also an eisen Aen den Ausdrock vun enger neier Politik, enger Politik, déi net fäert, Gewunnechten ze stéieren, déi Traditionelles kritesch a Fro stellt, fir Neies opzebauen. Dat ass ongewinnt zu Lëtzebuerg. Mir sinn awer der Meinung, dass den Eeschtsch vun der Situatioun - deen huet net geännert -, dass deen e behäerzt Handele verlaangt, och wann dat momentan zu Onrou féiert. Mir si sécher, dass op laang Weil dat doten och wäert zu Versteesdemech an der öffentlecher Meinung féieren.

D'Regierung huet och bewisen - wann och vläicht e bësse spéit, mä en fait ass et jo nëmmen d'Resultat, wat zielt -, dass se de Sozialdialog net scheit an dass se virun allem et fäerdegbruecht huet, duerch déi néideg Flexibilitéit, och bereet ze sinn, iwwert den eegene Schiet ze sprangen an deem engen oder anere Punkt, dass se et fäerdegbruecht huet, engem haarde Sozialkonflikt aus dem Wee ze goen. Lëtzebuerg ass net d'Belsch! Weder wat den Inhalt nach wat d'Ausrichtung vun der Politik ugeet, och net, wat d'Zesummesetzung vun der Majoritéit ugeet, an och net, wat den Zoustand vum Sozialdialog ugeet.

An ech si frou an dësem Fall, dass mer net d'Belsch sinn, mä dass mer hei zu Lëtzebuerg sinn, wou et nach ëmmer méiglech ass, sech zesummenzesetzen an Accorden ze fannen! An dofir: Ee vun deene raren Atouten, déi mer hunn, och wat d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg als Wirtschaftsstanduert ugeet, dat ass de soziale Fridden. Deen Atout ass heimadder net op d'Spill gesat ginn! Deen Atout ass intakt no deenen Diskussiounen, déi mer ronderëm de Budget 2015 haten. Et ass eigentlech erstaunlech...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Deen ass wichtig.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat ass wichteg.

Mä et ass awer erstaunlech, dass ech e bëssen esou den Androck kréien, dass déi Leit, déi net midd si ginn, déi lescht Wochen ze soen: „D'Regierung, de Sozialdialog!“ - de Sozialdialog, quitte dass dee futtigaangen ass ënnert der vieregter Regierung, an ech si gär bereet, eng Kéier driwwer ze schwätzen, firwat; ech hunn och do meng Meinung dozou! - mä dass dee Sozialdialog schlussendlech eppes ginn ass, dat schéng se iergendwéi ze bedauern. Dat passt net méi esou richtig an dat Bild eran, wat se wollten zeechne vu Konfrontatioun vun dëser Regierung an dëser Majoritéit mat der öffentlecher Meinung hei zu Lëtzebuerg. Deem ass net esou! De soziale Fridden ass fir d'Éischt gerett! Dat ass e ganz wichtige Punkt.

Virun allem awer, an do wëll ech schléissen, ass an eisen Aen dëse Budget - dat ergëtt sech aus senger politeschen Akzenter, aus enger gewëssener Visioun, déi hannert deem Dokument hei stécht - net d'Resultat vun enger renger buchhalterecher Logik. Et ass e politescht Dokument! E setzt politesch Prioritéiten, e setzt och d'gesellschaftlech Akzenter vun dëser Koalition. Et ass e klore Beitrag zu méi nohaltegem Wuesstum, zu méi Beschäftegung an zur Öfsécherung vun eise Sozialsystem.

D'LSAP wäert déi zwee Projekte stëmmen!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Bodry. Den nächsten ageschriwene Riedner ass den Henri Kox fir déi gréng. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Hären, Budgetsriede ginn net nëmme gehalen, fir plakeg Zuelen ze kommentéieren. Si gi virun allem gehalen, fir d'Politik vun der Vergaangenheet, der Géigewaart a virun allem der Zukunft ze beschreiwen an ze deiten. D'Deutungshoheit an d'Gewichtung vun dësen Zuele läit dann natierlech ëmmer beim jeeweilege Riedner, fir zu senger eegener Interpretatioun ze kommen.

Dobäi gëtt gären iwwersinn, dass een op Basis vum selwechten Zuelematerial duerchaus verschidden Interpretatiounen a Meinungen vertrieben kann. Dat hu mer jo elo scho vidrun héieren.

Als geléierte Maschinnebauingenieur hu mech Zuele schonns ëmmer fasziniert. Zuele beschreiwen am Ingenieurskontext keng Suen, mä iwwert de Wee vun enger Abberzuel vu wëssenschaftleche Formelen de Fonctionnement vun enger Maschinn. Et ass dank dësen Zuelen e Fonctionnement, dee Schratt fir Schratt novollzéierbar an iwwerprüfbar ass. Ouni dës wëssenschaftlech Approche géif keen Auto kënne fueren, kee modernt Gebai kënne stoe bleiwen. Fir dës zolidd Approche brauch een am Virfeld eng genee Analys.

Finanzzuele sinn ähnlech, an dach si se ganz anescht! Bilanzzuele si prezis, novollzéierbar a sti fest. Hir Interpretatioun ass deemno méi einfach. An dofir, ech schléisse mech och nach eng Kéier dem Virriedner, dem Här Bodry, un, fir dem Finanzminister nämelech fir d'Gestioun vum Kont, déi mer elo kennegeléiert hunn, och vu menger Säit oder vun der grénger Fraktioun e Merci ze soen, fir déi gutt Gestioun vum leschte Joer.

Budgetszuele vun engem Joer ze deiten, ass scho méi komplizéiert. Pluriannuel Budgetszuelen opstellen an ze deiten, ass dogéint vill méi schwéier an definitiv guer net méi mat mengem uganks erwähnte Bild vun enger Maschinn ze vergläichen. Bei pluriannuellen Zuele ginn et eng Abberzuel vun deelweis berechenbaren an deelweis onberechenbare Facteuren, déi sech op d'Resultat auswierke kënnen. An dësem Sënn hanken d'Zuele vum Budget a speziell vum pluriannuelle Budget, dee mir dëst Joer fir d'Éischte Kéier hei an der Chamber diskutéieren, och ëmmer vun de Wuesstumsprognosen of.

Wien Upassung vun de Wuesstumszuele seet, seet och Upassung vun de Budgetszuelen. Dat wäert sech och an der Zukunft net änneren. Déi vill verschide Facteuren a Stellschrauwe wäerten och an der noer Zukunft net fix bleiwen, well dofir de Moment d'Spannungen op der Welt einfach ze grouss sinn.

Wie weess schonn, wéi eis Weltwirtschaft an dräi oder véier oder fënnf Joer ausgesäit? Wie weess schonn, wéi déi international Konflikter an der Welt wäerte weidergoen? Wie weess schonn, wéi genee d'Rohstoffpräisser an dem Energiesektor sech an der Zukunft wäerten entwéckelen, speziell och den Uelechpräis, dee jo de leschte Freiden, wéi mer schonn allegueren hei matgedeelt kruten, op 60 Dollar de Barrel gefall ass? A wie weess schonn - an do si mer jo schonn des Laangen an der Budgets- a Finanzkommissioun amgaang driwwer ze diskutéieren -, wie weess scho, wéi et am Dossier LuxLeaks weidergeet?

Neen, op all déi Froe ka kee genau äntwerten. D'Konklusioun doraus ass ganz kloer: Well d'Rahmbedingunge fir dëse Budget a fir eis Lëtzebuerger Situatioun... An do kënnt derbäi, dass mer déi 600 oder 700 Milliounen dëst Joer manner am E-Commerce hunn - an do muss een awer och drun erënneren, dass säit 2006 oder besser gesot 2007 bekannt war, dass déi 700 Milliounen eis haut géife feelen -, soudatt mer dëst Joer eis mat där Situatioun hu missen ausenanersetzen. Et ass also soss keng aner Konklusioun iwwreg bliwwen, wéi fir sech virsichteg an dëse Budget vun 2015 ze bewegen an natierlech doriwwer eraus an d'Budgete vun den nächste Joren.

Well dat esou ass, ass et wichteg, de Kanner hir Zukunft net wëllen ze hypothéquieren an hinne just Scholden ze hannerloossen. Déi heiteg Kanner, mä och déi zukünfteg Kannergeneratiounen dierfen net Affär vun Egoismus vun der aktueller Generatioun ginn.

Well dat esou ass, hate mer elo etlech Joren, wou de Stat vill Suen hat. Vill Suen, déi alldéngs och direkt nees ausgi gi sinn.

Well dat esou ass, wär et onverantwortlech, d'Suen och weiderhin ondifferenziéiert mat der Géisskan auszuschëdden.

Well dat esou ass, kann een net dat eent a säi Géigendeel féerden, ouni Rücksicht op Verloschter.

Well dat esou ass, musse mer eis elo ganz genee iwwerleeën, firwat a fir wien de Stat seng Sue soll ausginn.

Well dat esou ass, brauche mer en neien Zukunftsprojet fir Lëtzebuerg. Mir mussen iwwer eist Land an eis zukünfteg Entwécklung nodenken. A well dat kee Bluff ass, geet et mat engem Apel fir den Duuscht bäi Wäitem net duer.

D'Budgetsgesetzter mussen deemno der Ongewëssheet Rechnung droen. Alles anescht ass, wéi gesot, onverantwortlech. Dës dräi Gesetzesprojeten, déi hei zur Diskussioun stinn an och deemnächst wäerte gestëmmt ginn, gi fir déi gréng déi richtig Äntwert op dës Ongewëssheet. Dofir wëll ech am Virfeld gläich am Ufank vu menger Ried d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zum Budget 2015, zum Budget pluriannuel 2015-2018 an zum éischten Deel vum Zukunftspak ginn.

De Budgetsrapporteur huet vun engem „roude Fuedem“ geschwat. Ech géif haut derbäisoen: Et ass net nëmme e roude Fuedem, et ass e blo-rout-gréng Fuedem, dee mer an dësem Budget zrëckfannen.

D'Zil fir eis ass kloer: Och fir déi gréng heescht et, eng nohaltig Budgets- a Finanzpolitik opzebauen, ouni, wéi schonns gesot, eise Kanner a Kanneskanner duerch ze vill Scholden hir Zukunft ze hypothéquieren. Déi Zukunft, déi aus grénger Siicht duerch deen ëmmer méi däitleche Klimawandel schonns méi wéi genuch hypothéquiert ass!

D'Trajectoire, déi duerch den europäesche Stabilitéitspakt virgezechent ass, gesäit vir, dass eis Budgetskonsolidéierung bis 2018 praktesch erëm am Gläichgewicht ass, am Équiliber. An dat hu mer jo och domadder erreecht, well d'Konsolidéierung ass mat dem Defizit, dee mer 2018 an der Administration centrale hunn, mat minus dräi (veuillez lire: minus 0,3%) praktesch am Équiliber. An et ass scho virdrun och hei nach eng Kéier vum Här Bodry widderholl ginn: Mir hunn eng gutt Zensur vu Bréissel kritt. A mir wëllen als Gréng net, dass dat nëmmen eng Doktrinn ass, mä domadder léisst sech awer an der Zukunft déi nächst Jore ganz gutt opbauen.

Iwwert de Wee an d'Zil ass schonns munches gesot a wäert och nach vill debattéiert ginn. Mir Gréng stinn awer ganz kloer zu dësem Zil. D'Erwaardungen un dës dräi Gesetzesprojete waren, souwuel wat d'Form wéi och den Inhalt ugeet, immens grouss. Dës grouss Erwaardungen sinn deels vu bannen, awer och vu baussen erugedroe ginn, soudatt et a sech schonns bal an der Logik louch, dass all déi Erwaardungen net konnter erfüllt ginn.

Erlaabt mer, hei e puer Bemierkungen zu der Form vun der Opstellung ze soen. Dës Koalition huet eng Rei nei Approchë bei der Opstellung vun de Budgetsprojeten agefouert. Dohier och d'Expressioun vun enger Budgetsopstellung „vun der neier Generatioun“. Dass et sech u sech hei ëm e längerfristige Projet handelt, deen net kann an engem Joer ofgeschloss sinn, misst u sech jiddwerengem aliichten. Wichteg aus grénger Siicht ass, dass endlech mat esou enger Démarche ugefaange gouf. Eleng de Fait, dass a ganz ville ministeriellen an interministeriellen Aarbechtsgruppe Budgetanalysen an och Budgetsproposen ausgeschafft goufen, weist, dass et sech hei ëm eng richtig Démarche handelt.

Dass net alles perfekt war, gouf och schonns vu menge Virriedner erwähnt. Jo, d'Netabezierung vun de Sozialpartner um Ufank war vläicht net esou glécklech, konnt awer, an dat ass och scho vu menge Virriedner hei betount ginn, nach an der leschter Ligne droite duerchgezu ginn.

D'Regierung huet dës Feelentwécklung nach zurzäit erkannt an huet och déi néideg Démarchen a Verhandlung gemaach. Dass en Accord tëschent der Gewerkschaft an der Regierung fonnt gouf, huet jo och bewisen, dass dës Regierung op Kritik ka reagéieren an och deementsprechend e Sozialdialog nei an d'Liewe ruffen, wat jo och ganz richtig ass. An dee Korrektiv huet sech jo och schlussendlech an de Konsolidéierungszuelen zrëckgespigelt.

Dëst huet alldéngs zu méi oder manner Komplikatiounen bei der Finaliséierung vun den entspreche Rapporte gefouert. Ech mengen, meng Kollegin Viviane Loschetter kann e Liddchen dovun sängen. Trotzdeem, mengen ech, sinn d'Rapporten awer duerch déi ganz gutt Aarbecht och an der Finanzkommissioun, an der Budgetskommissioun zu engem ganz gudden Ofschluss komm. E spezielle Merci fir déi zwee Rapportereuren, awer och fir d'Memberen aus der Kommissioun an och fir d'Sekretariat wëll ech hei emol aussprechen. Ech kommen awer méi spéit nach eng Kéier dorobber zrëck.

Ier ech awer elo zu der Deitung aus grénger Siicht kommen, muss ech awer nach eng Kritik trotzdeem lassloossen.



Ech sinn an éischter Linn méi wéi erstaunt driwwer, wéi dës Budget an déi dorobber ba-séierend Politicke vun der blo-rout-grénger Regierung vum Fraktiouns-president vum der CSV hei beschriwwen goufen. Eng Beschriewung, wéi wann déi Dammen an Häre vun der CSV nach ni eppes mat deenen Zuelen ze di gehat hätten!

E Gesamtbudget vum Zentralstat, deen haut 12.370 Milliounen Euro, sprécht 13,3 Milliarden (veuillez lire: 12,3 Milliarden) Recetten opweist a bal 13.000 Milliounen Euro respektiv 13 Milliarden Ausgaben opweist, woubäi sech den Defizit am Zentralstat am Budgetsjoer 2015 nach ëmmerhin op bal 600 Milliounen wäert belafen.

95% bis 96% vun deenen Zuelen aus dem Budget sinn haut d'Resultat vu 34 Joer CSV-gefuelter Regierung. Well, streide maache haut u sech just iwwert déi sprécht 501 Milliounen, déi an de Verhandlungen als Restrukturationsbetrag mat de Gewerkschaften ausgehandelt goufen. Dat heescht also: D'CSV streit haut iwwer Zuelen, déi 4% vum ganze Budget ausmaachen, wou awer haut - an dat hunn d'Virriedner och nach eng Kéier betount - keng eenzeg Alternativ komm ass. Mir hunn e ganze Pak vun Zuelen iwwerholl, déi mer ganz kloer weider an enger gesondender Konsolidéierung an deenen nächste Jore wäerten huelen (veuillez lire: Mir hunn e ganze Pak vun Zuelen iwwerholl, déi awer och an den nächste Joren enger gesonder Konsolidéierung ënnerzu ginn).

Trotz dës Spuermoosnamen, trotz dës Moosnamen, déi gezu gi sinn, bleift awer nach am Zentralstat d'nächst Joer eng Schold iwwer 1,7%. Dofir hätt een a sech fir d'Éischt emol e kleng Mea culpa missen hei vun der CSV erwaarden, ier mer eis an zukünfteg Debatten eragestierzt hätten.

Ech kommen nach op en anere Punkt ze schwätzen, deen och ganz grouss hypothé-quéiert: Dat ass eis Statsverschuldung. Déi ass säit 2001 kontinuierlech an d'Luucht gaangen, fir schlussendlech 2014 bei bal eelef Milliarden ze leien. Eng Pro-Kapp-Verschuldung vu sage und schreibe 20.000 Euro fir jiddwer Lëtzeburger!

Dës ass net d'Resultat vun der neier blo-rout-grénger Regierung, mä eng schwéier Hypothék, déi Dir eis hannerlooss hutt! A wa mer déi Restrukturationsmoosnamen net gefouert hätten, wär d'Schold nach weider geklommen. Esou bréngt mer et zumindest fäerdeg, wann ech mer d'Trajectoire hei ukucken, dass mer 2018 bei nach 12,7 Milliarden trotzdem nach wäerte bleiwen.

A wat nach vill méi schlëmm ass: Mir hu wuel déi héich Scholden, derbäi kënnen, dass mer all Joers haut schon 200 Milliounen en Zënse mussen bezuelen. Dat sinn am Schnapp bal eng hallef Millioun den Dag. En Apel fir den Duuscht, huet et ëmmer geheescht, wär zréckgeluecht ginn. Dee war ganz séier opgiess. Méi wéi eng Dréps op de waarme Stee war dat net.

Et hätt ee missen net nëmmen een Apel, mä eng ganz Récolte vun Appel zréckleeën, esou wéi den Här Bodry dat och gesot huet. An déi waren och do, mam Ennerscheid, dass mir zumindest haut nach kënnen soen: Deemoos ware mer net derbäi gewiescht, fir deen Accord ze ginn. Ech erkläre mech. Am Joer 2001, wou mer praktesch keng Stusschold haten, war e Wirtschaftswuesstum vu bal 9% do. D'Keese ware voll an en Apel fir den Duuscht ass net zréckgeluecht ginn.

Schlëmmer nach: Mir hunn deen Apel, déi ganz Récolte un Appel verdeelt. Nämlech, mer hunn eng Steierreform gemach, wou mer eng Milliard deemoos un d'Biergerinnen an d'Bierger verdeelt hunn. An déi Milliard, hu mir deemoos gesot: Wann ech gelift haalt se zréck an deelt se net direkt einfach esou aus, a maacht domadder en neie Fong op.

Deemoos ware mir déi eenzeg, déi dozou Stellung geholl hunn an och deem net zougestëmmt hunn. Deemoos wär de richtige Moment gewiescht, fir dann deen intergeneratiounelle Pak oder Zukunftsfong an d'Liewen ze ruffen. Dat ass deemoos verpasst ginn. Mä nichtsdestotrotz, haut ass et endlech esou wäit, dass mer dat op de Wee kënnen ginn.

Mä et sinn net nëmmen déi Scholden, déi eis d'CSV un hirer laanger Regierungszeit hannerléisst, et sinn och an enger ganzer Rei vun anere Beräicher, wou Defiziter haut zréckbleiwen.

Ech wëll der e puer opzielen: Defizit an der Steuerpolitik. Souger de fréiere Statsminister huet nach viru Kuerzem gesot, dass en éischter mat verschiddenen Aktiounen op dat, wat mer elo amgaang sinn ze erliewen, hätt missen handelen (veuillez lire: reagieren). Defiziter beim Logement, speziell beim soziale Logement. Defizit an der Mobilitéitspolitik, och do insbesondere wat d'effentlech Mobilitéitsinfrastrukturen ubelaangt. Defizit an der Ëmweltpolitik, Waasserpolitik, Biodiversitéit an zum Schluss en Defizit och an de Klimaschutzengagements, déi

mer nach mussen iwwerhuelen. Déi Lëscht kann ee roueg nach esou weiderfueren.

Här President, Dir Dammen an Hären, ier ech awer zu der eigentlecher Stellungnahm vun der grénger Fraktioun zum Budget an zum Plurianuelle wëll kommen, an zum Zukunftspak, wëll ech awer fir d'Éischt nach de Rapporturen en décke Merci ausschwätzen. Merci souwuel dem exzellente Rapporteur hei fir de mëndleche Rapport an der Chamber, mä och fir déi zwee Rapporten, déi d'Spiegelbild vun den Diskussionsenen zréckginn.

Dem Budgetsrapporteur Franz Fayot ass et gutt gelongen, déi finanziell Situatioun vum Lëtzeburger Land a sengem schrëftleche Rapport duerzeleeën. Budgetszuelen, déi eng däitlech Sprooch schwätzen. D'Zuelen aus der Vergaangenheet weisen e Bild vu Lëtzebuerg, wat net méi esou ka weiderfueren. Et ass net méi esou, wéi et emol war. Lëtzebuerg muss sech nei opstellen. E Weider-esou ass alles aneschters wéi responsabel.

Besonnenesch déi sozial Analys vum Budgetsrapporteur weist op e groussen Handlungsbedarf hin. Ville vun eis hei am Land geet et gutt a wäert et och nach an den nächste Joren ëmmer weider gutt goen. Vill aner Matbierger liewe gläichzäitig awer an enger ganz prekärer Situatioun. Den Här Fayot huet déi wichtegst Zuelen a senger Interventioun genannt an ech wëll se just ganz kuerz rappeléieren.

Och wann tëscht '96 an 2013 den Niveau de vie vun de Stéit generell an d'Luucht gaangen ass, esou ginn d'Öngläichheeten tëscht Aarm a Räich dach awer ëmmer méi grouss. Den Taux de risque de pauvreté läit 2014 bei 15,9%, 2012 waren et der nach 15,1%. Bei de Lëtzeburger ass den Taux de risque de pauvreté 14,2%, a bei den Netlëtzeburger ass de Risque bei 24,4%. Wat awer nach méi wichtig ass: Jonker vun null bis 17 Joer si besonnenesch betraff. Bei hinne läit den Aarmutsrisiko bei 26%. Och monoparental Stéit, dat haapt-sächlech elengerzéiend Mammen, si ganz besonnenesch verletzlech. A bei hinne läit den Taux de risque de pauvreté bei dramatesche 46,1%.

Am Résumé kann ee soen: Wat ee méi jonk ass oder méi Kanner huet, wat den Aarmutsrisiko méi an d'Luucht geet. Mir kënnen hei ebenfalls nëmmen ënnersträichen, dass ganz groussen Handlungsbedarf an dem Beräich besteet an eis Gesellschaft déi Realitéit endlech muss wouerhuelen, an dofir och d'Politicken entspreche muss upassen. Ouni sozial Ëmverdeelung gëtt et keng Aarmutsbekämpfung. An ouni sozial Transferte wiere 45,3% vun der Populatioun vum Aarmutsrisiko betraff.

Och den Zoustand an der Wunnengsbaupolitik ass am Rapport vum Franz Fayot ganz gutt beschriwwen ginn a weist an deem Beräich op eng alarmant Situatioun hin. Och déi Situatioun ass net vun dëser Regierung verschëllt ginn. Och dës Regierung huet do eng schwéier lerschaft missen iwwerhuelen. De fréiere Premierminister huet net fir näischt scho viru Jore vun enger Failliteerklärung an der Wunnengspolitik geschwat.

Ech weisen dofir oder besser gesot virdrun... Ech muss lech jo och net hei elo nach eng Kéier soen, wien dann all déi Jorzénge virdru verantwortlech war fir d'Wunnengsbaupolitik. Ech weisen dofir elo net weider mam Fanger op een...

(Interruption)

...a wullen net onbedéngt an der Vergaangenheet, mä appelléieren un d'Verantwortung vun eis all. D'Wunnengspolitik ass eng Verantwortung, där mir eis all mussen stellen. Dës Regierung ass sech däreis och bewusst a wäert och konsequent an déi Richtung weiderschaffen. Als Gemengeresponsabel mussen mer hei awer och op lokalem Niveau eis Responsabilitéit iwwerhuelen a mathëllefen, dës national Politik ëmzesetzen.

De Logement stellt zu Lëtzebuerg eng grouss Roll beim Aarmutsrisiko duer. Wa mer zu Lëtzebuerg 70% Propriétaires hunn, wat iwwerengs an der EU-Moyenne ass, da sinn et bei deene Leit, déi vum Risque de pauvreté betraff sinn, just 42,8%. Den Defizit, besonnenesch am soziale Wunnengsbau, ass enorm. A mir mussen dowéinst grad do investéieren.

De Pacte Logement hätt do missen de richtigen Impuls ginn, andeem de Stat zesumme mat de Gemenge fir déi néideg Relance vun där Politik hätt misse suergen. Deem ass awer net esou, well eng Rei Instrumenter an deem Pakt feelen.

Dat méi rezent Beispill vum Klimapakt mat de Gemenge weist, dass et och anescht geet. Ech wëll dofir kuerz op dräi Kritäre vun dem Pakt agoen.

Dat Éischt ass d'kloer definéiert Zil, dat sech all Gemeng no enger participativer Approche aus engem virgeschriwwene Katalog ginn huet. Dat Zweet: eng finanziell an, wat ganz wichteg

ass, eng logistesche Hëllefstellung vum Stat. An drëtten, wat gradesou wichteg ass: d'systematesch extern Evaluatioun, fir déi néideg Kurskorrektur kënnen duerchzeféieren.

déi gréng ënnerstëtzen dofir d'Regierung an hirer Beméiung, fir de Pacte Logement esou ze reforméieren, dass een nient der finanzieller och méi eng logistesche Hëllefstellung kritt. Och déi systematesch Iwwerpréiwung vun de Logementspoliticken spillen eng wichteg Roll a sollen net als Kontroll betruecht ginn, mä als néideg Hëllefstellung, fir d'Feelentwécklung matzäiten ze erkennen a Kurskorrektur kënnen duerchzeféieren. Déi Erhéijung vun der Subventioun fir d'Gemengen, wa se an de soziale Wunnengsbau investéieren, vu 70 op 75% ass eng vun de Moosnamen, déi an déi richteg a gutt Richtung féieren.

Dem Viviane Loschetter, Rapportrice vum Zukunftspak, wëll ech e spezielle Merci am Numm vun der grénger Fraktioun ausschwätzen. Besonnenesch d'Aart a Weis, wéi dës ganz wichteg Projet konnt an de leschte Wochen iwwerschafft an och an der richteger Form duerch d'Instanze bruecht ginn, huet e spezielle Luf verdéngt. Ech wëll dofir kuerz nach eng Kéier déi wichtegst Zilsetzung vum Projet hei ernimmen, esou wéi d'Rapportrice dat och hei ausféierlech an hirem mëndleche Rapport gëschter duergeluecht huet.

Hei nach eng Kéier déi véier wichtegst Aussoen: den Zukunftspak als Instrument vun engem équilibréierte Budget; den Zukunftspak als Instrument vun der Promotioun an der Participatioun; den Zukunftspak als Instrument vun der Hëllefstellung fir déi nächst Joren; den Zukunftspak als Instrument vun der europäescher Gouvernance.

Jo, dësen Zukunftspak, dësen Zukunftsprojet ass net nëmmen op ee Budgetsjoer ausgerichtet, mä en ass op méi Joren ausgerichtet. Eng längerfristeg Ausrichtung, fir eis Statsfinanzen nämlech erëm op gesond Féiss ze stellen, ouni déi dräi Piliere vun enger nohalterger Politik a Fro ze stellen. Kee vun deenen dräi Piliere vun der Nohaltegkeet dierf bei der Sanéierung vun de Statsfinanzen a Fro gestallt ginn, weder de sozialen nach den ekonomeschen an och net den ekologesche Pilier.

Als Gréng kënnen mer nëmmen d'Rapportrice derbäi ënnerstëtzen, fir hir virgeschloen Prozedur vun der Mise en œuvre vun den zukünftigen Zukunftspäck entspreche ëmzesetzen, fir eng optimal Integratioun vun den entspreche Politicken, souwuel an dem europäesche Kader wéi och an dem lëtzebuerge-sche Budgetskader fäerdegzekréien.

A virdrun ass mäi Virriedner, den Här Bodry, drop zréckkomm, dass et ganz wichteg ass, fir dass mer och déi Politicken esou gutt wéi méiglech an d'Budgetpolitik erakréien. An dofir kënnen mer dat nëmmen ënnerstëtzen. A mir wäerten gemeinsam do mathëllefen, fir kënnen an déi Richtung ze goen. An dann ass och do d'CSV ëmmer gäre wëllkomm, fir matzuschaffen an deene weideren 258 Moosnamen an da kënnen hir konkret Proposen ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech probéieren dann, a véier kleng Kapitelchen nach eng Kéier méi konkret op d'Budgeten anze-goën. Ech wëll dofir fir d'Éischt d'Kris an Europa eng Kéier belichten nach, dann natierlech och d'Auswirkungen op Lëtzebuerg, dann zum Budget, an zum Schluss nach déi eng oder déi aner Konklusioon.

D'Kris an Europa. D'Kris, déi 2008 duerch de weltwäite Crash op der Finanzwelt ugefaangen huet, ass nach net eriwuer. Och Europa huet seng Problemer nach bäi Wäitem net geléist. An och no méi wéi fénnef Joer sinn déi wesentlech Punkten nach net iwwerwonnen, dës virun allem bei der Bewältigung vun der ganz héijer Aarbechtslosegkeet.

D'Austeritéitspolitik vun de leschte Joren huet d'Europäesch Unioun an de Rand vun der Inflation gefouert an de sozialen Ennerscheid nach méi grouss gi gelooss. Besonnenesch an de südliche Länner huet dës Politik zu ganz vill Misär gefouert an deelweis zu ganz explosive Situatiounen. Eng dramatesch Zounahm vun der Aarbechtslosegkeet ass säitdem ze verzechnen, an hei virun allem vun der Jugendaarbechtslosegkeet. D'Perspektivlosegkeet bei der Jugend ass dat Schlëmmst, wat een enger Gesellschaft kann undoen.

Fläicht just zur Vollstännegkeet eng Rei offiziell Eurostat-Zuelen: D'Jugendaarbechtslosegkeet louch 2014 bei deene vu 15 bis 24 Joer bei enger Moyenne vun 21,6%. Spëttereider, besser gesot, traurege Spëttereider, ass dobäi Spuenien mat 54%. An zu Lëtzebuerg hu mir do och en traurege Rekord: 15,6%.

D'Ursaache vun der Jugendaarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg sinn u sech bekannt: E Manktum u professioneller Experienz; Capacitéiten, déi d'Erwaardung vum Aarbechtsmarché net erfëllen; d'Ausbildungsmodeller an ei-

sem Schoulsystem, déi net dem reelle Besoin um Aarbechtsmarché ugepasst sinn; an natierlech och d'Versoe vun der Schoul an hirer Funktioun als soziale Lift. Kanner aus benodee-legte Famillje lande mat enger vill méi héijer Wahrscheinlechkeet am Chômage wéi d'Moyenne vun eiser Kanner.

An hei setzt dann och déi nei - just eng kleng Klammer zu der Familljepolitik - Regierung un. D'Kannerbetreuung an d'Förderung schonn a jonke Joren sinn de Schlëselfacteur fir déi spéider schoulesch a beruflech Erfolleger.

Zousätzlech zu der héijer Aarbechtslosegkeet ass awer och nach en zweete geféierleche Phänomeen bei deene Leit ze gesinn, déi eng Aarbecht hunn, nämlech d'Zounahm vum „working poor“-Phänomeen. Och hei zu Lëtzebuerg ginn et Leit, déi net nëmmen een Job mussen ausüben, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, mä zwou Aarbechtsplaze mussen hunn, an dobäi nach ofhängeg si vun de Sozialhëllef.

Ech wëll dann nach e puer Wuert zu den europäeschen Investitiounen soen, well mer, mengen ech, ouni déi net aus där Austeritéitspolitik an der Deflatioun wäerte kommen. D'Politik vun der EZB huet zwar den Euro gerett, awer déi immens grouss Geldmeng, déi dobäi produzéiert gouf, gëtt net oder kaum produktiv agesat.

Et gouf an et gëtt nach ëmmer net genuch an d'Realeconomie investéiert. D'Investitiounspolitik ass an Europa nach ëmmer op engem vill ze vill niddregen Niveau. D'Investitiounspolitik be-deit, aus grénger Siicht, besonnenesch déi Beräicher ze stäerken, déi eis nofolgend Generatiounen net hypothéquéieren, mä virun allem entlaaschten. Als Beispiller sinn et eng modern effentlech Mobilitéit oder eng nohalteg Energiewirtschaft, fir nëmmen déi zwee emol nach eng Kéier genannt ze hunn.

Dofir ass et awer och ze begrëssen, dass den neie Kommissions-president en europäeschen Investitiounspak vun 300 Milliarde wëllt lancéieren, fir op deem Wee d'europäesch Wirtschaft erëm op Trab ze kréien. Géint wat mer eis awer mat aller Däitlechkeet ausschwätze wäerten, ass, wann e groussen Investitiouns-deel an déi falsch Energiepolitik investéiert gëtt.

D'Atompolitik domat wëllen ze fërderen an domadder eise Kanner eng zousätzlech schwéier Hypothék ze hannerloosen, kann net Sënn an Zweck vun dem Investitiounspak sinn. Och d'Kippe vu wichtige Ëmweltschutzinitiativen däre net geschéien, esou zum Beispill wéi gëschter an der internationaler Press ze liese war, dee ganz wichteg Projet zu der Krees-lafwirtschaft. D'Reckféierung nämlech vu ganz wäertvolle Ressourcen an eis Produktioun zréck ass net nëmmen weinst der Ressourcenschou-nung a weinst dem Ëmweltschutz wichteg, mä virun allem wichteg och, fir zukünfteg nohalteg Aarbechtsplazen ze kréieren. Et mengt ee wierklech, zu Bréssel hätte se nach ni eppes héiere vu Plastik am Mier.

E puer Wuert nach zu der aktueller Situatioun um Energiemaart respektiv der Klimapolitik. Datt d'OPEC-Länner den Uelechpräis niddreg wëllen halen, ass grad aus eiser Siicht fir d'Energiepolitik dat falscht Signal, fir nämlech en Ëmbau vun den Energieinfrastrukturen hinzekréien. Datt mer vläicht kuerzfristeg eng Relance vun eiser Wirtschaft kënnen erwaarden, wann de Präis vum Uelech am Keller ass, ass vläicht elo richteg, mä längerfristeg bréngt dat eis weder wirtschaftlech nach climatech Virdeeler.

Eis Wirtschaftspolitik muss et endlech fäerdeg-bréngen, eng nohalteg Entkopplung vum wirtschaftleche Wuesstum an dem Energieverbrauch hinzekréien. All Investitiounen an Energieeffizienz wäerten ënner esou enger Uelechpräispolitik kaum nach getäteg ginn. An dobäi ass déi Investitiounspolitik méi wéi noutwendeg.

De massive Gebrauch vu fossilen Energie wäert zu weidere Verschlechterung vun eisem Klima op der Welt féieren. E Klimawandel, deen haut schonns dramatesch Situatiounen op ville Plazen op der Welt hannerléisst. Nokucken ass keng Optioun, mä mir mussen schnellstméiglech handelen.

Esou schlëmm d'Situatioun a puncto Krichs-flüchtlingen haut och ass, esou ass dat, wat eis a puncto Klimaflüchtlingen erwaart, nach net auszedenken. Wéi sot den UNO-General-sekretär op der Klimakonferenz zu New York virun e puer Méint: „Et gëtt kee Plang B, well et och kee Planéit B gëtt.“

Ech hat d'Chance, d'lescht Woch op der UNO-Klimakonferenz zu Lima derbäi ze sinn a konnt mech bei ville Virtrag an Témoignagen iwwert



de Klimawandel informéieren. E Klimawandel, an dat ass Fakt, dee vu Mënschenhand provoziert gouf.

Och wann zu Lima net dee ganz grouse Worf erauskoum, esou sinn awer e puer wichteg Konklusiounen en préparation, géif ech soen, vun enger verbindlecher Klimakonferenz d'nächst Joer zu Paräis gezu ginn.

Wat mir d'nächst Joer zu Paräis wëllen, ass en ambitieus Ofkommen, dat déi ënnerschiddlech Capacitéiten an déi verschiddearten Respon-sabilitéite vun all eenzelne Stat reflektéiert. Besonnesch d'Témoignagen aus den Anden, aus dem Gastgeberland Peru, hunn d'Dramatik vum Klimawandel beschrens beschriwwen. Esou sinn d'Anden-Gletscher an domat d'Séisswasserreserven, grad a besonnesch déi vu Lima, an de leschten 30 Joer ëm 40% zrëck-gaangen. An e Stoppe vun deem Réckgang ass leider net a Siicht.

Et ass mer nach eng Kéier méi bewosst ginn, dass besonnesch d'Industrielänner, an domat Europa an och Lëtzebuerg, eng ganz héich Ver-antwortung bei der Bewältigung an der Upas-sung vum Klimawandel hunn. Sozial Gerech-tegkeet am eegene Land ass wichteg an och ganz richtig. Sozial Gerechtegkeet tëschent de räichen an den arme Länner ass dogéint op ville Plazen existenziell!

Eppes, wat Lima awer och huet kënne vermët-telen, an net nëmmen durch en exzellente Vir-trag vun engem Al Gore, ass, dass déi erneier-bar Energie vill méi schnell méi bëleg gi sinn, wéi dat nach bei de gescheiterte Verhand-lungen zu Kopenhagen geduecht gi war. Europa a Lëtzebuerg mussen mat op där erneierbarer Schinn bleiwen. Länner wéi China an Amerika si schonns op der Iwwerhuelspur. De Marché ass enorm. Bei der Entwécklung zum Beispill vun der Elektrifizierung vun Afrika ass immens vill och fir déi lëtzebuergesch an och fir déi eu-ro-päesch Wirtschaft dran. Et sinn d'erneierbar Energien, déi dës Elektrifizierung wäerten duerchféieren, ouni mussen iwwert de Wee vun deieren Infrastrukturen ze goen.

Europa muss deemno seng Politik nei iwwerdenken an och entsprechend upassen. Fir déi Politicken awer richtig kënne unzepas-sen, sinn eng Rei vu Reflektiounen am Virfeld u sech duerchzeféieren. Eng éischt noutwendeg Reflektioun betrëfft d'Roll vum Stat oder vun de Staten, respektiv och d'Roll vum Lëtzebu-er Stat. Wéi eng Roll huet en am Beräich vun der sozialer Sécherheet? Wéi eng Roll huet de Stat bei der Innovatioun ze iwwerhuelen? Wéi eng Roll muss bei den Infrastrukture vum Stat iwwer wéi eng Moosnam iwwerholl ginn? D'Roll vum Stat bei der sozialer Ëmverdeelung. D'Roll vum Stat bei der Gesondheetspolitik. D'Roll vum Stat bei de Schoulinfrastrukturen. D'Roll vum Stat bei den Altersheimer, der Tele-kommunikatioun, de Verkéiersinfrastrukturen.

Fir dës alles kënne ze bewältegen, brauch de Stat Moyenen, brauch de Stat Suen, ouni déi dës Politicken net kënne ëmgesat ginn. Laut der OECD sinn dat am Schnëtt ëm 35% Steuer-einnahmen, déi de Stat dann och brauch. Dës Reflektioun solle mer benotzen, fir en neit Bewosstsäin an eiser Gesellschaft ervirzebrén-gen. ouni dës Bewosstsäin iwwert d'Roll vum Stat ka sech och eng Gesellschaft net weiterentwéckelen.

Dese moderne Sozialstat gëtt et natierlech net zum Nulltarif. Deemno mussen mer eis dann och Steuerfroen an d'Froen zur Steiergerech-tegkeet stellen, esou d'Fro iwwert d'Relevanz vu Steuerrecetten, iwwert déi iwwerdrifwe Steuer-konkurrenz an der europäescher Union oder och nach weltwäit, iwwert d'Legitimitéit oder d'Illegitimitéit vu Steueraktivitéite vu Lëtze-buerg, déi derzou bäidroen, deels d'Steier-re-cetté vun eisen Nopere ze ënnergriewen.

Et ass net fir näischt, dass eng weltwäit grouss Diskussioun iwwer gerecht Besteuerung entsta-nen ass. Mir wëssen, dass et och hei zu Lëtze-buerg erschreckend vill Leit gëtt, déi riskéieren, an d'Aarmut ze rutschen. D'Zuelen hunn ech virdu genannt. A mir wëssen och, dass déi Si-tuatioun nach vill méi dramatesch wär, wa mer net déi vill a gutt Sozialtransferten hätten. A mir wëssen och, dass mer eis e Sozialstat just kënne leeschten, wa mer als Stat genuch Steuerrecetten erakriegen.

Et ass och richtig, dass déi Räich ëmmer méi räich ginn, an et ass och richtig, dass ëmmer e méi groussen Deel vun de Steiergelder iwwert d'Lounsteuer erakënnt a manner iwwert d'Be-tribssteuer.

Duerfir ass et wichteg, dass mer eis an Europa an doriwwer eraus, durch eng LuxLeaks-Affär natierlech beschleunegt, endlech mat der

Steiergerechtegkeet och befaassen. Fir dohin-nerzekommen, brauche mer awer e gemeinsa-men europäeschen Effort, bei deem all Mem-berstate matzéie mussen. Déi europäesch Steierpolitik gëtt nämlech net eleng hei zu Lët-zebuerg gemaach, mä zu Bréissel an an de groussen Haaptstied. Lëtzebuerg huet wuel an de leschte Méint e groussen Effort gemaach, fir sech mat EU-Regelen an OECD-Standarde konform ze setzen, mir sinn awer leider nach laang net aus dem Fokus eraus.

déi gréng kënne d'Démarche vum Finanzmi-nister hin zu internationale Standarden nëmmen ënnerstëtzen! Et ass och am Intérêt vun eiser Fi-nanzplaz, wou qualitativ eng ganz gutt Aar-becht gelescht gëtt, dass mir net weider inter-national negativ um Pranger stinn. An duerfir stinn och déi gréng ganz kloer hannert den Ini-tiativen, fir weider an déi Démarchen ze goen.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech kommen dann zur Situatioun hei zu Lëtze-buerg. Och Lëtzebuerg huet d'Kris nach net iwwerwonnen an ass och nach laang net aus dem Lach eraus. Meng Virriedner si schonns ausféierlech op d'Analys iwwert déi finanziell Situatioun agaan. Besonnesch d'Rapporteuren hunn an hire jeeweilige mëndleche Rap-porten d'Situatioun ganz gutt beschriwwen, soudass ech dat elo net nach eng Kéier hei muss widderhuelen.

Dass Lëtzebuerg duerch eng ganz oppen Eko-nomie charakteriséiert ass, ass och net neil Säit jeehier ware mer vun auslänneschem Geld an Humankapital ofhängeg. De Wuelstand hat laang Zäit op eiser Eisenindustrie berout a mir haten et fäerdegbruecht, dass mer dese Réck-gang vun der Eisenindustrie durch den Op- an Ausbau vun engem haut ganz staarke Finanz-secteur konnte méi wéi opfänken.

Net eréischt zënter LuxLeaks wësse mer, dass d'Zäite vun de raffinée Finanznischepoliti-cken hirem Enn entgéintginn. Ech mengen, mir haten Zäit genuch, aus den Nischevirdeeler Kompetenzvirdeeler ze maachen. Jo, Lëtze-buerg huet et an der Vergaangenheet ëmmer fäerdegbruecht, Nischen ze besetzen an ausze-bauen. Dës Nischepolitik huet och besonnesch an de leschten 20 Joer zu enger staarker Zou-nahm vun Aarbechtsplaze gefouert. Aarbechts-plazen, déi zu engem ganz groussen Deel durch d'Migratioun respektiv d'Grenzpendler besat konnte ginn.

Och an der Zukunft wäert dat esou sinn. D'Prognose vum Aarbechtsmarché ginn nach ëmmer vu folgenden Hypotheesen aus: 2015 sinn et ëm 2%, an doriwwer eraus wäerte mer eis an dee-neselwechte Prozentsätz weiterentwéckelen. Dass mer do erëm op auslännesch Aarbechts-kräfte mussen setzen, liicht jiddwerengem an. Lei-der ass awer parallel zu dëser Zounahm vun Aarbechtsplazen de Chômage hei zu Lëtzebuerg an d'Luucht gaangen. D'Zuel, déi ech virdu ge-nannt hunn, ass schonns erschreckend. Mat 15,6% Jugendarbeitslosigkeit leie mer nach relativ gutt am europäesche Verglach, mä fir all eenzelne Fall ass dat eng Katastroph!

Jo, eise Bildungssystem bréngt et net méi fäer-deg, all eise Kanner déi néideg Formatioun un-zebidden, fir um Aarbechtsmarché kënne ze réusséieren. Mir hu säit Laangem en Décalage tëschent den ugebuedenen Aarbechtsplazen an de Chômagezuelen. Vill vun eise Jugendle-chen hu leider net déi richtig Ausbildung, fir déi sëllege Aarbechtsplazen hei zu Lëtze-buerg kënne ze besetzen. Am schlëmmste Fall, all dës leider mat steigender Zuel, falen dës Jugendlech durch eise Schoulsystem an hunn iwwerhaupt keen Ofschluss.

Mat dëser Evolutioun um Aarbechtsmarché, dat heescht mat der héijer Zounahm vun Aarbechtsplazen an der dorun hänkender héijer Migratioun, huet eise Schoulsystem net méi Schratt gehalen. D'Schoul vun haut passt deemno net méi op déi ekonomesch Realitéit. Folgerichtig ginn déi Aarbechtsplazen net méi vun eisen Awunner besat, mä mat Awunner aus der noer bis mëttelnoer Grenzregioun.

ouni de Lëtzebuurger Schoulsystem a senger Ganzheet wëllen ze analyséieren, wéilt ech just een Aspekt eraushuelen, deen ech selwer als Ju-gendlechen, deen den zweite Bildungsweg ageschloen hat, a spéider als Prof an engem tech-nesche Lycée, dem Arts et Métiers, konnt erliewen, nämlech déi gesellschaftlech Un-erkennung vun den handwierkeche Beruff.

Säit der Reform vun 1979 iwwert d'Afféierung vum Lycée technique ass de Stellwäert vun der Berufsausbildung net vill weiderkomm. D'Berufsausbildung ass net eng Ausbildung zum zweete Choix!

De Respekt an d'Unerkennung vun engem handwierkeche Beruff muss gradesou e grouse Stellwäert an eiser Gesellschaft hunn a kriegen, wéi d'Redakteschcarrière an enger Verwaltung. Dobäi si besonnesch an deene Beruffer vill Aarbechtsplazen an de leschte Joren, och hei zu Lëtzebuerg, geschafe ginn.

D'Reform an der Berufsausbildung muss dofir-mat aller zilorientierter Konsequenz weiderge-fouert ginn. Mä net eleng déi! Eng Campagne nom Motto: „De Lycée technique, deen anere Lycée“ aus dem Ufank vun den 90er Jore muss dofir erëm an d'Wee geleet ginn. Déi dierf awer net erëm no e puer Joer ofgebrach ginn, sou-dass dat erëm no e puer Joer eriwuer ass. ouni längerfristeg ugeluechte Campagnë kriegen mer de Mentalitéitswandel an eiser Gesellschaft net hin.

Här President, Dir Dammen an Hären, lieft Lët-zebuerg iwwer seng Verhältnisse? Muss sech Lëtzebuerg net nëmmen an der Finanzpolitik un déi nei Gegebenheeten upassen? Deen een oder anere Riedner huet schonn erwähnt, dass mir eisen héije Wuelstand vläicht net méi kënne an deem Mooss oprechterhalen. D'Analysen, déi an deenen zwee Rapporte gemaach goufen, schwätzen do eng ganz kloer Sprooch. Och wann et ganz schwéier ass, wäit an d'Zukunft wëllen ze kucken, mussen mer eis grondleeënd Gedanken doriwwer maachen, wéi mer d'Zuku-nft vun eise Land wëlle gestalten.

Finanziell hu mer als Land an als Gesellschaft iwwer eis Verhältnisse geliefert an hunn dës och nach deels op d'Käschten net nëmmen vun anere Länner gemaach, mä och vun der zukünftiger Generatioun gemaach. Dobäi hu mer dann och nach nogekuckt, wéi ëmmer méi vu Matbirger kee Stéck vum Kuch matkruten an an d'Aarmut ofgerutscht sinn.

Dat alles an enger moderner Demokratie, an enger solidarescher Gesellschaft, ass onwier-deg. En Emdenke wär méi wéi ubruecht a géif eis och gutt zu Gesichts stoen.

Mir hunn an de leschte Joren eis finanziell Of-sécherung op e puer ganz prekär Nischen opge-baut, déi haut zesumme bal 45% vun eise-m Gesamtbudget ausmaachen. Recetten, déi op wacklege Fiess stinn. Dës Verhältnis wäert an der Zukunft net méi esou bleiwen.

déi gréng sinn der Iwwerzeegung, net eréischt zënter der LuxLeaks-Affär, dass de Lëtzebu-erger Modell net méi esou kann oprechterhale ginn. Mir brauchen eng Kurskorrektur. Eischt Elemen-ter vun der Kurskorrektur liwwert den Zukunfts-pak. Och wann dat lescht Wuert nach net ge-schwat ass, esou ginn d'Iwwerleeungen an dë-sem Zukunftspak awer an déi richtig Richtung. 258 Mesurë goufe vun der Regierung identi-fi-zéiert. Et wäerten der sécherlech nach e puer derbäikommen an et wäerten der och sécher-lech e puer ewechfalen.

Wichtig aus grénger Siicht ass, dass mer dës Strategie bäibehalen a konsequent am Sozial-dialog, mat all de Partner, déi grouss Erausfu-erungen hei ugin.

Mä Lëtzebuerg lieft net nëmmen an de Finanze schonns laang iwwer seng Verhältnisse, mä och an anere Beräicher. An dat si besonnesch déi Beräicher, déi eppes mat der Ëmwelt an Natur se dinn hunn: Loft, Waasser a Buedem. Mat deenen Elementer gi mer net grad zimper-lech ëm! Den ekologesche Fousofdruck vun ei-sem klengen Land ass dofir och enorm. Haut verbrauche mer fënnef- bis sechsmol méi Res-sourcen, wéi Lëtzebuerg sech selwer kann op sengem Territoire liwweren.

Wa jiddwereen op der Äerd esou géif liewen, da bräichte mer fënnef, sechs Planéiten, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Mir müssen eis deemno och méi verstärkt mat deene Poli-tikfelder ausenanersetzen.

Éischt Usätz sinn do, mä d'Defiziter sinn enorm. Den allgemengen Zoustand vun der Ëmwelt huet sech an de leschte Jore leider ver-schlechtert, och wann et an eenzelne Beräicher liicht Verbesserung goufen. D'Waasserproble-matik ass dobäi just d'Spëtzt vum Eisberg! Den Accident mam Metazachlor huet dat leider an-drocksvoll bewisen.

Dofir gouf et héich Zäit, dass mer net méi iwwert de Präis vum Waasser schwätzen, mä endlech iwwert d'Qualitéit. D'Ëmweltministesch ass do mat hirem Staatssekretär um richtige Wee. Et geet nämlech just iwwert d'Zesummen-aarbecht mat anere Ministeren a Servicer.

A vill Rapporte gëtt den Zoustand vun eiser Ëmwelt beschriwwen. Ech wëll dofir just op e puer Zuelen aus dem Rapport vum Obser-va-toire de l'Environnement hiweisen: 50% vun de Mammendéieren a 60% vun den Amphibien a Fëschaarten zu Lëtzebuerg si bedrot, virun allem, well hir Liewensraum zerstéiert oder staark entwäert gi sinn.

Et bleift nach vill ze dinn an d'Auer tickt. Lëtze-buerg wäert d'nächst Joer besonnesch am Kli-maschutzberäich am Fokus stoen. Dann nämlech, wann zu Paräis en neie Kyoto-Proto-koll ënnerschriwwen soll ginn, huet Lëtzebuerg d'EU-Présidence. Net nëmmen muss et do end-lech zu engem neien Accord kommen, deen all d'Länner wäert mat an d'Boot huelen, mä Lët-zebuerg wäert och do am Fokus stoen a mir wäerten no eise Klimahausaufgabe gefrot ginn.

Dofir waren d'Verhandlungen zu Lima deem-entsprechend schwéier, well drop higeschafft gouf, all Länner mat an d'Boot ze huelen.

Eis Ziler, déi mir eis ginn hunn, si besonnesch am CO₂-Beräich nach ëmmer ganz schwéier ze erreechen. An dobäi ware mer bei der Ën-erzechnung vum Kyoto-Protokoll 1997 ën-nert dem Reduktionszil vun 28% CO₂-Re-duktioun bis 2020, nämlech bei minus 30%. Och do léisst sech de Verglach erëm mat de Scholde vu Lëtzebuerg maachen. Statt eng wäitsiichteg Politik schonn deemools an d'Wee ze leeden, ass alles lafe gelooss ginn, mam Re-sultat, dass den Transportsektor mat 50% de gréissten Emittent vum CO₂ hei am Land ass an eist CO₂-Reduktionszil bis 2020 nëmme ganz schwéier kann erreecht ginn.

E leschte Punkt, deen ech nach wollt uschwätzen, ass dee vun der Mobilitéit an der Landes-planung. An der Mobilitéit mécht déi heite Re-gierung endlech Neel mat Käpp a setzt kloer Prioritéiten. An dat ënnerscheet eis vun der viregter Regierung, wou zwar schonns munnesch ausgeschafft gouf, mä wou keng kloer Linn ze erkenne war.

(Interruptions diverses)

De Minister François Bausch huet eng kloer Linn. An dat heescht, ëffentlechen Transport! An do leien déi grouss Investissementen an den nächste Joren. Zum Beispill bei ronn 1,5 Milliar-den, déi iwwert déi nächst Joren an d'Schinn wäerten investéiert ginn. Ech komme méi spéit nach eng Kéier dorop zrëck.

Ech wollt fir d'Éischt nach eng Kéier vun den Defiziter vun der bishereger Landesplanung a Mobilitéitspolitik schwätzen.

(Brouhaha et coups de cloche de la prési-dence)

An déi huet net eng Regierung eleng verschëllt, mä ëmmer war d'CSV ganz no derbäi! Wat sinn déi Defiziter? Ech zielen der nach eng Kéier véier dovun op.

Duerch eng net existéierend Landesplanung koun et zu der Zersiedlung vun der Land-schaft, déi nach laang effizient ëffentlech Trans-porter schwieeg wäert maachen an d'Leit op de Privatauto festneelt. Dat politesch verschëllt Ausenanerappe vun de Beräicher Wunnen, Schaffen a Fräizäit huet net nëmmen een, mä oft der zwee, och nach den drëtten Auto haut zur Noutwendegkeet gemaach.

Dat bewosst Netinvestéieren an Eisebunnsstrec-ken an Eisebunnsinfrastrukturen, an ech wëll dorun erënneren, dass d'Ausgaben iwwert de Fonds des routes bis viru Kuerzem ëmmer wesentlech méi héich waren, wéi déi aus dem Fonds du rail. Et sinn an et ginn nach ëmmer massiv steierlech Ureizer fir de privaten an de kommerziellen Individualtransport. Och dat Si-gnal huet kloer a Richtung Zersiedlung a priva-ten Auto higewisen. Kee Wonner also, wann d'Leit sech deemno orientéiert hunn.

Et ass dofir richtig an héich Zäit, dass mir end-lech eng Diskussioun doriwwer féieren, wéi Lët-zebuerg muer soll ausgesinn, a mir eis déi Fro stellen: Wéi e Lëtzebuerg fir muer? Déi Diskus-sioun ass vum Minister François Bausch am Ka-der vum sektorielle Plang proposéiert ginn. A mir Gréng kënne dat nëmmen ënnerstëtzen.

Déi Debatt ass gradesou noutwendeg, wéi déi Debatt iwwert d'Finanzplaz. Am Kader vun esou enger Debatt kann een och méi déif grä-fend Froe behandeln: Wéi e Lëtzebuerg fir muer? Wéi a wou solle mer wuessen? Kënne mer eis ökologesche weiderhin en ongebrems-te Wuesstum leeschten? Wou muss een eventuell bremsen? Wéi kënne d'Sozialsystemer dauer-haft stabiliséiert ginn? Wat, wéi a wou wëlle mer schützen? Wou a wéi wëlle mer schaffen? Wou a wéi wëlle mer eis bewegen? A wou a wéi wëlle mer wunnen?

Här President, Dir Dammen an Hären, ech wëll elo just zum Schluss am Numm vun deene Gréngen nach zu e puer ausgewielte Politikfel-der Stellung huelen.

Zu de Recetten. Wa mer eis Recettësäit uku-cken, si mer, wéi schonns virdu gesot, ganz staark ofhängeg vun nëmmen e puer Secteu-ren: nämlech der Finanzplaz, dem Tanktouris-mus, dem Tubak a virleefeg nach e ganz Stéck vum E-Commerce, deen dës Joer nach awer mat engem Batz Geld an de Statskeesen do ass. Awer net méi laang! Dat sinn haut 45%.

Awer wéi wackleg dës Beräicher sinn, mat Aus-nahm vum E-Commerce, wësse mer eigentlech net genau. Dofir bräichte mer vläicht och am Virfeld vun enger Steuerreform méi finanzpoli-tesch Kompetenzen, och hei an der Chamber.

Firwat net och der Chamber méi Kompetenzen an deem Beräich ginn? A firwat net och do an dësem Beräich eng Allianz oder op jidde Fall eng Zesummenaarbecht mat enger Uni vu Lët-zebuerg opmaachen, fir kënne sech an deene Beräicher besser opstellen?



Datselwecht gëllt fir d’LuxLeaks-Affär. Hir Konsequenzen op eis Recetté sinn haut nach net ofgeschätzt. Och do misste mer eis kënnen e gewësse Soutien oder eng gewëss Hëllefstellung vu baussen eranhuelen.

Zu den ëffentlechen Investitiounen: Dëse Budget ass kohärent mam ambitiëse Regierungsprogramm an erméiglecht notament e breeden Investitiounsprogramm mat klorer Visioun a Konzept. Besonnesch d’ëffentlech Mobilitéit steet do am Fokus, awer net nëmmen déi! Deemno ass en alles aneschtens wéi eng Austeritéitspolitik. De Budgetsrapporteur hat dat gëschter nach eng Kéier ganz ausdrécklech a sengem mëndleche Rapport duergestallt (veuille lire: den Ennerscheid duergestallt) tëschent Austeritéits- an Investitiounspolitik an deenen nächste Joren.

An den nächste Jore ginn, sage und schreibe, all Joers 10% méi investéiert an d’ëffentlech Infrastruktur wéi Schoulen, Betreuungsstrukturen, Administratiounen, Verwaltungen an nach vill anerer.

Dofir ass et och onverständlech, an ech kann dat nëmmen hei mat ënnerstëtzen, wat den Här Bodry virdru gesot huet, fir iwwert den Investitiounsprogramm wëllen Aspierungen ze maachen.

Dat ass just en Erausschiebe vun Investitiounen, mä dat ass kee Spuereffekt a bréngt just de Géigendeel, nämlech dat, wat mer haut bréngen, dass mer nach manner Aarbechten dobussen zur Verfügung stellen. An et ass jo just grad dat, wat mer dobausse brauchen. Kleng a mëttelständesch Betriber brauchen Optrag, fir kënnen weider ze wuesse respektiv a weider Aarbechtsplazen an hire Beräicher kënnen ze investéieren.

Wéi scho gesot, Rekordinvestitiounen am Zuch, an der Schinn. D’Zuchstreck Beetebuerg-Lëtzebuerg, d’Gare Ettelbréck, d’Gare Lëtzebuerg, d’Zuchstreck Lëtzebuerg-Sandweiler, Schutz virum Kaméidi a villes méi.

Et wäerten awer och nach Stroosse gebaut ginn. Awer net op d’Strooss, mä méi op d’Sécherheet gëtt Wäert geluecht: Sécherheet op der A3 an och op der A6, sief hei just kuerz erimmt. An da kënnt deen endlech länger fällige Vëlospisteréseau mat iwwer 600 Kilometer, deen erweidert gëtt op 1.100 km bis d’Joer ‘20 a ‘35.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*). - Paradigmewiesel an der Familljepolitik. D’Familljepolitik vun der neier blo-rout-grénger Regierung ass keng Antifamilljepolitik, mä endlech d’Familljepolitik op d’Realitéit vun haut upassen. Ewech vun der Geldleeschtung hin zu der Sachleeschtung. Et kann een net dat eent finanzéieren an och net grad just de Contraire.

Och d’Famill ass fir déi gréng ganz wichteg a si gehéiert och vum Stat gefërdert. De Stat muss awer d’Rahmbedingungen esou stellen, dass jiddwereen déiselwecht Chance kritt, dovun ze profitéieren, d’Kanner, d’Fraen, d’Männer, an dëst fir all sozial Schichten an all Nationalitéiten.

Just vläicht eng ganz perséinlech Note zu der Familljepolitik: Ech komme jo aus enger ganz kannerräicher Famill, an d’Famill steet op enger ganz héijer Wäerteskala bei eis doheem! Hunn zwee Meedercher och, déi studéieren. Déi wäerte sécherlech hir Fra spéider um Aarbechtsmarché stellen, souguer dat eent an engem reng männlechen, vläicht männleche Beruff, mä haut net méi esou, nämlech als Wäibau-Ingenieur.

Vun de 27 Enkelkanner sinn 20 Fraen, déi bal haut all mat zwee Feïss an der Beruffswelt stinn a gäre stinn. An eppes wëlle se all net: Dat sinn nämlech Almosen. Mä si wëlle Gläichberechtigung, eng éierlech Gläichberechtigung an eng éierlech Chancégläichheet. Dat ass dës Familljepolitik, déi dat ausgemaach huet. Net eng Selektivitéit, mä eng Chancégläichheet fir jiddwereen. An dat wäert domadder hei, mengen ech, vun dëser rout-blo-grénger Koalitioun - sinn ech iwwerzeegt - an Zukunft dee richteg Wee sinn.

Zum Fonds souverain: D’Schafung vum Fonds souverain ass definitiv ze begrëssen. Och wa mer elo vläicht a méi enger prekärer Situatioun sinn, mä léiwer elo wéi ni. Et gëtt héich Zäit. An ech kann lech nëmme félicitéieren, dass Der dee Choix getraff hutt, fir kënnen an déi Richtung ze goen! Et si vill Länner, déi op dee Wee gaange sinn. An och mir hätte leider scho vill éischer missen domat ufänken. Mä et ass ni ze spéit. Dofir kënnen mir als Gréng nëmme ënnerstëtzen, dass mer widerhin zukünfteg doranner investéieren an déi Generationegerrechtgeek do am Fong wëllen opbauen.

E puer Wuert zu de Gemegefinanzen: Dës Regierung steet zu de Gemengen an hiren Aufgaben. Mä genau wéi d’Regierung gëtt och de Gemegegesetzer un de Spuermoosname bedeelegt. D’Regierung huet dobäi versicht, d’Laascht esou ze verdeelen, dass breet Schëlle-

ren, elo emol, e bësse méi kënnen droen an ausgläiche wéi anerer. Ausserdeem, wann een d’Steiere vun deenen eenzelne Gemege kuckt, esou hätte vill Gemengen nach Méiglechkeeten, wa se sech endlech un der richteger Waasser- an Offallpolitik géife bedeelegen, nämlech um käschtedeckende Waasserpräis respektiv dem käschtedeckenden Offallpräis.

Ech wëll drun erënneren, dass ënner enger CSV-Regierung den Taux vum Impôt commercial vu 4 op 3% reduzéiert ginn ass an dass jorelaang eng Reform, an dat ass virdrun des Laangen an des Breeden nach eng Kéier hei gesot ginn, vun de Gemegefinanzen... (veuille lire: vun de Gemegefinanze versprach ginn ass, ouni dass eppes geschitt ass.) Mir brauchen endlech deen Ausgläich tëschent räichen, mat och deenen néidegen Aufgaben, déi do ze bewältege sinn, an deene méi aarme Gemengen.

D’Zuelen, déi si virdru genannt ginn, vun der längerfristeger Perspektiv vun de Gemengen, gesinn effektiv guer net esou schlecht aus. Esou an der Vergaangenheet, esou och an der Zukunft. Gëschter hu mer jo nach den Tableau geschéckt kritt. A wann een deen Tableau gesäit, geet et effektiv mat enger Evolution vu 6% weider, wat, wéi ech a mengem Virspann gesot hunn, net gradesou optimistes awer wäert goen, mä zumindest wäerte mer och an der Zukunft mat engem Wuesstum vu 4 bis 5% kënnen rechnen.

Och mir si frou, dass mer endlech d’Debatt iwwert d’Grundsteuer kënnen féieren. Et schéngt jo elo endlech esou wäit ze sinn, dass se alleguerten, zumindest déi, déi ech haut héieren hunn, do kënnen mat op dee Wee goen. Vläch kéint een och do direkt och um Ufank e puer ökologesch Komponente mat eraféieren. Zum Beispill d’Steigerung vun der Grundsteuer koppele mat engem Energiepass. Wann den Energiepass gemaach gëtt, bräicht mander Steigerung an der Grundsteuer ze sinn.

Et kéint een och nach aner Energiespuermoosnamen, méi effizient Spuermoosnamen erabréngen, soudass do e Lien, och eng ökologesch Komponent an der Grundsteuer mat erakënn. An zousätzlech kéinte mer e wichtege Investitiounsschub an d’Energieeffizienz erakréien. An zousätzlech och, wéi virdru scho gesot, Aarbechtsplaze weider an deem Beräich kréieren.

Nach e puer Iwwerleeungen zu den Dépenses fiscales. Och déi goufe schonns vun e puer Virriedner hei opgeworf. Eng Dépense fiscale ass jo eng Remise fir bestëmmte Leit a bestëmmte Situatiounen op enger Steuer oder enger Cotisatioun, déi eigentlech ze bezuele wier. Et ass keng wierklech Dépense. Et ass éischer eng verhönnert Recette, heescht awer nun emol „Dépense fiscale“.

Fir d’Steierpolitik an de Rôle vum Parlament ass et awer e wichtegt Thema, well iwwert d’Dépense bestëmt d’Parlament, iwwert d’Steieren och. A béide Beräicher gëtt d’Décisioun opgrond vun engem Budget, also Zuelen, geholl. Bei den Dépenses fiscales ass et awer aneschtens. Et gëtt keng Enveloppe. Kee weess direkt, wat genau ofleeft.

Folglech huet eng Regierung och Intérêt, heiansdo mat deenen Instrumenter ze schaffen. Trotzdeem sinn déi Dépenses fiscales wichteg an et ass och richteg, vu Fall zu Fall ëmmer nach ze ënnerscheeden.

Allerdéngs - an dat huet de Rapporteur gëschter gesot an dat steet och an deem engen oder anerem Avis, insbesondere vum Statsrot - soll d’Parlament wëssen, wat do déciéiert gëtt, weivill et also kascht, wien dovunner profitéiert a wat et bréngt.

Dofir brauche mer och zu Lëtzebuerg eng jährelch Opstellung - en éischen Effort ass gemaach ginn an deem neie Budget - an och eng Diskussioun iwwert d’Dépense fiscale. D’Belsch a Frankräich, fir nëmme déi zwee ze nennen, maachen dëst säit Joren. Grad am Hibleck op d’Steierreform ass dat wichteg, well et erlaabt, eng Rei Ajustementen kënnen ze maachen.

Et ass och dofir ganz richteg a wichteg, sech e bëssen Zäit heifir ze huelen. Elo eng Steuerreform Hals iwwer Kapp just fir d’Betriber wëlle virzezéien, wéi vun der CSV proposéiert, ass alles aneschtens wéi produktiv. Hei heescht et elo, d’Waasser ze halen an net ze fréi aus der Héft ze schéissen, soss kann op eemol nees dat eent gefërdert ginn a gläichzäiteg och säi Contraire. Mä esou gouf jo an der Vergaangenheet hei zu Lëtzebuerg leider allze dacks Politik bedriwwen.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun. Mir sinn aus deene beschriwwenen Iwwerleeungen eraus gezwongen, ze handeln. Stëllstand wär alles aneschtens wéi ubruecht. Dofir hei e kloert Bekenntnis zu der Virgehensweis vun der blo-rout-grénger Regierung.

A wann d’CSV elo op eemol mécht, wéi wa si dat schonns alles gewosst hätt, dann däréi ee si

awer froen: Firwat hutt Dir dann net gehandelt, wéi Der konnt a wéi et un der Zäit war? Well genau dat ass et, wat lech zum Verhängnis ginn ass: D’Finanzsituatioun ze kennen, mä ouni entsprechend ze handeln. Wou war de séchere Wee? Léiwer sech duerchwurschtele wéi Reformen ze maachen. Léiwer verstoppe wéi Verantwortung ze iwwerhuelen. Ech kann lech an deem Zesammenhang just en Zitat vum La Rochefoucauld mat op de Wee ginn: „Il est souvent plus grand d’avouer ses fautes que de n’en pas commettre.“

D’Viviane Loschetter huet zum Schluss vun hirem mëndlechen Exposé net méi vum Zukunftspak geschwat, mä vum Zukunftsprojekt. Deem kënnen sech déi gréng nëmme uschlëssen. Mir wënschen eis nämlech, dass mer dat Land, op dat mer jo all wëllen houfreg sinn, erëm fit fir d’Zukunft maachen. Jo fir en Zukunftsprojekt, dee mer just zesumme kënnen a mussen ugoen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och dem Här Kox. Nächste Riedner ass de Gast Gibéryen fir d’ADR.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, zur spéider Stonn wëll ech awer och ufänken, andeem dass et deenen zwee Rapporturen, dem Kolleeg Fränz Fayot an der Kolleegin Viviane Loschetter, Merci soe fir hir Rapporten.

Et ass eng Traditioun bei Projeten, dass mer de Rapporteur Merci soen, mä bei de Budgeten, mengen ech, ass et méi wéi e Merci, well mer aus der Vergaangenheet wëssen, weivill Aarbecht dass d’Rapporteur sech mussen mat engem Budget maachen. Ennert den Émstänn, wéi se dëst Joer waren, war et deemtsprechend nach méi schwéier, well vill ënnert Drock geschafft ginn ass. An esou muss ech och soen, dass déi Dokumenter, wat d’Rapporten ubelaangt, ëmmer gutt Dokumenter an Dokumentatiounen sinn, wou ee kann zréckkucke goen, wou ee flott Initiativen, Iddien dran huet, wann een eppes muss recherchieren. An dofir mäi Merci un déi zwee, och wa mer, wéi dat verständlech ass, mat de Konklusiounen vum Rapport net kënnen averstane sinn.

Här President, dat hei ass am Fong deen éischte richteg Budget vun der Gambia-Regierung, nodeem mer d’lescht Joer fir d’Éischt een amputéierte Budget hei gestëmmt hunn! An dofir, mengen ech, kënnen mer och elo eng Diskussioun féieren, déi kloer ënnersträicht, wat fir eng Politik déi nei Regierung wëllt maachen oder amgaangen ass ze maachen.

Ech wëll mech haut méi op de finanzpoliteschen Deel vum Budget limitéieren, a meng zwee Parteikollege Fernand Kartheiser a Roy Reding wäerte muer an der Debatt méi op punktuell Punkten agoen an och Propositionen a Spuerpropositionen vun eiser Säit mat an d’Debatt erabréngen.

Ech mengen, dat ekonomesch Émfeld, an deem mer eis befannen an op deem de Budget opgesat ass, ass an engem permanente Wandel a leider an engem Negativtrend. Dass d’Regierung e Budget opsetzt mat enger gewësser Wuesstumsprognos, déi zu deem Zäitpunkt ebe vun deenen zoustännegen Organer virgueluecht ginn ass, ass eng normal Saach. Mä mir wëssen aus deene leschte Joren, dass déi Prognose vun där éischer Kéier, wou se fir e Joer genannt gi sinn, bis herno, wa se definitiv gi sinn, an der Regel zréckgaange sinn.

An esou hu mer, mengen ech, elo schonn, an deem Zäitraum, wou de Budget opgestallt ginn ass a wou mer elo hei diskutéieren, aner Chiffere mat engem negativen Trend kritt. Dofir wäert dës Budget och a sengem Grundwäert, wat einfach de Wirtschaftswuesstum ubelaangt, net kënnen déi Resultater kréien, déi an dësem Budget stinn. An et muss een och wëssen, dass dat internationaalt Émfeld a virun allem eis direkt Noperen, déi jo eis gréissten Handelspartner sinn, en Negativtrend hunn, wat sécherlech och en negativen Afloss op eisen Aussecommerce wäert mat sech bréngen.

Ech wëll mech och haut méi spezifesch, wéi gesot, mat der Finanzsituatioun vum Stat beschäftegen a méi mat där sougenannter „Nischepolitik“; déi wëll ech méi an de Kontext vun der Finanzsituatioun setzen. Mir hunn eng Rei vun Nischepoliticken an de leschte Joren hei am Land gemaach. Mä net nëmme mir Lëtzebuerger hunn Nischepolitik gemaach, all Land mécht Nischepolitik. An et kann een och souguer soen: All international aktive Betrib mécht Nischepolitik an och all nationale Betrib mécht Nischepolitik. Jiddweree sicht, wou e säi Produit am beschte verkaaft ka kréien a wou en dee gréisste Rendement kritt. Et ass also eng ganz normal Saach.

Mir hunn awer hei zu Lëtzebuerg eng ganz Rei vun Nischen. Eng éischt Nisch, déi elo den 1. Januar 2015 ophéiert, dat ass am Fong d’Bank-

geheimnis. Dat ass deemools zu Feira diskutéiert ginn. An ech kann lech noliesen (veuille lire: An Dir kënnt noliesen), dass mer deemools als ADR gesot hunn, dass no Feira den Ufank vum Enn vum Bankgeheimnis wier. Et huet elo 14 Joer gedauert, an dat Bankgeheimnis gehéiert dann elo den 1. Januar 2015 der Vergaangenheet un.

Et ass sécherlech esou, dass d’Répercussiounen vun dem Opgi vum Bankgeheimnis op de Budget 2015 nach vläch eng kleng Recette wäerte bedeiten, mä duerno huet dat keen Afloss méi op de Budget. Dat heescht, et ass schonn an deene leschte Jore geschitt, dass d’Banken do ëmstrukturéiert hunn, an dat huet och seng Répercussiounen op d’Steieren - an ech kommen herno nach eng Kéier dorop zréck -, déi de Finanzsektor an de Statsektor bezilt. Mir wäerten also d’nächst Joer eng Perte kréien, déi nach relativ kleng ass, vun den Ausleer vum Bankgeheimnis respektiv der Quellesteier, déi mer bei den Non-résidenten opgehuewen hunn, wou mer een Deel dervu konnte behalen, dee mer d’nächst Joer verléieren. Also déi Nisch Bankgeheimnis, déi ass fort.

Eng zweet Nisch, déi mer haten, dat war den E-Commerce. Do huet Lëtzebuerg 2008 (veuille lire: 2014) eng Direktiv ugeholl, duerch déi eben elo vum 2015 u progressiv déi Steuer op dem E-Commerce bis 2018 - den 1.1.2019 - definitiv zu honnert Prozent erofgeet. Et muss ee wëssen, dass dës Steuer eng enorm Progressioun hat. Well, wéi mer ugefaangen hunn, ware mer knapps iwwer 100 Milliounen an elo si mer iwwer enger Milliard, déi mer beim E-Commerce opgehuewen hunn. An ech mengen, et muss ee se ëmmer an de Kontext vum Gesamtbudget stellen. Eng Milliard an engem däitschen, franséische Stat ass praktesch näischt, mä eng Milliard beim Budget vu Lëtzebuerg, mat 12 Milliarden Recetten, dat ass en enorme Bäitrag, dee mer do iwwer eng eenzeg Nisch kruten an deen eis dann och elo iwwer véier Joer wäert verluer goen.

D’LuxLeaks-Affär, déi elo kierzlech opgetratt ass an déi eise Land sécherlech e Schued wäert maachen: Do hu mer versicht als Lëtzebuerger Politik zesumme mat der Regierung, eng gewësse parteiwwergräifend Solidaritéit ze weisen; déi war net falsch. Et war aus eiser Sicht eng richtig Politik, déi mer och als Lëtzebuerg gemaach hunn, well mer se jo och net eleng gemaach hunn. Ech mengen, praktesch all europäesch Staten a vill aner Länner op der Welt bedriewen déi Rulingspolitik. A mir sollen dofir kee schlecht Gewëssen hunn, mä mir sollen do eiser Meinung no éischer eng offensiv Politik maachen.

D’Gefor ass awer kloer an d’Resultat vun där ganzer Diskussioun, déi elo awer op en internationalen Niveau komm ass, wäert zur Konsequenz hunn, dass mer och als Lëtzebuerger Stat do wäerten eng Rei vu Milliounen - de Chiffer ass eis nach net esou genau bekannt - an Aarbechtsplazen an deenen nächste Jore verléieren.

An ech mengen, mir sollten och... Eise fréiere Statsminister Jean-Claude Juncker huet an deem Kader, well e jo och mat an d’Kritik geroden ass, ëmmer gesot, hien hätt am Fong domadder näischt ze dinn; dat wär d’Verwaltung gewiescht. Dat ass dat eenzeg Argument, wat mir als ADR net ziele loosse. Ech mengen, eng Verwaltung schafft ëmmer nëmme am Kader vun deene Gesetzer, déi d’Politik mécht. Eng Verwaltung schafft net an engem lofftfräie Raum. An déi Politik, déi gemaach gouf, do waren natierlech un éischer Stell ëmmer de Finanzminister an un zweeter Stell d’Regierung an d’Parlament responsabel. Dofir sollte mer eis och do net där Responsabilitéit entzéien. De Jean-Claude Juncker hätt zumindest misse soen, hie wär politesch responsabel. An dass d’Verwaltung d’Exekutioun mécht, dass schéngt mer eng normal Saach ze sinn.

Bei deenen dräi Punkten - Bankgeheimnis, Rulingen an E-Commerce - ass eiser Meinung no an der Vergaangenheet eis Regierung vill ze vill oft an eng negativ Positioun eragaangen. Mir hunn eis ëmmer an d’Defensiv dreuwe gelooss, amplatz dass mer méi offensiv un d’Dossieren erugaange wäeren an dass mer méi mat Iwwerzeugung gesot hätten: „Ma dat ass e Recht. Mir maachen näischt falsch.“ A mer hätte vläch méi missen op déi aner Länner weisen, déi genau datselwecht maachen an aner Nische maachen an an engem vill méi héije Mooss dat maachen, amplatz dass mer eis ëmmer zréckgezunn hunn an am Fong eis domadder international als schëlleg dohinnergestallt hunn.

Mä et gëtt nach Nischen, déi elo nach net zur Diskussioun stinn. Ech denken awer do zum



Beispill un den Tanktourismus, zesumme mam Tubak a mam Alkohol. Ech mengen, eleng duerch déi technologesch Entwécklung, déi mer an deene leschte Jore matgemaach hunn, gëtt manner Pétrol verbraucht. An da gëtt am Fong gesot, datt tëschent 2012 an 2014 11% eleng op déi Entwécklung zrëckzeféiere sinn, wou manner Pétrol gebraucht ginn ass. Mä et muss een och kucken, wat den Tanktourismus, wéi mer en nennen, an d'Statskeess erabruucht huet: 744 Milliounen Akzisen an 123 Milliounen TVA, also 867 Milliounen vun 1,040 Milliarden, wat dee ganze Chiffer ass. Also 83% vun deem Chiffer sinn op den Tanktourismus zrëckzeféieren.

A wa virdrun hei geschwat ginn ass vu Kyoto a vun eisen Engagementer an eise Responsabilitéiten, da muss mer eis och erëm hei bewosst ginn, datt mer där Milliarden net kënnen all zwee Joer erëm eng weider verléieren. Well mer kréien déi, bei engem Budget vun 12 Milliarden, net kompenséiert, wa mer net wëllen, datt mer muer mussen immens drastesch Moossnamen huelen. Dofir warne mer, datt een do net soll ze vill helleg sinn. An och den Tanktourismus ass eng Nischepolitik. A wa mer dann nach géifen derbärechnen, wat mer iwwert den Alkohol an d'Akzisen erakréien, da gesäiche mer eréischt, wéi grouss datt déi Chifferen do sinn.

Et gëtt och Leit, déi soen, eis Fongenindustrie wär an engem gewëssene Sënn eng Nischepolitik. Mir wëssen awer och, datt mer eng vun deene gréisste Finanzplaze vun der Welt sinn, wat d'Fongen ubelaangt. A mer sinn och der Meenung, datt dat awer alles an engem geuerdneten a legale Kader ass. An och do muss mer oppassen, datt net eng nächst Attack op eis zoukënn.

Eng aner Nisch, déi mer vläicht hunn, ass, wéi gesot, de Pavillon maritime.

Wann een da kuckt, wat fir en Afloss datt déi Nischepolitik op eis Statsfinanzen huet, sou gëtt am Fong ausgerechent, datt eleng d'Finanzplaz am Joer 2013 2.197.000.000 an d'Statskeess bruecht huet. Eleng op dem IRC, de Steieren op dem RTS, dem Kapital an op der Verméigenssteuer si vun dem globale Chiffer 43% vum Finanzsecteur bezuelt ginn. D'Kollektivitéitssteuer: Do huet de Finanzsecteur 72% dervu bezuelt; vun der gesamter Lounsteuer komme 24% vun der Finanzplaz; d'Kapitalsteuer: 43% vun der Finanzplaz, an op der Fortune 81%. Also op der gesamter Steuer, déi de Stat erakritt, ass ee Véirel, 25%, wat direkt vun der Finanzplaz d'Steiere sinn, déi mer do kruten.

Wa mer dann haut also elo soen... Ouni déi Steieren, déi dann nach derbäikommen, déi direkt oder indirekt un der Finanzplaz hänken.

Mä och den Impôt commercial, deen ongeféier 600 Milliounen d'Joer fir d'Gemengen ausmécht an een Drëttel vun de Gemeengefinanzen ausmécht: 68% vum Impôt commercial komme vun der Finanzplaz. An dofir - ech kommen herno nach méi op d'Chifferen am Detail zrëck - froen ech mech, wéi sou den Innenminister an och den Här Finanzminister de Moien de Gemenge méi Recetté fir déi nächst Joren an Aussicht gestallt hunn, wa mer d'Entwécklung vu grad deene Steieren an deene leschte Jore kucken. Ech kommen nach dorobber zrëck.

Mä firwat wëll ech dat am Fong hei soen? Datt (veuillez lire: Well) mer déi Nischepolitik hunn, kommen déi 50% vun eise Recetten, déi mer beim Stat hunn - oder 45 bis 50% -, aus deene verschiddenen Nischen eraus.

Mir sollen eis dofir net hei zu Lëtzebuerg e schlecht Gewësse maachen. Virun allem wëll ech hei eng Warnung ausspriechechen un alleguer déi Leit, déi elo wëlle Moralapostel spillen an déi mengen, se misste sech aus där Solidaritéit, déi mer awer versiche politesch hei vis-à-vis vum Ausland ze dokumentéieren, ausschlëssen a se misste Stuerme lafe géint d'Rulingen, zum Beispill, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn.

Ech wëll deene Leit soen, datt opgrond vun där Nischepolitik jiddwereen hei am Land profitéiert! Et gëtt keen hei am Land, deen net vun där gudder Situatioun vun de Finanzen profitéiert, weder heibannen nach dobaussen, weder physisch Persounen nach Betriber, weder am öffentliche nach am Privatsecteur. Jiddwereen huet dovunner profitéiert!

A Leit, déi elo wëllen do Moralapostel spillen a soen, mir missten onbedéngt do mathalen, dat si vläicht déi, déi da muer am haartste jäizen, wa mer déi Recetté manner hunn a wann d'Politik dann net derlaanschtkënn, fir Décisiounen ze huelen, well se ëmmer muss kucken, datt se beim Budget déi zwee Enner zesummekritt. An

ech hu virun allem elo op eis lénk Kollege gekuckt, déi jo do esou maachen, wéi wa mer misste mat deem ganze System, wéi en ass, ophéieren. Dann herno wäerte si awer och déi sinn, déi am haartste jäizen, wann dat net méi esou ass.

Ech verstinn, datt et de Leit dobausse schwéier ze erklären ass - well een de Leit net alles erkläert -, wa mer déi Nischepolitik net hätten, da kéinte mer viles an eise Sozialsystem net maachen a kéinte mer vill Investitiounen net maachen. An et ass natierlech méi einfach, de Leit ze erklären: „Ma Dir musst bis op dee leschten Euro Är Steiere bezuelen an déi dote Betriber bezuelen eben nëmmen e kleng Prozentsaz.“ Wa mer net dee kleng Prozentsaz géife froen, hätte mer déi Betriber net hei zu Lëtzebuerg! An et ass besser, et kritt een 1% vun e puer honnert Milliounen wéi 5% vun näischt! Well et ass also net, datt mer déi dote Betriber dann awer hei hätten. Mä dann hätte mer se net an dann hätte mer esou vill manner Recetten an eise Land. An dann hätte mer och manner Méiglechkeeten, fir kënnen ze investéieren oder Sozialpolitik ze maachen.

Dofir muss mer de Leit dat erklären, wéi dee System do fonctionnéiert. An dorënner fale jo och net ons Betriber; och dat muss een emol eng Kéier hei soen. Well elo an der öffentliche Meenung, wann een dobausse mat de Leit schwätzt, gëtt generell einfach gesot: „Ma d'Betriber bezuele keng Steieren.“ Nee, d'Rulingen, dat sinn net eise Bäcker, eise Garagist, eise Metzler, eise Mëtzelständler, eise Fräieruffler hei am Land; dat si multinational Konzern, déi mer iwwer eben eng Steierkonstruktioun hei op Lëtzebuerg kritt hunn an déi eis dann eben hei Recetté bréngen, déi mer soss net hätten. Mä ons Betriber bezuelen am Prinzip hir normal Steieren, an dat muss mer de Leit erklären, fir datt se de System verstinn an och verstinn, datt mer dovunner alleguer wäerte profitéieren. Quitte datt et an deenen nächste Méint a Jore wäert méi schwéier ginn, fir déi Suen eranzekréien, wat dann och wäert zur Konsequenz nei politesch Diskussiounen hunn, wéi mer dat da kompenséiert kréien.

E Wuert iwwert d'Statsscholden. Ech mengen, ech brauch d'Chifferen net méi ze nennen, wéi d'Statsscholden an deene leschte Joren explodéiert sinn. Dës Regierung gesäit vir, an deem Budget 1,5 Milliarden ze léien. Mir wëssen awer, datt mer nach 1 Milliard - mengen ech - 750 Milliounen aus fréiere Budgeten autoriséiert hunn, déi awer net bis elo opgehollet gi sinn. An do muss mer eis eng Kéier an der Comexbu an an der Cofibu mat der Regierung eens ginn, ob Emprunten, déi mat engem Budget gestëmmt si ginn an net opgehollet si ginn, ob déi verfallen oder ob déi och an Zukunft hir Gültgkeet behalen.

Mä dee grouse Problem - an ech hunn dat e puermol schon heibanne gesot, ech wëll dat och des Kéier erëm heibanne soen -, deen d'Staten hunn, net nëmmen de Lëtzeburger, mä all Staten, a wat d'Ursaach ass vun där Scholdekris, wou d'Staten eragerode sinn, dat ass, datt d'Staten hiert Kapital, hir Scholden net zrëckbezuelen.

E Privatmann, deen eng Schold mécht, bezilt Kapital an Zësen, e Betrib bezilt Kapital an Zësen, och eng Gemeng bezilt Kapital an Zësen zrëck. An de Stat bezilt am Prinzip nëmmen Zësen zrëck an um Enn vun der Échéance misst en d'Kapital an enger Kéier ganz zrëckbezuelen. Mä dann ass dat Geld net do! An an där Situatioun si mer elo. Also gi mer e Refinanzement vun deem alen Emprunt maachen a loossen en dann erëm op 20 Joer lafen. An esou komme mer an déi Scholdespiral eran, wou mer ëmmer méi Scholde kréien an aus där et ëmmer méi schwéier gëtt, fir erauszekommen.

Wann de Stat, mat eiser Schold, déi mer haut hunn, géif higoen an e géif all Joer d'Kapital zrëckbezuelen iwwer 20 Joer, da wier de Statsbudget am Abléck mat 350 Milliounen d'Joer weider belaauscht, eleng wat mer missten u Kapital zrëckbezuelen. Mir bezuelen dat net zrëck. An dat ass am Fong déi gréissten Hypothék, déi mer deene kommende Generatiounen operleëen, datt mer Schold maachen a mir bezuelen d'Kapital net zrëck.

An an där ganzer finanzpolitescher Diskussioun dierfe mer och déi Engagementer net vergiesen, déi mer op europäeschem an internationalem Plang geholl hunn am Kader vun der Kris a vun der Euro-Rettung, souwuel um europäesche Plang, wat den EFSF wéi den ESM respektiv beim Internationale Währungsfond betrëfft, déi mer geholl hunn, wou och nach... A mir wëssen alleguer, datt déi Krisen net iwwerstane sinn, datt do kënnen, mir hoffen et net, mä do kënnen och nach zousätzlech Dépensen op de Lëtzeburger Stat zoukommen.

Ech géif da kuerz e bëssen d'Entwécklung vun zwou Steiere kucken. Déi eng ass d'Kierperschafts-, d'Kollektivitéits- oder d'Betribsteier,

wéi mer se nennen. Wa mer de Kont kucke vun 2010, hate mer 1.459.000.000 erakritt, 2011 1.573.000.000, 2012 1.536.000.000, 2013 1.500.000.000 (veuillez lire: 1.496.000.000) an 2014 stoungen am Budget 1.520.000.000. Der Estimatioun vun der Steierverwaltung an der Cour des Comptes no géifen awer 2014 nëmmen 1.400.000.000 (veuillez lire: 1.412.000.000) erakommen, dat heescht, et géife praktesch 100 Milliounen manner erakommen, wéi mer am Budget stoen haten.

Mir stellen also fest, datt déi Steier iwwer fënnef Joer op engem Niveau vun 1,5 Milliarde konstant war an déi elo am Prinzip zrëckgeet. Mir sinn elo, 2014, souguer ënnert dem Niveau, wat déi Steier 2010 uitgemaach huet! An awer huet d'Regierung, an dat ass eng Fro un de Minister, Här President, d'Regierung am Budget praktesch 1,6 Milliarde fir d'nächst Joer agesat. Dat heescht, nodeems datt se dës Joer 100 Milliounen erof géif goen, géif se d'nächst Joer 200 Milliounen an d'Luucht goen. Wou ee sech d'Fro muss stellen, opgrond vu wat fir enge Chifferen dat kënnt, well mer jo och wëssen, datt d'Dekonte vun de Betriber, esou ass et eis an der Finanzkommissioun gesot ginn, wou mer am Fong nach eng Mouk an de Betriber leien haten, datt déi iwwert d'Joren awer elo relativ bäikomm ass.

Mir wëssen also, datt d'Betriber net méi esou vill Steiere bezuelen. Dat huet och mat Konstruktiounen ze dinn, et huet natierlech och mat der ekonomescher Entwécklung ze dinn an et huet virun allem och op der Finanzplaz, géif ech menge kënnen hei ze soen, mat der Ofschafung vum Bankgeheimnis ze dinn, datt an deem Secteur net méi esou vill Steiere bezuelt ginn, wéi dat war.

Dann huele mer d'Lounsteuer. D'Lounsteuer ass am Fong vun 2012 un explosiounsarteg an d'Luucht gaangen, do hate mer 2,5 an 2015 hu mer 3,3 Milliarden am Budget. Op siwe Joer gekuckt ass d'Lounsteuer eng Milliard an d'Luucht gaangen. Mä et muss een awer kucken, datt mer an all deene Joren d'Steiertabell net un d'Inflatioun ugepasst hunn. Et ass eis an der Finanzkommissioun virun e puer Joer gesot ginn, datt eng 2%eg Inflatioun, wa mer déi hätten, a mir géifen d'Steiertabell un déi 2% net upassen, da géif dat dem Stat am Fong 100 Milliounen d'Joer weider u Lounsteuer erabréngen.

Wa mer kucken, déi Progressioun, déi mer hu bis 2014, vu 700.000 Euro op siwe Joer, a mir huelen dann do d'Inflatiounsberengung eraus, dann ass am Fong och net vill weider u Steierreccetté komm. Mä de Gros vun der Progressioun läit an der Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun, trotzdeem mer an deene leschte siwe Joer och 70.000 nei Aarbechtsplaze geschafen hunn.

Ech hu virun enger Woch hei, wéi mer d'Diskussioun haten iwwert d'Croissance, hunn ech driwwer geschwat, datt mer missten onbedéngt, vu datt jo d'Prozedur vun de Plans sectoriels gestoppt ginn ass, datt een do vun der Geleeënheet misst profitéieren - ech si frou, datt déi gréng Kollegen och erëm haut op hire fréiere Wee wëllen, well si sinn ëmmer Demandeur fir en Zukunftsdësch, datt se elo erëm domadder zrëckkommen -, datt mer déi Diskussioun sollen heibanne féieren an déi dote Froe mussen doranner lafen.

An ech géif och mengen, wann hei vun enger Steierreform geschwat gëtt, da muss mer, mengen ech och, vun der Regierung déi Dokumentatiounen doriwwer kréien, wou d'Steieren effektiv hierkommen. Well, wann 1,5 Milliarde Kierperschaftssteuer erauskënnt, da muss mer wëssen: Wat kënnt direkt vun der Finanzplaz, aus deene verschiddene Steieren, déi de Finanzsecteur bezilt? Wat kënnt aus de Rulingen a wat kënnt aus der Industrie, wat kënnt aus dem Commerce, wat kënnt aus dem Handwerk aus all deenen eenzelne Secteuren? Fir datt een emol wierklech kann eng Analys maachen, wou d'Steieren hierkommen, a firwat se hierkomme respektiv firwat se net do hierkommen, ier een, mengen ech, kann higoen, fir eben do eng Décisioun kënnen ze huelen.

Och muss mer an där Dëngen d'Diskussioun féieren, an ech wëll elo driwwer ewechgoen, fir datt meng Zäit mer net ze vill fortleeft, wat d'Croissance mat sech bréngt, wat fir eng Betriber mer en Intérêt hunn, fir se ze huelen, wat se vu Steiere bezuelen oder net bezuelen, respektiv wat fir eng Aarbechtsplazen, déi mer schafen, wat eng Aarbechtsplaz iwwerhaupt de Stat kascht - dat misst d'Regierung eis emol ausrechnen -, eng Aarbechtsplaz, déi mer hei schafen.

Wat geet un d'Kannergeld, d'Pensiounscotisatiounen, d'Pensiounskeess, d'Krankekeess, d'Fleegeversécherung an esou virun? Spéiderhi muss mer och nach Chômage vläicht fir déi Leit bezuelen. Wann et Frontaliere sinn, déi entlooss ginn, muss mer neiderdëngs och um Chômage participéieren, un Infrastrukturen, déi

mer muss maachen. Datt een am Fong seet: Wéini fänkt eng Plaz un, rentabel ze ginn, a wéini fänkt se net un, rentabel ze gi fir de Stat?

Well mir muss jo awer bedenken, datt mat deem Wuesstum, dee mer an deene leschte Joren..., an och dës Joer hu mer erëm relativ héich Zuele vun iwwer 8.000 netto Aarbechtsplazen, déi mer gréisstendeels jo mat Frontaliere besetzen, da muss mer, ënnert dem Stréch, och d'Rechnung maachen: Ass dat national ekonomesch fir eis als Land ee Virdeel oder net? Ech kann d'Antwort net ginn. Mä ech mengen, mir müssen eis déi Antwort sichen. Mir müssen dat berechnen.

Wa mer also d'Analys vun de Statsfinanzen maachen, Här President, da wëll ech kloer hei soen, datt mir als ADR, mir hunn déi Analys do haut net fir d'Éischt gemaach, mä datt mir scho während Joren op déi doten Entwécklung hiweisen. Also, mir deele ganz kloer d'Analys, datt d'Finanzsituatioun vum Stat net gutt ass, datt se an deenen nächste Joren net méi einfach gëtt, fir net ze soen, datt se nach méi schlecht gëtt, an datt mer dofir muss politesch agéieren, fir de Statsbudget an den Equiliber ze kréien a fir deenen nächste Generatiounen net déi Hypothéiken opzedroen, déi mer géife maachen, wa mer net géife reagéieren.

D'Differenze leien also net an der Analys vun der Finanzsituatioun, mä d'Differenze leien zum Deel an de Reaktiounen, an de Propositionen, déi d'Regierung géif maachen, déi mir géife gutt fannen oder net géife gutt fannen a wou mir géifen aner Signaler setzen.

Ech wëll e puer Punkten eraushuelen. Als e falscht Signal setze (veuillez lire: gesinn) mer zu deem Zäitpunkt de Fonds souverain, dee gesat (veuillez lire: geschafe) gëtt. Ech mengen, datt mer eppes wëlle fir déi kommend Generatiounen maachen, d'accord, wa mer dat zur Zäit gemaach hätten, wéi de Stat Milliarden Iwwerschëss hat u Frangen, du hätte mer et sollte maachen. Du hätte mer et souguer misse maachen! A mir hätten net, wéi mer et déi Zäit gemaach hunn heibannen, dann eng Motioun stëmmen, wou mer gesot hunn: „Ma da kritt dee Fong 100 Milliounen an dee kritt 100 Milliounen.“ An d'Sue sinn awer an d'Trésorerie eragaangen, a mer hu se ausginn.

An ech war frou - ech hunn dat ëmmer hei gesot, datt an de Fongen dat Geld net méi do ass -, datt de Kolleg Bodry dat de Mëtteg och elo hei emol confirméiert huet, datt mer keng Sue méi hunn. Mir hunn awer nach ëmmer an eisen Dokumenter, wat d'Fongen ubelaangt, 1,2 Milliarde stoen.

Mä wann den Här Finanzminister, Här President, eis misst déi 1,2 Milliarde weisen, da wier e schlecht drun, well se sinn net do! An ech mengen, och do hätt ee missen éierlech sinn. Mir hunn ëmmer um Pabeier eng Note gemaach, elo huet dee Fong erëm weider, mä déi Sue sinn net op e Fong gesat ginn. Dee Fong, deen hei soll geschafe ginn, huet zumindest de Mérite, datt dat e Fong ass, deen d'Suen aus dem Circuit eraushëlt, soudatt kee se méi kann ausginn! Mä fréier hu mer se net aus dem Circuit erausgeholl, mir hu se am Dëppe gelooss a mir hu just um Pabeier opgeschriwwen. Dat war e Feeler, dee mer sengerzäit gemaach hunn!

Mä haut e Fong ze maachen, wou kee Geld do ass, wou mer d'Sue muss léine goen, datt ass natierlech e falsche Wee. A fir dann ze soen, et wier fir déi kommend Generatiounen, dat ass nach méi falsch!

Well, wa mir higin a mir leeën all Joers 50 Milliounen an e Fong a mir soen dann zu deenen an 20 Joer: „Gesitt Der, elo hutt Der eng Milliard.“, jo, dann hu mer hinnen eng Milliard Schold dohinner geluecht. Se hu wuel eng Milliard, mä et ass eng Milliard Schold, fir déi mer schon 20 Joer virdru progressiv all Joers Zënse bezuelt hunn an déi si awer mussen no 20 Joer zrëckbezuelen. Dat heescht an anere Wieder, wa se gären an 20 Joer eng Milliard hätten, hätte se besser, se géifen dann eng léine goen, wéi datt mir elo schon 20 Joer virdru Zësen bezuelen a si mussen déi Milliard awer herno zrëckbezuelen!

Et ass also, mengen ech, eng Iddi, vun där ech och géif mengen, datt se net aus dem Finanzministère géif kommen. Well ech dovun ausginn, datt do awer Leit drasetzen, inklusiv dem Minister, déi eppes vu Finanzen kennen, an ech mer net ka virstellen, datt déi esou eng Iddi lancéieren. Ech géif éischer mengen, datt de Finanzminister hei en Affer vun de Koalitionsverhandlungen ginn ass, wou en zum Schän he muss eng Iddi mat verkafen, déi ënnert dem Strich finanzpolitesch awer negativ ass. An duerfir huet och d'Cour des Comptes an hirem Avis geschriwwen: «La création d'un tel instrument serait un non-sens.» An net méi an net manner ass et och!

Een anere Punkt, wou eiser Meenung no kéint Geld gespuert ginn, dat ass den Tram. Ech



brauch do net méi weider drop anzegoen, well ech mengen, den Tram ass en iwwerflësseg, deieren Objet, dee mer eis kéinte spueren an deen de Problem net wäert léisen.

Mä och an deem Zukunftspak, deen een och kann anescht nennen, et kann een en och Moggelapak nennen oder Ofzockpak oder lénksideo-logesche Pak, egal, et kann een en nennen, wéi ee wëllt, d'Hauptsach ass, et ass e Pak. An duerfir géif ech mengen, d'Regierung hat an hirer Regierungserklärung geschriwwen, datt se d'Konsolidatioun vun de Statsfinanzen d'abord, éischstens, op der Dépensésäit an, zweetens, op der Recettésäit géif kucken, fir do d'Croissance unzekuerbelen.

Elo wësse mer awer alleguer, datt op der Croissance vum eiser Économie, déi geet erof. An d'Dépensésäit, ech wëll net méi elo dorobber agoen op all déi vill Punkten, de Kolleeg Claude Wiseler huet der de Mëtteg hei eng ganz Partie opgezielt, déi an deem Pak do dra sinn, déi net a Kraaft trienden oder wat an der Realitéit keng Erspuernisser sinn, mä wou et souguer heiansdo e bësse lachhaft ass, datt se als Spuermoosnamen opgefouert si ginn.

Datt mer keng Croissance hunn, net esou staark hunn, wéi et programméiert ass, an dann duerfir dat, wat op der Regierungssäit steet, datt d'Recettésäit géif iwwer eng Croissance versicht ginn ze verbesseren, dat trëtt jo net mat där Entwécklung vun eiser Économie a Kraaft.

Mä wat mécht d'Regierung? Si huet a priori d'Recettésäit iwwert de Wee vun de Steiere gemaach, an dat iwwer eng Rei vu Steieren. Dat ass net nëmmen, datt mer eng TVA-Erhéijung hunn, déi soll 250 Milliounen erabréngen, mä och déi 0,5% Steuer bréngt 119 Milliounen eran. Den neie Chiffer, mengen ech, ass e bësse manner. Mä d'Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun bréngt och 100 Milliounen eran. Déi dräi Steieren zesummen, déi bréngen dem Stat am Fong 450 Milliounen d'nächst Joer weider an d'Keess. Ech mengen, dat däréif een net vergiessen. An déi gi gréisstendeels vun de physische Persounen gedroen.

A wa mer dann hei schwätze virdru vun der Aarmut, déi hei am Land ass, datt déi eng relativ staark Progressioun an deene leschte Joren huet, dann treffe mer jo déi Leit a priori och domadder, well TVA-Erhéijung mussen och déi kleng Leit bezuelen, déi all Dag mussen an de Buttek goen, fir eppes fir ze liewen ze hunn. Also d'Kafkraaft vun de Leit geet och duerch déi Moosnamen do ëm 450 Milliounen d'nächst Joer erof an domadder treffe mer och déi Leit mat klengen a bescheidene Revenuen.

An dat ass net weéneeg, well do derbäi komme jo och nach déi Taxen, déi souwuel beim Stat punktuell agefouert gi sinn an d'Konsequenzen op d'Gemengen, déi jo dann och wäerten d'Taxen erhéien, Waasser, Offall, et si jo hei verschidden Iddie lancéiert ginn. Et gëtt vun der Grondsteiererhéijung geschwat. Mä dat ass och erëm eng Steiererhéijung.

A wien treëft et erëm? Ma et treëft erëm déi Leit, déi an de Wunnenge sinn an déi loune ginn, déi mussen och erëm do weider bezuelen. Dat heescht, et gëtt alles op de physische Persounen, op de Leit ofgewéckelt.

An da verstinn ech net, datt den Här Bodry heihinner kënnt - wou awer seng Partei ëmmer vun der Verméigenssteuer, vun der Räichesteier schwätzt a vun neien Tabellen, déi mer missten an der Steiertabell uewendriwwer setzen, Spätzesteiersaz -, mä dat Eischt, wat Der maacht, Dir Kollege Sozialisten, Dir gitt elo emol bei déi kleng Leit d'Steiererhéijung maachen a massiv. An ob Är Steiererhéijung eng Kéier kënnt a wéi Der Are Mëttelstandsbockel ofschaaft, dat ass nach alles ze gesinn.

Den Här Berger huet geschwat, oh, dat wier eng Pizza, déi d'Leit sech net méi kéinte leeschten. Ech mengen, den Här Berger weess net esou genau, wéi vill dann eng Pizza kascht, oder den Här Berger keeft keng Pizza vun zéng Euro. Well dat doten ass dann awer schonn eng Pizza, déi ee kann an engem ganz luxuriéise Restaurant kafen, déi eng Famill e puer Honnert Euro kascht! An duerfir kann een net heihinner goen, de Leit 450 Milliounen, ouni all déi aner Erhéijungen, dat ass méi wéi eng Pizza, déi d'Leit d'nächst Joer mussen weider bezuelen.

Duerfir soll eis Regierung elo net esou maachen, wéi wa se géif eng Steuerreform... Dat hei ass eng grouss Steuerreform, déi hei gemaach gëtt. 450 Milliounen d'Joer méi Steiere bezuelen, an da soen: „D'Steuerreform maache mer eng aner Kéier.“ Dat hei ass eng Steuerreform fir déi physische Persounen. Déi ginn hei zur Keess gelooss, wéi se nach ni bei engem Budget an enger Kéier zur Keess gelooss gi sinn. Dës Kéier ass dat mat deem Programm hei geschitt.

An, Här President, et ass nach net fäerdeg, well déi Regierung hei hat jo 500 Propositionen an

hire Ministère gemaach kritt a se huet der 258 zrëckbehalen. Domadder huet se awer net gesot, se géif déi 250 aner net applizéieren. An et ass jo de Mëtteg vu verschiddene Virriedner hei ugedéit ginn, datt ee muss kucken, do kënnt nach vläicht dat eent oder dat anert no.

An et huet eng Kéier ee vun der Regierung gesot: „Mir hunn elo déi 250 einfachst geholl, déi grausam hu mer net geholl.“ Dat heescht, déi wäerten nach nokommen an deenen nächste Joren. An duerfir muss een hei gespaant sinn, wat dës Regierung mécht.

Op jidde Fall, hei ass et kloer, hei gëtt op d'Mass vun de Leit, op déi kleng Leit, op déi physisch Persounen gëtt déi ganz Politik ofgewälzt an all dat anert si schéi Sonndesrieden, déi do gehale ginn, virun allem bei de sozialistesche Kolleegen, déi no bausse maachen, wéi wa se géifen un déi Déck goen, un déi Räich goen. An a Wierklechkeet gi se hei un d'Normalbirger an un déi kleng Leit.

Här President, den Här Finanzminister huet gëschter oder vill méi de Moien hei gesot, ech mengen, zum Schluss vu senger Interventioun: „Mir wollt méi Gerechtegkeet, mir wollt méi Dialog a mir wollt méi eng responsabel Politik maachen.“ Dir wollt. Dat stëmmt. Mä Dir hutt et net gemaach!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Une voix.** - Hie war scho besser.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Gibéryen. Leschte Riedner fir den Owend ass den Här Justin Turpel fir déi Lénk. Här Turpel!

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu gëschter schonn op enger anerer Plaz gesot, datt de Rapporteur Franz Fayot eng ganz Rei Elementer a Virschléi a senger Ried zum Budget, a sengem Rapport agebaut huet vu lénker a sozialistescher Politik, déi weder am Budget nach am Regierungsprogramm virgesi sinn.

Och wann hien d'Grondausrichtung vun der Spuerpolitik vun der Regierung net a Fro stellt, esou weisen déi Elementer a Virschléi, déi hien an och aner Sozialisten an der LSAP (veuillez lire: gemaach hunn), drop hin, datt si mat der Regierung an hirer Politik net ganz zefridde sinn, respektiv datt se bei deenen nächste Wahlen net nach méi bezuole wëlle fir eng salaritätsfeindlech Politik vun enger Regierung, fir déi si mat verantwortlech sinn.

(*Brouhaha général*)

► **Une voix.** - Wou kommt Der dorobber?

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Gitt an d'Belsch.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Wat ass dann do?

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Fifty-fifty ass do. Austeritéit.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Déi Virschléi an Elementer, op déi ech nach am Detail wäert zrëckkommen, sinn en Ausdruck vun der Kritik an der Onzefriddenheet vun de Gewerkschaften, Konsumenteschutzorganisatiounen an aneren Organisatiounen an der ziviler Gesellschaft zu Lëtzebuerg - net nëmmen an der Belsch - mat enger Budgetpolitik am Interessi vun deene Räichen, op d'Käschte vun der Majoritéit vun de Bierger a Stéit.

Mä dee Spagat, engersäits d'accord ze si mat der Wirtschafts- a Finanzpolitik vun der Regierung, andersäits awer net d'accord ze si mat der weiderer Emverdeelung vun ënnen no uewen, ass onméiglech! Fréier oder spéider muss ee sech decidéieren, wou den Zuch soll hifueren: Emmer méi Rächtum fir déi Räich oder eng wierklech sozial Gerechtegkeet?

Et ass, wéi wann een an engem Zuch géif sëtzen, deen an déi falsch Richtung fiert, wou et kee Sënn huet, fir hin an hier ze lafen an an dee leschte Wagon ze rennen, an der Meinung, elo géif et an eng aner Richtung goen. Neen, dat ännert guer näischt, datt den Zuch an déi falsch Richtung geet.

De Rapporteur Franz Fayot freet: Wéi ee Wirtschaftsmodeill wëlle mir muer?, wat eng wichteg Fro ass. Hie stellt domadder d'Fro no der Wirtschafts-, Finanz- a Sozialpolitik, déi mir zu Lëtzebuerg wëllen. Zur Wirtschaftspolitik seet hien: Lëtzebuerg huet ëmmer duerch eng Nischepolitik gelieft. An hie gëtt als Beispill d'Stolindustrie.

D'Stolindustrie ass eiser Meinung no keng Nischepolitik. Den Opbau, den Ausbau vun der Stolindustrie hat ëmmer Substanz. Eisenäerz, Héichiewen, Walzstroossen, weiderveraarbechtend Industrie haten ëmmer eng Substanz zu Lëtzebuerg. Gradesou wéi de Schweess vun de Leit, déi an deene Betriber geschafft hunn, gelidden hunn an och dacks do leie bliwwen sinn. Dat ass keng Nischepolitik.

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Här President!

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Wann dat Nischepolitik ass, jo, déi wëlle mer! An déi ass net verwerflech. Aner Nische schonn, wéi eng Rei Steiernischen a Rulingen.

Ech wëll dozou zrëckgräfen op...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Entschëllegt, Här Turpel, erlaabt Der, dass de Rapporteur, den Här Franz Fayot, lech eng Fro stellt?

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Jo, gären.

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Däerf ech eppes soen? D'Stolindustrie ass an deem Sënn eng Nischepolitik gewiescht, well am 19. Jorhonnert d'Land decidéiert huet, d'Verschaffe vum Eisenäerz, dass et just zu Lëtzebuerg kéint gemaach ginn. An deem Sënn ass et eng Niche de souveraineté. Et ass dohier, wou d'Stärkt vun eiser Stolindustrie kënnt.

Ech hunn ni gesot, dass Nische keng Substanz hätten. Mir hunn ëmmer et fäerdegbruecht, op deenen Nischen e Savoir-faire opzebauen an och eng richtig Industrie. Dat war de Fall mat der Stolindustrie. Dat ass och de Fall mat enger Rei aneren Nischen. SES ass och eng Nisch. D'Bourse ass eng Nisch. Dat huet och Substanz. Mir hunn eng ganz Rei Nische mat ganz vill Substanz, mä wat à l'origine eng Niche de souveraineté war. Dat ass alles, wat ech gesot hunn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - D'Stolindustrie zu Lëtzebuerg huet baséiert op engem Know-how an och op Recherche. D'Thomas-miel, wat e Produit dovunner war, ass entstanen duerch den Know-how an duerch d'Wëssen...

(*Interruption*)

...duerch d'Wëssen, datt een de Kallek aus dem Äerz nëmmen erauskritt mat Phosphor, an de Phosphor aus dem Äerz nëmmen erauskritt mat dem Kallek, deen dann och benotzt ginn ass fir d'Landwirtschaft. An dat hat alles Substanz.

Wat ech wëll soen, ass, datt mer net eng Verwieslung solle maache vun Nischen, esou wéi mir haut schwätze vun Nischen, wat Steirnische sinn, déi keng Substanz hunn. An ech wiere mech dergéint, datt een Ist-gleich-Zeichen gesat gëtt tëschent deenen Nischen, déi wierklech eppes ze dinn hu mat Know-how, an deenen Nischen, wou iwwerhaupt näischt hannendrusteet, ausser datt ee vun deem anere profitéiert.

A wat dat heescht, dat weist sech ganz gutt an engem Communiqué de presse, deen d'Union vum Finanzpersonal an Europa erausginn huet, wat déi aner Nischen heeschen. Net déi, déi mer positiv beuerteelen, wa mer déi iwwerhaupt wëllen „Nischen“ nennen. Fir mech sinn dat keng Nischen. Dat si wirtschaftlech Aktivitéiten, déi duerchweegs hir Daseinsberechtigung hunn.

Mä déi aner Nischen, wéi Ruling a Steieroptimierung vun engem Land op d'Käschte vun deem aneren, do seet d'Union vun de Finanzbeamten an Europa: «L'UFE se doit de rappeler que chaque „ruling“ accordé dans un pays provoque un manque à gagner d'impôts dans un autre pays. Le vrai problème est le fait qu'il ne s'agit pas de millions, mais de milliards d'impôts manquant dans les budgets des États concernés.» Déi Staten, déi esou eng Nischepolitik maachen, klauen anere Staten déi Suen, déi all Stat brauch, fir kënnen ze investéieren a fir kënnen eng korrekt Politik ze maachen. «La conséquence en est qu'en fin de compte tous les États sont obligés de mener une politique d'austérité avec toutes les conséquences sur la croissance, le chômage et les budgets sociaux.»

Dat sot net ech elo. Dat seet d'Union vun dem Finanzpersonal aus Europa, där hire Vizepräsident de President ass vum Finanzpersonal vun der Steiervverwaltung zu Lëtzebuerg. An ech mengen, dat ass de Fong vun der Fro, wou een den Ennerscheid muss maachen tëschent där enger Politik mat Substanz an där reeller Nischepolitik, déi dorobber baséiert, datt een deem aneren eppes eweckklaut.

An do brauche mir eis och keng Moralpriedegt halen ze loosse vun der ADR. Dat ass deemools scho gesot ginn, wéi mer gesot hunn, d'Steiergeheimnis, wou zu Lëtzebuerg reell Leit Steierflucht gemaach hunn, Kapitalflucht gemaach hunn aus anere Länner, wier net korrekt. An et ass ëmmer gesot ginn: Dat muss ee bäibehalen, dat ass net ofzeschaffen. Haut ass et ofgeschafft! Der ADR hir Moral an där Hisiicht ass sécherlech eng aner wéi eis.

An dobäi muss ee sech d'Fro stellen, an ech kommen op déi zrëck: Wéi vill profitéiert eigentlech wierklech nach Lëtzebuerg vun där Politik do, déi aner Länner vill Sue kascht? An ech muss drun erënneren, datt an Europa eng Milliard Euro, pardon, 1.000 Milliarden Euro, eng Billion verluer geet all Joers duerch déi Dote Politik deene souveräne Staten, déi déi Sue brauchen. Mä ech kommen nach op d'Rulingen zrëck.

Stol a realwirtschaftlech Aktivitéiten, wa mer eis dann doriwwer kënnen eens sinn, brénge Rächtum. Steirnische loosse Rächtum verschwannen. Dat heescht net, datt mir kee Finanzsektor zu Lëtzebuerg kënnen hunn oder brächten ze hunn. An de Chiffer vu 25% vun de Recetten iwwert de Finanzsektor stëmmt.

Mä et kann een awer och net soen, datt dee ganze Finanzsektor, datt deen op Steirnische baséiert! Mir hunn och am Finanzsektor e groussen Deel, deen eng reell Substanz huet an deen eng reell Aktivitéit huet an net iwwer esou eng Nischepolitik fonctionnéiert. Mä niift dem Finanzsektor - an do läit vläicht d'Drénglechkeet dran an eiser Diskussioun, an ech hoffen, datt mer eis doriwwer vläicht och mam Här Rapporteur eens sinn - brauche mir eng Wirtschaftspolitik, déi diversifizéiert ass an déi Substanz huet. An dorobber mussen mer baue vun elo un.

An ech wëll e puer Beispiller ugin. Éischt Beispill ass d'Klimapolitik. D'Klimapolitik grad no Lima, wou all Stat soll deemnächst festleeën, wat seng Ziler sinn am Ofbau vun dem CO₂. Mir brauchen dréngend en Aktionsplang, fir de Klimaverännerungen entgéintzewierken. An ech stelle mer d'Fro, ob mer net amgaang sinn, Zäit ze verléieren, zum Beispill an där Sous-commission, déi mer gemaach hu grad zu deem doten Zweck.

Ech hat viru sechs Méint proposéiert, en Heering ze maachen an där Chamber hei, wou mer eis géife mat den ONGen, mat der ziviller Gesellschaft auserneesetzen doriwwer, wéi eng Moosname mer kéinten ergräfen, fir eise Klimaziler méi no ze kommen a fir e wesentleche Bäitrag ze leeschten.

Deemools ass vun der Majoritéit decidéiert ginn, fir en Aarbechtsgrupp anzusetzen, dee bis elo op der Plaz...

(*Interruption*)

...dee bis elo op der Plaz trëppelt. Leider! Ech fäerten, datt d'Zäit eis immens enk gëtt, fir relativ schnell ambitiéis Ziler dohinnerzesetzen. An ech wëll net héieren herno, mir hätten eis missen op déi Ziler, déi d'Regierung vu vira festgeluecht hat, beschränken, well keng Zäit gewiescht wier, fir am Fong geholl d'Saach am Fong ze analyséieren!

Wat d'Energiepolitik ugeet. Erneierbar Energien, energetesch Sanéierung, wou een - an ech mengen, doriwwer si mer eis och eens mat deene Gréngen; et misst just eppes geschéien -, wou ee ganz vill Aarbechtsplaze kéint schaffen, d'Handwerk ganz vill Aktivitéite kéint fannen, Mëttel- a Klengbetriber kéinte schaffen.

Mir hate proposéiert, fir eis ze orientéieren un deem, wat d'Regioun Tréier mécht. An der Regioun Tréier sinn 30% vun hirer Energie erneierbar Energien. Mir si bei Peanuts vun deenen! Firwat brauche mir esou laang, fir eis mat engem Beräich, deen ähnlech strukturéiert ass wéi Lëtzebuerg, zesummesetzen an, wéi dat ëmmer esou schéin heescht, Best Practices ze kucken a schnell lasszefueren, wéi een och zu Lëtzebuerg mat erneierbaren Energie wesentlech méi schnell weiderkéim, wéi dat de Moment de Fall ass?

Mir brächten Investitiounen am Beräich vun der Ëmwelt, an der Oprechterhaltung an an der Erëmhierstellung vun der Biodiversitéit. Mir brächten Investitiounen am Besuerg vun der Ernährung, vun der Landwirtschaft. Eng Landwirtschaft, déi ouni Vergëftung vu Buedem, Grundwaasser a Flëss funktionéiere kann. Well d'Landwirtschaft brauch eng Zukunft! Och do gëtt et vill Aarbechtsplazen an och do gëtt et grouss Besoinen. An och dat kënnen mer zu Lëtzebuerg maachen, wa mer et gemeinsam upaken.

Een anere Beräich, wou et dréngend ass, datt mer investéieren, dat ass de Wunnengsbau. De Wunnengsbau ass eng Katastroph! Jiddweree weess et, jiddweree seet et an der Zwëschenzäit. Mä et geet net drier, fir dat feststellen. Zu Lëtzebuerg feelen all Joers 5.000 Wunnengen, déi mer brächten, fir de Besoinen nozekommen. Wa mer de Retard kucken, dee mer hunn, misste mer an deenen nächsten zéng Joer, an déi Chiffere si kloer, all Joers 8.000 Wunnengen, nei Wunnenge bauen, fir nëmmen annähernd bäizekommen. Dat sinn op zéng Joer 80.000 zousätzlech Wunnengen.

An ech sinn iwwerzeegt, datt de Privatsektor, am Géigesaz zu deem, wat d'DP nach ëmmer mengt, dat net wäert stämmen. Mir brauchen d'Hëllef vun der ëffentlecher Hand. Mir brauche Sue vun der ëffentlecher Hand. Mir brauchen Initiative vun der ëffentlecher Hand, fir selwer inklusiv mat Wunnengsbaugesellschaften dozou bäizedroen, datt déi Wunnen-



gen do gebaut ginn. Och do geet et ëm vill Aarbechtsplazen, och do geet et ëm Formationen, och do geet et ëm Beschäftigung an et geet a leschter Instanz dodrëm, datt mer zu Lëtzebuerg de Leit, déi wunne wëllen, déi Wunnengen zur Verfügung stellen, déi se kënnen fir en abordable Präis kréien.

Positiv ass och, datt de Franz Fayot virgeschloen huet, déi laangjäreg Forderung vun déi Lénk opzegräifen, fir op de Fonds de compensation, also dat heescht de Pensionsfond, zréckzegräifen, fir am Wunnengsbau aktiv ze sinn. Ech géif et ganz wichteg fannen, wann endlech effektiv an déi Richtung eppes géif geschéien. Do si vill Suen, déi besser placéiert sinn am Wunnengsbau zu Lëtzebuerg, sief et duerch Prëten, sief et duerch Wunnengsbau-gesellschaften an öffentlecher Hand, wéi wann déi um Finanzmarkt an der Welt zirkuléieren.

Fir déi Investitiounen an der Wirtschaft, déi mer brauchen, fir se ze diversifizéieren... Iwwregens gehéiert zur Diversifikatioun vun der Wirtschaft och eng Diversifikatioun am Raum. Et ass och falsch, fir alles op Lëtzebuerg ze konzentréieren an net eng wirtschaftlech Diversifikatioun ze maachen an der Groussregioun, wou dann all d'Leit mussen op Lëtzebuerg schaffe kommen. Och do misst ee vill méi kooperativ an interaktiv mat deenen anere Länner zesummeschaffen.

Fir déi Investitiounen do ze garantéieren, gött et zwou Viraussetzungen. Déi éischt Viraussetzung ass déi, datt de Méiwäert, deen an de Betriber geschafte gött, muss reinvestéiert ginn. Dat ass awer leider ëmmer manner de Fall. De Reinvest ass net garantéiert, stëmmt an engem ëmmer manner grouse Mooss. An dat ass jo och net nëmmen ee Problem zu Lëtzebuerg, et ass ee Problem an der ganzer EU.

Dat ass jo eng vun den Ursachen, firwat datt d'Kommissioun ënnert dem Jean-Claude Juncker higaangen ass, een Investitiounsplang gemaach huet, wou se soen: Mir mussen e Minimum vun öffentleche Mëttelen deblockéieren, fir mat engem Multiplikationsfacteur, mat engem Hiewel, fir dann do Privatsecteuren dozou ze bewegen, fir erëm ze investéieren. Mä et ass eng Drëps op de waarme Steen, wat do proposéiert gött, vis-à-vis vun deene Suen, déi et gött, déi zirkuléieren an déi net méi an d'Betriber investéiert ginn.

Leider ass et awer esou, datt déi Sue reinvestéiert ginn a Spekulation, wat een anere Problem opwerft, deen ech just um Rand hei wëll betruechten, mä deen iergendwann, vläicht méi schnell, vläicht manner schnell, zu engem grouse Problem gött, nämlech wann déi Blos, déi do opgebaut gött an der Spekulation, wann déi wäert platzen a wann et wäert kraachen an d'Stéit an d'Salariat forcéiert ginn, d'Käschten erëm eng Kéier aus dem Feier ze huelen.

Wéi gesot, déi éischt Viraussetzung ass déi, datt deen an de Betriber geschafene Méiwäert reinvestéiert gött. An déi zweet Viraussetzung ass déi, datt de Staat ee gerechten Undeel un de Benefisser kritt, fir Investitiounen an Infrastrukturen, an öffentlech Bedierfnesser kënnen ze maachen.

Zur Finanzpolitik: De Finanzminister gött net midd, ze soen, wéi wichteg den Triple-A fir Lëtzebuerg ass. De Franz Fayot sot, d'Kritäre vun Europäesche Semester a vum Stabilitéitspakt wieren ze streng. Mir wëssen, datt déi Kritäre vun Triple-A vu Ratingagence wéi Standard & Poor's opgestallt ginn, déi a Griichenland, Portugal, Spuenien Milliounen vu Leit an d'Aarmut driwen. Déi Ratingagence sinn net onofhängeg, mä se schaffen am Intérêt vun de grouse Finanzgesellschaften. Et brauch een nëmmen d'Zesummesetzung vun hire Verwaltungsreit ze kucken.

Et sinn déiselwecht Ratingagenturen, déi Lehman Brothers nach kuerz virun der Faillite eng gutt Bonitéit ginn hunn, eng Faillite, déi den Ufank war vun där gréisster Finanzkris, déi mer kannt hunn, ouni datt iergendeng Ratingagentur dat virausgesi gehat hätt. Eng Lehman Brothers, déi e puer Méint virun der folgeschwéierer Faillite zu Lëtzebuerg Rulinge gemaach huet. Ouni datt ech elo hei wëll drop agoen, wéi eng Étuden a Consultants zu Lëtzebuerg un deene Montagë bedeelegt waren, mä interessant ass et schonn.

Ech wëll dem Här Fayot soen, datt et beim Europäesche Semester an dem Wuesstums- a Stabilitéitspakt net nëmmen Excèsse gött, mä et ass d'Logik dovunner, déi eis Gesellschaften wäert ruinéieren.

De Franz Fayot, an och dat ass ze begreifen, huet och drop higewisen, datt mer eigentlech keng strukturell Schold hätten, wann een d'Avouiren an d'Scholden matenee korrekt géif

oprechnen. Hie bedauert awer, wéi mir och, datt Bréissel dat net considéiert an anescht rechent. Ob een et beim Bedauere soll loossen, doriwwer sollt een eng Kéier méi seriö diskutéieren.

Wat d'Sozialpolitik ugeet, kréie mer gesot, ouni Wuesstum, ouni Gewënner wier keng Sozialpolitik méiglech. An de Franz Fayot huet selwer op d'Wichtigkeit vun de Sozialtransferten zu Lëtzebuerg higewisen, doduerjer, wéi e gesot huet, datt mer duerch Sozialtransferten d'Leit, d'Zuel vun de Leit, déi un der Armutsgrenz leien, vu 45% op 16% erof géife setzen. Wëssend, an dat wësse mer alleguerten, datt den Armutsrisiko awer trotzdeem zouhëlt, also net ka gespuert ginn dorobber, well mer soss nach méi grouss Problemer do kréien.

Mä d'Gläichung „Gewënner ass gläich Sozialpolitik“ ass falsch. Ech hunn et schonn eng Kéier gesot. Ech wëll et nach eng Kéier soen. De Keynes huet schonn 1930 gemengt, datt d'Produktivitéit an honnert Joer géif erlaben, datt jiddweree just nach 15 Stonnen d'Woch misst schaffen. Mä de Keynes huet sech geiert! En huet sech dowéinst geiert, well de Räichum sech net automatesch verdeelt op jiddwereen. D'Naturgesetzter vum Kapital oder, wéi de Marx sot, d'Gesetz vun der kapitaler Cumulation ass méi staark, wéi de Wonsch, datt dat sech gerecht verdeelt, soudatt ëmmer manner vu Benefisser an d'Sozialpolitik fléissen.

D'Resultat ass dat, wat Der kënnt noliese beim Thomas Piketty an aneren Etüden, déi och hei zitéiert gi sinn. Ännerungen un där Situatioun, datt effektiv d'Benefisser net méi kënnen genotzt ginn, fir eng korrekt Ëmverdeelung ze maachen, ergi sech nëmmen dann, wann d'Politik erëm d'Primat iwwert d'Wirtschaft iwwerhëlt. De Serge wäert muer méi op déi Debatt do agoen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Turpel, ech hunn nach eng Kéier den Här Fayot, wann Der géift erlaben.

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*), *rapporteur*.- Ech wollt dem Här Turpel just soen, well en huet dat do schonn, en ass schonn eng Kéier mam Thomas Piketty komm. Den Thomas Piketty, Här Turpel, ass e Sozialdemokrat.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Jo.

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*), *rapporteur*.- Et ass kee Kommunist. Et ass keen... Mä wat Dir elo amgang sidd, hei ze soen, dat geet an d'Richtung vun engem einfachen, pure Kommunismus, wou een einfach d'Produktivitéit communautariséiert an de Profit verdeelt. Mir sinn an engem..., à moins dass Der eng Systemëmwälzung wëllt, an da musst Der dat soen, si mer net, an den Thomas Piketty ass och net an där Logik.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Den Thomas Piketty, hunn ech gesot, den Thomas Piketty huet keen alternative Wirtschaftssystem virgeschloen. Den Thomas Piketty huet e Constat gemaach iwwert déi zouhuelend Ongläichheeten! An ech mengen, dat ass e Constat, dee gött iwwerall gedeelt! Dee gött iwwerall gedeelt. An et ass net méiglech, fir ze soen, datt dat net géif stëmmen.

Den Thomas Piketty huet souguer eng Formel ugin, mat där e berechent, firwat datt dat esou ass! Well e seet, d'Revenue vum Kapital op Weltebene ginn iwwert d'Wuesstumsraten eraus. D'Rendite ginn iwwert d'Wuesstumsraten, si méi grouss wéi d'Wuesstumsraten. Ob een déi Formel elo deelt, wéi eng Gesellschaftsmodellere ee wëllt, dat ännert guer nëischt un der Feststellung, déi ee muss maachen.

An dat ass sécherlech ee flotten Exercice, dee mer eng Kéier kéinte maachen, wéi eng Konsequenzen datt ee muss zéien, fir kënnen méi eng gerecht Gesellschaft ze maachen. Ass dat eng Systemännerung? Sinn do Saache méiglech duerch eng politesch aner Orientéierung? Doriwwer kënnen mer gären eng Kéier diskutéieren.

Mä ech hunn de Piketty net zitéiert als Kand vu Leit, déi an der LO (veuillez lire: Lutte ouvrière) waren oder als Enkel vu Grousselteren, déi déck Bourgeoisé waren. Ech hunn en zitéiert weinst deem, wat e geschrivven huet.

(*Interruption*)

Jo, dat ass esou, dat ass esou! Ech mengen, liest Är eege Kritiken iwwert de Piketty, do steet dat dran!

Wat d'Steierpolitik ugeet, wëll ech nach eng Kéier erënneren un dat, wat ech hei gesot hunn op dëser Plaz, wéi mer iwwert de Kont 2013 diskutéiert hunn a wat duerno och anerer opgegraff hunn, an ech sinn och frou dodriwwer. Ech gi just zwee Chifferen, mä ech mengen, datt déi zwee Chifferen et awer a sech hunn.

Deen een Chiffer ass deen, datt vun 2000 bis 2013 d'Lounsteier ëm 20% méi zougeholl huet wéi d'Lounmass. Et geet also net duer, fir ze soen, d'Lounsteier ass gestiegen, well d'Lounmass gestiegen ass, wéi dat d'UEL mécht, mä

d'Lounsteier ass ëm 20% méi gestiege wéi d'Lounmass. Dat ass deen ee Chiffer.

An deen anere Chiffer ass deen, datt d'Benefisser ëm 57% méi gestiege sinn, wéi d'Steieren op de Kollektivitéiten. Also just deen ëmgedréite Prozess. 20% méi Lounsteier wéi Lounmass, a 57% méi Benefisser, wéi d'Steiere gewuess sinn.

An dat féiert zu deem Ongläichgewicht, deen hei schonn e puermol opgeworf ginn ass tëschent de Steieren um Kapital an de Steieren op der Aarbecht. Wou mer Ausgang si virun enger gewëssener Zäit vun engem Verhältnis vu 50:50, wou mer an Zwëschenzäit bei 30:70 ukomm sinn a schnurstracks op 25:75 zousteieren. Och dat ass ee Fait, wou jiddweree seng Konsequenze muss doraus zéien. Ech kommen herno nach dorobber zréck.

Ech wëll just soen, datt et Alternative gött. Déi stelle vläicht d'Muecht vun deenen Herrschenden a Fro, fir ze bestëmmen iwwer alles, wou si wëllen.

► **Plusieurs voix**.- Ohh!

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Dat ass vläicht deenen hire Problem, déi hei vu Systemwiessel schwätzen. Mä et brauch een net een anere System, fir déi Muecht a Fro ze stellen a fir Propositionen ze maachen, déi an eng aner Richtung ginn. An d'CSL, där ee jo bestëmmt net ka virwerfen, fir hei kommunistesch Iddien ze verteidigen, huet der eng Rei virbruecht. Ech wëll se opzielen: d'Besteuerung vum Patrimoine, „où le prélèvement aurait été davantage progressif“, fir méi eng progressiv Steuer um Patrimoine.

Aner Pisten, soe se, bon: «adaptation du barème d'imposition des personnes physiques, réintroduction de l'impôt sur la fortune des personnes physiques, réforme de l'impôt foncier ou des droits de succession, imposition plus conséquente des revenus du capital, élargissement de l'assiette d'imposition du revenu des collectivités, et cetera.»

D'Zitat vun deem, wat d'CSL, d'Representation vun de Salariéen zu Lëtzebuerg, seet. An ech sinn der Meenung, datt dat eng demokratéisch gewielten a representativ Delegation ass, déi se iwwert d'Salariéen zu Lëtzebuerg duerstellen.

Wat ech bedauern - wat ech bedauern! -, dat ass, datt den Avis vun der Chambre des Salariés vun iwwer honnert Säiten, mat ganz ville Fakten, mat ganz villen Argumenten a mat Alternativen, datt deen an der Kommissioun emol net diskutéiert ginn ass. Wéi iwwregens déi aner Avisen och net, ausser deem vum Statsrot, wat d'Oppositions formelles ugeet.

Mir hunn eng ganz Rei Institutionen invitéiert, staatlech Institutionen, fir Donnéeën ze ginn iwwert d'Statsfinanzen an d'Situatioun vun der Trésorerie. A menger Meenung no ass et wichteg, datt een déi Avisen, déi mat ganz vill Méi a ganz vill Seriö ausgeschafft gi vun de Beruffskummeren, datt ee sech déi nämlech Zäit hëlt, fir déi an de Kommissiounen ze diskutéieren. An ech begreifen et, datt mindestens de Rapporteur et fäerdegbruecht huet, fir se ze resüméieren a sengem Avis (veuillez lire: Rapport), wat och net ëmmer jiddweree bis elo gemaach huet.

Mä net nëmmen d'Chambre des Salariés, och déi Lénk hu ganz konkret Virschléi gemaach, wéi Alternative kënnen ausgesinn. Ech zielen der einfach emol fënnef op, déi mer virbruecht hunn.

Eng éischt ass déi, fir, wat d'Steierprogressivitéit ugeet, fënnef Tranchen iwwert déi 40%, also iwwert déi 200.000, iwwert déi 100.000 Euro eraus derbäizesetzen. Dat géif, laut Berechnungen vum viregte Finanzminister als Antwort op eng Fro vum André Hoffmann, 500 Milliounen zousätzlech Recetté bréngen.

Mir kënnen d'Exonéatioun vun den Hedgefongen, wa mer déi geifen ofschaffen, géif dat eis 75 Milliounen bréngen.

Wa mer den Abatement op der Halschent vun den Dividenden ofschaffen, géif dat 100 Milliounen bréngen - an datt d'Halschent vun den Dividende steierfräi ass, ass wierklech eppes, wat net méi gerecht ass -, wat kengem vun deene géif weidinn.

Wa mer eleng den Abatement op de Betribs-, op den Dëngschween geifen ofschaffen, op deenen decken Dëngschween, géif dat 100 Milliounen ausmaachen.

Wa mer geifen den Impôt commercial, iwwert dee jo och muss diskutéiert ginn, generell vun 3 op 4%, e war scho méi héich, refixéieren, hätte mer e Plus vun 180 Milliounen. Och wann d'Upassung vun der Steiertabell un den Index eis géif parallel 100 Milliounen kaschten.

An dann, an dann, Dir Dammen an Dir Hären, fannen ech et eng Frechheet, wann ee gesot kritt, et géif ee keng Alternative bidden! D'Regierungsparteien hunn d'lescht Woch ee Communiqué erausginn, wou se gesot hunn, d'CSV

hätt keng Amendementer eraginn an och d'ADR an déi Lénk géife keng Alternativen ubidden.

Mir stinn zu deenen Alternative vun der CSL an och zu deenen, déi mir gesot hunn! Och wann d'CSV se vläicht net deelt an d'ADR, mir stinn do derzou! An ech fannen et wierklech eng Frechheet, fir ze soen, datt keng Alternativen ugebuede gi wieren, well wann een déi Alternativen nämlech wouergeholl hätt, eleng déi, déi d'CSL gesot huet, dann hätt ee sech dee ganze Spuerpak kënnen spueren! Dann hätt dee sech eriwregt.

An dowéinst geet et eis net drëm, fir elo hei Amendementen ze maachen zu eenzelne Mesuren, mä dee ganze Pak gehéiert an d'Poubelle a soll ersat ginn duerch eng seriö Debatt iwwer Alternativen, déi d'CSL lech offréiert huet, déi d'Gewerkschaften lech offréiert hunn, an déi Debatt soll zesumme mat deene Betraffenen diskutéiert a gefouert ginn.

Zum Sozialdialog: De Franz Fayot huet kritiséiert, datt en ze spët komm wier. De Pierre Gramegna huet sech gefreut, „dass e lieft an dass en erëm fonctionnéiert“ - en Zitat. E funktionéiert erëm, ass de Moie gesot ginn.

Ech wëll drop hiweisen, datt ech virun eng ganz Rei, virun enger gewëssener Zäit eng Question parlementaire gemaach hat un de Premierminister, wou ech e gefrot hunn, firwat datt de Sozialdialog net géif funktionéieren, firwat datt d'Gewerkschafte sech missten opreegen, datt en net géif funktionéieren, firwat datt se d'Mesur just virgestallt kritt hunn, déi de Regierungsrat guttgeheescht hat, a firwat datt do wierklech net ee strukturéierte Sozialdialog géif gefouert ginn.

Doropshin huet de Premier mer geäntwert, datt d'Regierung fir de Sozialdialog wier: «... appelle de ses vœux un dialogue franc...», datt d'Regierung «a rencontré les partenaires sociaux pour leur exposer les mesures projetées et le contexte plus global dans lequel ces mesures sont à voir. Ceci dit, et compte tenu de l'urgence qu'il y a et du calendrier qui lui est imparti, le Gouvernement a dû prendre ses responsabilités et initier les mesures qui s'imposent dans l'intérêt du pays.» Am Resümee: Mir hate keng Zäit fir esou eppes.

An et ass eréischt, nodeems d'Gewerkschafte sech mobiliséiert hunn a se eng gréisser Mobilisation nach ugekënnegt hunn a gewisen hunn, datt d'Leit hanner hinne stinn zu Dummeldeng, datt d'Regierung, de Premier deen aneren Dag hinnen ugeruff huet a gesot huet: Kënnen mer eis dann net awer zesummesetzen?

An op déi zweet Fro, déi ech gestallt hat, wéi d'Regierung de Sozialdialog an nächster Zäit wellt strukturéieren - an ech hunn eng ganz Rei Propositionen gemaach -, krut ech iwwerhaupt keng Antwort! Dat heescht, d'Regierung hat entweder keng Zäit, fir sech Gedanken doriwwer ze maachen, oder si hat keng Virstellungen, wéi een de Sozialdialog kéint strukturéieren. A si ass eréischt zu Konklusione komm, wéi d'Gewerkschafte gedrot hunn, fir d'nächst Joer, esou vill Joren, nodeem datt se géint d'CSV/LSAP an der Strooss waren, erëm an der Strooss ze si géint déi nei Regierung.

Ech wëll awer och drop hiweisen, wien de Sozialdialog futtigemaach huet! An den OGB-L seet ganz kloer: „D'CSV an de Juncker hunn de Sozialdialog futtigemaach...“

(*Brouhaha*)

...deen elo erëm ënner hirem Drock ugekuerbelt ginn ass.“

Den Här Berger sot, an dat mécht mech och e bësse béis, ech muss et awer hei soen,...

(*Brouhaha général*)

Jo!

(*Interruptions diverses*)

Den Här Berger sot, hie wier frou, datt d'Gewerkschaften déi 258 Moossname vun Zukunftspak ënnerschrivven hätten. E sot et zweemol um Fernseh an e sot et virun nach eng Kéier hei. An dat ass einfach net richtig! Dat ass net d'Wourecht.

Ech zitieren einfach den André Roeltgen, de President vum OGB-L, wat en um Kongress gesot huet. Zitat: „Den OGB-L huet keen Accord mat der Regierung ënnerschrivven, an deem steet, datt den OGB-L der Regierung hir Usichten iwwert den Zoustand vun den öffentlechen Finanzen deelt. An en huet och net mat der Regierung en Accord ënnerschrivven, deen hir Spuerpolitik vun den 258 Mesurë guttheescht. Datt dat emol kloer ass.“ Zitat eriwier.

Ech hoffen, datt et elo kloer ass, an datt net nach eng Kéier gesot gött, d'Gewerkschaften hätten dat ënnerschrivven, well et ass net richtig.

A wann den Här Gramegna seet de Moien, den Accord ma de Gewerkschafte wier méiglech gewiescht ënner anerem, well mer Finanzspillraum duerch 90 Milliounen an der EU kritt hunn, da stellen ech mir d'Fro: Wa mer déi



Suen net kritt hätten, wier da kee Spillraum do gewiescht? Wier de Sozialdialog dann net méiglech gewiescht oder wier et dann erëm een Dialogue de sourds ginn? Wier da kee Spillraum do gewiescht, fir de Gewerkschaften entgéintzekommen an ee Kompromëss ze maachen? Dat ass trotzdeem eng Fro, déi ee sech muss stellen.

An da gëtt ëmmer gesot: „Mä d’Patronat war net derbäi!“ Mä kommt, mir bleiwen awer mat de Féiss um Buedem! D’Patronat sëtzt mat an der Regierung. D’Patronat souz bei de Koalitionsverhandlungen derbäi...

(Brouhaha)

...an d’ABBL ass dee beschten, an d’ABBL...

(Brouhaha et interruptions diverses)

Mä da verëffentlecht emol Är Zesummesetzung vun Ären Aarbechtsgruppen! D’Patronat souz bei de Koalitionsverhandlungen derbäi! An de Vizepremierminister sot: „D’ABBL ass eisen éischte Conseiller de Gouvernement.“, op enger Versammlung vun der ABBL, déi d’ABBL genotzt huet, fir ze filmen an dorausser e Clip ze maachen, mat deem se sech haut nach brettzt. Also kann een net soen, d’Patronat hätt näischt ze soe gehat.

Dir hutt gesot, an d’Gewerkschaften hunn och gesot, Dir hätt elo een Accord. An dat steet jo och am Accord dra vun deenen 13 Punkten, net vun deenen 258, mä vun deenen 13 Punkten, iwwert déi en Accord getraff ginn ass. Et wier en Accord do mat de Sozialpartner, fir iwwert d’Steierreform ze diskutéieren oder se zesummen auszeschaffen. Ech wëll elo net op d’Wierder do zrëckkommen.

Déi nämlecht Fro stellt sech fir d’Chamber, an ech mengen, mir krute jo och zougesot als Chamber, datt mer effektiv an d’Ausaarbechtung vun der Steuerreform abezu ginn. Ier een dat ka maachen, stelle sech awer dräi wesentlech Froen.

Déi éischt Fro ass déi: Hu mer déi Basisdonnéeën, déi ee brauch, fir ze wëssen, wou mer dru sinn a wéi eng Steuerreform soll ausgesinn? Mindestens de President vun der Pensiounskeess an och den Direkter vum Statec seet: „Mir hunn déi Daten, déi Donnéeën, haapt-sächlech iwwert de Patrimoine, net zur Verfügung.“ Den Direkter vum Statec sot: „Se existéieren zwar, mä et muss ee se emol zesumme-féieren.“

Duerfir meng Fro un d’Regierung: Wéi soll dat geschéien? Ass d’Bereetschaft do, fir mat den Experte vum Terrain effektiv déi Donnéeën iwwert d’Revenuen an de Patrimoine zesummezeféieren? Esou wéi iwwregens och de Franz Fayot dat a sengem Rapport de Moien ervirgestrach huet.

Déi zweet Viraussetzung ass effektiv déi, datt mer emol eng Lëscht hu vun den Nischen. A wann ech Nische soen, da mengen ech déi real Nischen. A Frankräich gëtt et 400 Steiernischen - 400! -, déi si opgelëscht hunn. Dovunner sinn der eng Rei derbäi, wou ee seet: Déi maache Sënn. An der Belsch gëtt all Joer e Relevé mat de Steiernische festgehalten.

Ech hat an der Finanzkommission dorobber higewisen, well jo och de Statsrot dat gesot huet, ech hu geduecht, mir hätten des kéier och esou e Relevé vun den Dépenses fiscales vun de Steiernischen, wéi virdru schonn hei drop higewise ginn ass. Et stellt sech awer eraus, datt dat just déi si vun der Lounsteuer an net vun der Betriebssteuer.

An ech mengen, dat ass eppes, wat souguer d’Zentralbank kritiséiert huet, datt een net kann en connaissance de cause schwätzen a schaffen, wann een net eng komplett Lëscht huet vun all deenen Nischen. A mir hoffen, datt dat deemnächst och zu Lëtzebuerg méiglech ass, net eréischt beim nächste Budget, wann ech gelift, mä elo, fir effektiv esou eng Lëscht ze maache vun de Steiernischen zu Lëtzebuerg.

Wëssend, datt mir net déi Eenzeg sinn, déi Steiernischen hunn, mä dat brauche mer net ze diskutéieren. Déi ganz europäesch Steuerpolitik baséiert dorobber, datt jiddwereen Nische mécht an een deem anere Steieren ofluchst an domadder Recetté klaut.

Drëtt Viraussetzung, fir d’Steierreform kënnen ze maachen, ass déi, datt ee sech muss eens ginn iwwert d’Ausrichtung vun der Steuerreform. An ech mengen, dat ass wahrscheinlech dee schwierigsten Deel. Den Enjeu vun enger Steuerreform misst eigentlech dee sinn, fir d’Rudder erërmzewerfen, fir d’Verdeelung vun der Steuerlaascht tëschent Aarbecht a Kapital, wat an déi total falsch Richtung geet, fir dat erëm op gläich Féiss ze setzen.

Domadder hu mer de Kapitalismus net ofgeschafft, ausser wann d’Kapitaliste mengen, si kéinten dann net méi liewen! Fir déi erëm op gläich Féiss ze stellen, fir och d’Verhältnis vun den direkten an den indirekte Steieren erëm ze

équilibréieren. An ech mengen, datt déi Diskussiouen seriö muss gefouert ginn.

De Franz Fayot huet de Moien effektiv een Einstieg an d’Komplikatioun dovunner geliwwert, wéi e gesot huet, datt hie beanstant, datt d’Aarbecht ze vill belaascht gëtt, ëmmer méi belaascht ginn ass, d’Betriber ëmmer manner, mä datt een déi net kéint méi belaaschten. Esou wäert et net opgoen. A mir musse seriö driwwer diskutéieren, wéi d’Ausrichtung ass, fir datt de Stat an d’Gemengen erëm déi Recetté kréien, fir kënnen esou ze fonctionnéieren, wéi d’Bierger sech dat vun hinne kënnen erwaarden.

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Madame Loschetter, Dir braucht lech keng Suergen ze maachen ëm eis Organisatioun, déi klappt tipptopp.

Ech ginn elo net weider an op déi Zwéckmillchen, an där verschidde Leit do dra sinn, mä ech mengen, et ass eng seriö Debatt, datt mer iwwert d’Ausrichtung vun der Steuerreform eis mussen eens ginn. An datt een do soll och iwwert d’Alternativen an d’Aussoe vun de Gewerkschaften diskutéieren.

Virun allem ass awer nach ee Punkt wichteg bei der Reform. Ech kommen herno bei de Mengen och nach eng kéier dorobber zrëck, wat d’Gemegefinanzen ugeet. Mä bei der Steuerreform läit d’Proposition um Dësch vun der CSV a vun der DP, wann ech dat richtig verstinn, fir d’Reform vun der Betriebssteuer virzezéien, mam But, fir den Taux affiché erofzesetzen.

Ech mengen, datt dat eng ganz geféierlech Operatioun wier, well déi leeft dorobber eraus, datt elo eng Rei Nischen net méi existéieren kënnen, datt den Taux affiché erofgesat gëtt, an datt awer d’Nischepolitik weidergefouert gëtt, fir datt d’Betriebssteuer insgesamt weider erofgeet. D’CSV ass an hirem Rôle, wa se dat mécht. Ech hoffe just, datt d’Regierung an hire Majoritéit capabel ass, fir sech deem entgéintzesetzen.

Wat den Zukunftspak ugeet, Spuerpak oder egal wéi mer et wëllen nennen...

(Interruption)

Oh, datt ass eng aner Diskussiouen. Iwwert d’Austeritéit kann een och diskutéieren. Ech mengen, mir sollte wierklech eng kéier driwwer diskutéieren, datt Der emol wësst, wat Austeritéit ass!

Wat de Spuerpak ugeet - dat heescht, d’Bierger an d’Stéit bezuelen dat, wat anerer net bezuelen -, wëll ech op e puer Punkten agoen. Dat Eischt ass déi TVA-Erhéijung. Ech wëll emol fir d’Eischt d’Feststellung maachen, datt déi Eenzeg, déi eng TVA-Erhéijung fir d’Kompensatioun, fir den Ausfall vum elektronische Commerce, déi Eenzeg, déi eng TVA-Erhéijung an hirem Wahlprogramm haten, datt dat d’CSV war a soss keng Partei.

Dann ass et e bësse komesch, wann d’CSV hei mécht, wéi wann dat elo ee grouse Problem fir si wier, d’TVA-Erhéijung. Si sollen offe soen, datt se derfir waren an datt se derfir sinn!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat soe mer offen. A mir répétéieren et nach eng kéier, mir hunn et all kéiers d’selwecht gesot, Här Turpel!

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Okay. Da si mer eis zumindest eens, datt d’CSV virun de Wahlen an d’Regierung no de Wahlen déi ongerechtste Steuer, déi et iwwerhaupt gëtt, wëllen ausbauen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat sot Dir.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - 2%... Jo, dat soen net nëmmen ech, dat seet d’Caritas. D’Caritas seet, et ass déi ongerechtste Steuer, déi Der lech iwwerhaupt kënnst virstellen! Dir hutt lech d’lescht kéier op d’Caritas beruff, da wëll ech lech dat och elo soen. A si mengen et seriö a si kënnen et och argumentéieren.

Ausser beim superreduzierte Steiersaz soll se ëm 2% an d’Luucht goen. An et ass beileiwen net nëmmen esou, datt alles, wat eng normal Famill brauch, am superreduzierte Steiersaz dran ass. Am reduzierte Steiersaz, dee vu 6 op 8 geet, ass d’Energie dran, Gas, Stroum an eng ganz Rei aner Saache fir normal Bierger. An am normale Steiersaz vu 15 op 17% sinn all d’Produkte dran, dat geet vun Autoen iwwert den Électroménager bis alles, wat iergendwéi Manufacture ass, sinn do dran.

An d’Präisser zu Lëtzebuerg leien iwwert deene vun anere Länner, wat méiglecherweis och e Problem ass fir de Commerce oder de Problem vum Commerce wäert verschlëmmen. Wéi wäit wierkt d’TVA-Erhéijung sech op den Endpräis aus? Dat ass jo déi grouss Diskussiouen. Dat ass jo d’Gretchenfrage.

D’CSL, fir se nach eng kéier ze zitéieren, well se ebe seriö schafft an och seriö Etüde mécht, huet mat dem Deutschen Institut für Wirt-

schaftspolitik zesummen eng Etüd gemaach, déi Der hoffentlech kennt, déi seet, datt d’TVA-Belaaschtung vun de Stéit vun 9,59 op 10,82%, dat heescht ëm 1,16% an d’Luucht geet. Dat sinn an der Moyenne 480 Euro, déi ee Stot méi muss bezuelen duerch d’TVA-Erhéijung. Ënner Berücksichtigung, datt de superreduzierte Saz net an d’Luucht geet. A si soen, dat ass zwëschen 290 a 790 Frang, Euro, jee no Akommeslag.

Woubäi et awer esou ass, datt fir déi ënnescht Akommessen d’Belaaschtung méi grouss ass wéi fir déi iewesch Akommessen. Fir déi ënnescht Akommesse sinn dat 0,9%, zum Beispill, déi, déi de soziale Mindestloun kréien. A fir déi iewesch Akommesse sinn et 0,6%. An elo soll emol nach ee mir soen, wéi déi 0,1% soziale Mindestloun, déi se bäikréien, wéi déi déi 0,9% do sollen ophiewen. Also gëtt hei eng Politik gemaach och op...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Duerch den Index.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Jo, den Index, dee weit awer just dat op, wat d’Liewensdeierecht... Jo, mä mat där Verschiebung, déi de Moie gesot ginn ass, wou de Finanzminister gesot huet, hie wier frou, datt dat esou spéit kéim, datt...

(Interruption)

Jo. Solle mer emol d’Verschiebung ausrechnen? Wësst Dir, wat Dir mat der Index-Manipulation bis elo gemaach hutt vun 2006 un?

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Oh! Oh!

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - 1,5 Milliarden hutt Dir de Stéit virethalen, inklusiv deene mam soziale Mindestloun. Inklusiv deene mam soziale Mindestloun! An och, Här Bodry, dat kënn Dir net ofstreiden, dat ass eng Politik, wou jiddwereen iwwert dee gläiche Leescht gezu gëtt. An dat ass de Géigendeel vun där Politik, déi Dir eigentlech verteidegt hutt. An Dir fuert riicht duerch domadder weider. Wat Der vun Dommheeten ënnert där leschter Regierung gemaach hutt, macht Der elo an där Hisiicht do weider!

Iwwert d’Diskussiouen vun der UEL, fir ze soen, d’Betriber géifen et zu 75% droen, ech mengen, do brauche mer net laang ze diskutéieren. Souguer d’Chiffere vun der Regierung, déi awer d’CSL a Fro stellt, soen: 50% fir d’Stéit, 50% fir d’Betriber, de Stat an d’Gemengen. Woubäi een dann och muss wëssen, datt bei de Betriber dat nach laang net all Betriber betrëfft, mä nëmmen déi, déi se net herno kënnen ofsetzen. D’CSL huet iwwregens gefrot, datt d’Regierung géif déi Chifferen, datt dat 50:50 wier, emol eng kéier géif beleeeën. Dat ass leider, souwäit wéi ech dat matkritt hunn, och net geschitt.

Ech ginn och net weider op d’Akzisen an. Ech mengen, datt awer och d’Akzise just als finanzpolitesche Problem gesi gi sinn, an net als Chance, fir eng aner Gesondheetspolitik ze maachen.

Wat d’TVA um Logement ugeet, wat d’Zweetwunnengen ugeet, bedauere mer nach eng kéier, datt keng Etüd gemaach ginn ass, fir d’Konsequenzen ze kucke fir d’Loyereren. D’Regierung hofft a biet vläicht och, ech weess et net, datt d’Gewënnmargé vun den...

(Interruption)

Net all, net all.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat war déi viregt Regierung.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Okay, okay. Ech si mer awer net esou sécher, ob do net heiansdo gebiet gëtt, well ganz op objektiven Donnéeë baséiert dat net. D’Hoffnung, datt d’Promoteuren hir Gewënnmargé fräiwëlleg reduzéieren, bleift fir mech ee fromme Wonsch, fir deen een da biet oder net biet, mä dat wäert keng Realitéit ginn, soudatt awer dat wäert op d’Stéit, déi musse loune goen, ëmgeleucht gëtt.

En plus ass et esou, datt déi Steuerreduktioun, déi ee konnt kréien, op 50.000 Euro beim Invest, engem erlaabt huet, fir 416.000 Euro ze investéieren, an datt et an Zukunft nëmme méi erlaabt, fir 375.000 Euro ze investéieren, well Der net bereet waart, fir déi Steuerreduktioun an d’Luucht ze setzen. Dat mécht fir een, deen dat nämlecht investéiert wéi virdrun, ee Verloscht vu 7.246 Euro!

An zum Schluss bei dem Logement wëll ech nach drop hiweisen, datt déi TVA-Erhéijung och stëmmt (veuillez lire: géllt) fir d’Gemengen, fir d’Communauteiten, fir déi, déi Gemeinschaftswunnenge bauen, an dann och fir all d’Asblen, an och dat ass net ganz seriö.

Déi nei Steuer, op déi de Serge Urbany muer méi wäert agoen, vun 0,5%. Also, éischtsens muss ee sech froen, dee ganzen Duerjeeren: Wat ass et? Ass et eng Steuer? Ass et eng Sozialofgab? War dat néideg? Neen, et war net

néideg, well et ass vun Ufank un drop higewise ginn, datt et net dat kéint sinn.

Elo ass et eng Steuer, eng speziell Steuer, wou de Premier de Moien dem Finanzminister félicitéiert huet, datt elo dee ganze Salaires social minimum géif immuniséiert ginn.

Ech wëll drun erënneren, datt ech genee dat nämlecht hei gesot hat, wéi se hei virgestallt ginn ass, an de Premier gesot huet, dat kéim net a Fro. Also ass dat och net ee Resultat nëmme vum gudde Wëlle vun deem engen oder anere Minister, mä et ass e Resultat vun der Mobiliséierung vun de Gewerkschaften.

De Serge wäert muer méi op d’Sozialpolitik, d’Familljepolitik, Aarbecht, Chômage a sozial Sécherheet...

(Brouhaha)

...agoen.

(Brouhaha)

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.** - Hien huet nach zéng Minutten. Esou geet dat net...

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Macht lech do keng Suergen. Macht lech do keng Suergen, mir wëssen, mir deelen net ënnertenee wéi Dir mat de Leit dobaussen...

► **Plusieurs voix.** - Ooh! Aah!

(Interruptions diverses)

► **Une voix.** - Dat do ass gutt gedeelt. Esou rechne mer...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Denkt un Är Stonn! Dir hutt just nach eng Véirelstonn.

(Interruptions diverses)

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Här President, ech ginn awer dovun aus, datt déi Zäit, wou ech ënnerbrach gi sinn a Froe gestallt kritt hunn, datt Der mer déi awer bäisetzt.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Wéi war dat mam Zuch?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Loosst lech net provozéieren!

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.** - Dat ass deen Zuch, deen no vir fiert a wou een och no hannen...

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - An dee géif no hanne lafen.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dem Här Urbany seng Zäit leeft of!

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Wichteg fir mech ass et nach, zwee Wuert ze soen zu de Rulingen, déi elo eng legal Basis hei solle kréien. Dat ännert näischt un der Problematik, déi domadder opgeworf ass. Et ännert och näischt drun, datt mer iwwerhaupt net wëssen, wou mer dru sinn, datt een onbedéngt eng Bestandsopnahm bräicht, datt déi Froen, déi mer gestallt hunn, ëm wéi vill datt et iwwerhaupt geet, wat iwwerhaupt do nach erakënn, datt déi Froen net beäntwert sinn. Ech bedauern, datt dat eréischt d’nächst Joer geschitt.

Mir bedauern d’Feele vun Transparenz. Sécherlech hätt eng Enquêtékommision do méi schnell Kloeerheet bruecht. An och fir d’Zukunft, menge mer, datt déi Transparenz misst garantiert sinn, datt ee sech muss eens ginn iwwert d’Besteuerungsbasis an Europa an datt ee sech och misst eens ginn iwwer ee Mindeststeiersaz.

Ech wëll do nach eng kéier d’Union vun de Finanzbeamten zitéieren, déi soen: «...introduire une part incompressible et inconditionnelle d’impôt sur les bénéfices partout en Europe.» Dat heescht, es Sockel festleeën als Minimum, dee fir jiddweree méi bréngt.

An d’Fro, déi sech stellt, ass, ob mer mat enger korrekter Besteuerung, déi wierklech erëm Steiergerechtgeet an Europa géif schafen zwëschent der Aarbecht an dem Kapital, fir dann déi béis Wieder ze gebrauchen, wa mer dat géife maachen, ob net all Stat dovunner méi hätt.

An ech hätt mer gewënscht, mir hätten an enger ëffentlecher Debatt hei kënnen offen a seriö iwwert d’Rulingen diskutéieren, statt datt mer elo hei just ee Saz an engem Gesetz hunn, deen am Fong geholl eng Praxis, déi net gutt ass, soll legaliséieren. Mir stellen eis och weider Froen iwwert d’Legalitéit. Mä fir déi ëffentlech Debatt, do waart Der net d’accord. An dat ass ze bedauern. D’ganz Welt diskutéiert driwwer, just mir net!

Wat de Fonds souverain ugeet, mengen ech, stellt d’Fro sech, ob ee wierklech soll ee Fong maache mat Suen, déi ee muss léine goen. An



d’Fro, déi mir eis stellen, ass: Wou ginn déi Suen ugeluecht? Wat geschitt domat? Ginn déi erëm op internationale Finanzmäert investéiert oder hëllef se der realer Lëtzebuerger Wirtschaft? Ech gräfen awer d’Iddi op, déi de Franz Fayot gesot huet, vun engem Emprunt populaire, wat fir eis eng wichteg Saach ass.

Wat d’Gemengen ugeet, d’Méibelaaschtung vun de Gemengen, do gëtt jiddwereen aner Zuelen. D’CSV schwätzt vun 139 Milliounen, den Innenminister schwätzt vu 60 Milliounen, de Syvicol vun 100 Milliounen. Ech ginn emol dovun aus, datt déi vum Innenminister emol wäit ënnerdriwwer sinn, well d’Gemeng Lëtzebuerg effektiv eleng scho 27 Milliounen Décheuten huet. Mä d’Resultat ass, datt gespuert gëtt op d’Käschte vun de Gemengen. Dat ass ee Fait! An trotz verschiddene Kompensatiounen, beispillsweis beim soziale Wunnengsbau, wou vu 70 op 75% den Taux erëm eropgeet, dat gëtt erëm opgefriess duerch dat, wat ee méi un TVA muss bezuelen.

Ënnert dem Stréch kréien d’Gemenge manner. D’Bierger wäerten dofir musse bezuelen. A mir wäerten hoffentlech geschwënn diskutéieren iwwer eng Gemeengefinanzreform. Woubäi ech awer hoffen, datt opgepasst gëtt, datt, wa mer eng Reform maache vun der Grondsteuer, fir déi mer alleguerste sinn, mengen ech, an do d’Base d’assiette emol nei definéiert gëtt, datt mer awer dat immuniséieren, wat een normale Stot brauch fir eng Wunneng. Well et kann net erëm sinn, datt dorobber elo Sue méi sollen agezu ginn. Dat schéngt eis ee wichtige Punkt ze sinn.

An ech hoffen, datt dat net stëmmt, wat am „Lëtzebuerger Land“ an engem Artikel ugedeit

gi war vun engem vun de Beroder vun der Regierung oder vun enger vun de Parteie vun der Regierung, datt nämlech eng nei Biergersteuer op Gemengenebene soll agefouert ginn, well ee jo bei de Betriber näischt méi kéint huelen, an da misst een et bei de Bierger huelen. Mä ech mengen, dat sinn Diskussiounen, op déi mer zrëckkommen.

Wat d’Schoulen ugeet, bedauern ech, datt de Minister Meisch, deen eng ganz Rei Saache richtgebéit huet am Schoulberäich, wat d’Bilannen ugeet, d’Formation professionnelle ugeet, datt elo de Spuerwahn do mat him duerchgaangen ass, fir fir d’Éischt d’Tâche wëllen erofsetzen, dunn d’Stonnen um Enn vum Joer, dunn d’Grille horaire fir d’Schüler, an esou een Duerjernee gebaut huet, datt mer net wëssen, ob déi nächst Examen iwwerhaapt nach kënne stattfannen. D’Schoul ass ee Secteur, an dee mer mussen investéieren. Et gëtt jo och méi dran investéiert. An dee Spuerwahn, deen do proposéiert gëtt, dee baséiert op näischt. A scho guer net op engem Sozialdialog!

Wat d’Pressehällef ugeet, mengen ech, ass et gutt, datt dee Moratoire geschwat ginn ass. Mä besser wéi ee Moratoire wier, datt een dat definitiv kéint vergiessen, well och do stinn Aarbechtsplazen um Spill. A mir mussen dorüwer diskutéieren.

D’Immuniséierung vun deem, wat een un de Fonds national de solidarité muss zrëckbezuelen, ass erëm op iwwer 230.000 eropgesat ginn. Et war virgesinn, op 50.000 erofsetzen. Och dat ass geschitt ënnert dem Drock vun de Gewerkschaften.

An ee leschte Punkt, deen ech wëll opwerfen, ass dee vum Personal beim Stat. Mir ginn an...

(Interruption par M. Alex Bodry)

An enger ganzer Rei Verwaltungge gi mer domat konfrontéiert, datt mer gesot kréien: Déi Verwaltung huet net genuch Personal, fir dat an dat ze maachen. Sief dat eng Bibliothék, Pardon, een Nationalarchiv op Belval ze plangen oder x aner Saachen. De Stat huet e Besoin un zousätzlech Personal. En ass net chiffréiert. Et miss een e chiffréieren, fir datt mer och do widerkommen. An de Minister vun der Fonction publique huet dat och gesot, datt dat ee Problem wier.

Et gëtt gesot vum Finanzminister de Moien, et léich elo alles um Dësch. Et wier alles um Dësch fir déi nächst véier, fënnf Joer. Mir bezweifelen dat. Mir bezweifelen dat! „Alles um Dësch“ géif jo heeschen: Et läit alles vir. Verschidde Saache sinn nach net berechent. A verschidde Saache sinn nach net am Detail gekuckt, mä d’Mesurë leien alleguerste vir. Dat géif heeschen, datt nieft deenen 258 Mesurë keng aner dobäikéim bis zu deene 500.

Mir zweifelen awer dorunner, well déi Politik, déi Der hei maacht, d’Fortsetzung ass vun der Politik, déi Der mat der CSV gemaach hutt. An et wäert ëmmer eng Ursach fonnt ginn, fir d’Ëmverdeelung weiderzedreiwen (veuillez lire: fir d’Ëmverdeelung vun ënnen no uewen weiderzedreiwen), fir d’Spuermoossname weiderzedreiwen. A spéitstens déi nächst Kris, iwwert déi kee schwätzt, wäert dat mat sech bréngen, wat ech virdru gesot hunn.

Schlussfolgernd soen ech, datt dat heite keng kopernikanesch Revolutioun ass. Ech hu schonn eng Kéier gesot: Ech mengen, d’Regierung versteet näischt vu Revolutioun. Bezuelen dinn d’Stéit an d’Leit, déi schaffe ginn. Et kascht

Aarbechtsplazen. D’CSV ass keng Alternativ. Si mécht datselwecht, och wa se e puer aner Akzenter setze wëllt mat méi Aspuerungen.

Dat, trotz Alternativen, déi esou laang net berücksichtegt ginn, wéi den Drock vun der Strooss a vun dobaussen an d’Mobiliséierung vun de Gewerkschaften et net imposéiert, mengen ech, ass een Zeechen, fir ze wëssen, datt ee genee an déi Richtung muss goen an nëmme sech dann eppes ännert.

Ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

(Brouhaha et interruptions)

► **M. Justin Turpel** (déi Lénk).- Neen, plus...

(Interruption par M. Marc Angel)

Plus déi Zäit vun de Froen, wou d’Auer weidergelaft ass.

(Interruptions)


Neen, Här Angel, d’Auer war net stoe bliwwen. Ech hu se gesinn. An Dir hutt net gekuckt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen, ech mengen, den Här Urbany brauch net esou laang, well e konnt sech de Luxus vun engem Pressespriecher leeschten!

Domat si mer um Enn vun der Réunioun vun den Owend ukomm. Eng laang Réunioun. Rendez-vous muer de Moien ëm néng Auer fir déi nächst Riedner zum Budget an deenen anere Gesetzter. Domat si mer um Enn.

Ech hiewen d’Sëtzung op, a kommt gutt heem!

(Fin de la séance publique à 19.44 heures)



SÉANCE 18

JEUDI,
18 DÉCEMBRE 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • M. Henri Kox, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- M. Mars Di Bartolomeo, Président
2. 6720 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2015 [...] (suite)
6721 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2014 à 2018 (suite)
6722 - Projet de loi relative à la mise en œuvre du paquet d’avenir - première partie (2015) [...] (suite)
- Discussion générale (suite): M. Gilles Roth, Mme Joëlle Elvinger, M. Claude Haagen, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser (suite) (dépôt de deux amendements), M. Serge Urbany, M. Marc Spautz (interventions de M. Alex Bodry, M. Claude Haagen, M. Eugène Berger, M. Gast Gibéryen, M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale, M. Claude Wiseler, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Loschetter) (dépôt d’un amendement et d’une motion), M. Gusti Graas (interventions de Mme Octavie Modert), M. Roy Reding (interventions de M. Claude Haagen), (dépôt d’une motion), Mme Françoise Hetto-Gaasch (dépôt de deux amendements et d’une motion)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Félix Braz, Nicolas Schmit, Romain Schneider, Fernand Etgen, Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, M. Dan Kersch et Mme Corinne Cahen, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- E schéine gudde Moien. Ech maachen d’Sëtzung heimat op.

Huet d’Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci, Här Finanzminister. Da gi mer zu eisem Ordre du jour iwwer, eis Diskussioun iwwert de Statsbudget 2015, d’pluriannuel Finanzplanung an de sougenannten „Zukunftspak“.

Éischtens ageschriwwene Riedner ass fir d’CSV den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d’Wuert.

2. 6720 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2015 [...] (suite)

6721 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2014 à 2018 (suite)

6722 - Projet de loi relative à la mise en œuvre du paquet d’avenir - première partie (2015) [...] (suite)

Discussion générale (suite)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d’Éischt dem Rapporteur vum Budget 2015, dem Kolleeg Franz Fayot, Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Bericht. Ech muss soen, wann een eng Kéier d’Chance hat oder d’Eier hat, selwer Budgetsrapporteur ze sinn, da weess een, mat wéi vill Aarbecht de Rapport vun engem Budget verbonnen ass. Et ass eng nobel Aufgab. An duerfir géllt dem Franz Fayot haut all eise Luef. Ech soen och der Madame Viviane Loschetter Merci fir hire Rapport zu dem Zukunftspak, dee fir eis CSV - opposition oblige - ee Bezuelpak ass.

Här President, elo zur Saach: Ronn 98% vun eise Budgetsrecetten, déi komme vun de Steiereinnahmen. D’Fro, déi ee sech eigentlech bei de Steierreccettë regelméisseg muss stellen, ass déi: Ass eis Steuerlandschaft hei zu Lëtzebuerg allgemeng gutt gestréckt? Ass se kompetitiv am Verglach zu dem Ausland? An ass se virun allem a puncto Verdeele vun der Steuerlaascht heiheem richteg ausgeglaach?

Éischtens zu de Steiere vun de Léin an de Gehälter: D’Steieren op de Léin an de Gehälter, déi si vun 2010 bis 2015 vun 2,1 op 3,3 Milliarden Euro an d’Luucht gaangen. Dat ass eng Steigerung vu 57%.

Et ass esou, dass de sougenannten „ouvrier moyen“, dat ass eng international Norm fir d’Steierlaascht ze präiwen, mat engem Joresverdéngscht zu Lëtzebuerg vun 52.000 US-Dollar, dat sinn ongeféier 40.000, 41.000 Euro, bestuet, zwee Kanner, dee behält no Steieren a Sozialtransferten, wéi Kannergeld, Steierbonnen a Familienzouwendungen, ronn 99% vu sengem Bruttoloun als Nettoloun. Den duerchschnëttlechen OCDE-Wäert, dee läit hei bei 85% an an der Europäescher Unioun läit e bei ronn 83%.

Mat engem Duerchschnëttsloun vu 4.300 Euro de Mount ass een zu Lëtzebuerg schonn als Jonggesell um virleschte Steiersaz mat 39%, bei enger Famili an der Steierklass 2 bei 8.600 Euro. Derzou kënnt dann nach d’Solidaritéitssteuer vu 7% op deenen 39% verrechent an dann och nach zousätzlech integral déi 0,5% nei Steuer aus dem Bezuelpak. Rechent een dann och nach d’sozial Laaschten derbäi, wéi d’Pensioun respektiv d’Assurancen, da kritt de Stat eigentlech bei deene betraffene Persounen fir all 100 Euro méi wéi d’Halschent zrëck.

Här President, dës zwee Beispiller, déi verdäitlechen den eigentleche Problem vun eise aktueller Steiertariff fir Privatpersounen. Ee relativ niddrege Revenu gëtt insgesamt net staark besteiert, mä et kënnt een duerch den Tariff séier op déi héich Spëtzesteiersätz erun, an duerfir fällt d’Steierlaascht och zum groussen Deel op de sougenannten „Mëttelstandsböckel“.

Wat sinn dann elo fir d’CSV d’Elementer vun enger Steierreform fir Privatpersounen?

D’CSV ass der Meenung, dass eng Adaptatioun vun dem Steiertariff sech opdrängt, fir de Mëttelstandsböckel ofzeblaachen. Do hätt ee fir 2015, eiser Meenung no, scho kënnen en éischte Schrëtt maachen. De Steiertariff sollt ee strecken, dass ee méi spéit op de Spëtzesteiersaz kënnt. Mir hätten déi 0,5% Steuer an en ofgeblaachte Steiertariff agebonnen. Dat wier och méi sozial gerecht gewiescht. Well een, deen e manner héicht Steierakommes huet, fir dee sinn déi 0,5% proportional eng méi staark Belaaschtung.

D’CSV versteet duerfir net, firwat déi ugekënnegt Steierreform, wa se da wirklech sollt kommen - wat mer hoffen -, eréischt fir d’Enn vun der Legislaturperiod virgesinn ass. Well eng Netupassung vun der Steiertabell, déi bréngt dem Stat um Niveau vun der Loun- a Gehaltssteuer zousätzlech 300 Milliounen Euro pro Joer.

D’CSV ass och der Meenung, dass een déi sougenannt Steierabatementen, d’Sonderausgaben, also d’Dépenses spéciales, wéi d’Ofsetze vu Scholdzënsen, d’Assurancen, d’Bausparvertrag, misst iwwerkucken. Vun deenen Abatementer profitéiert eigentlech just deen, dee wirklech Steiere bezilt. Ass dat versteierlecht Akommes méi héich, dann ass den „Steiergewënn“ - entre guillemets - och méi héich iwwert de Wee vun dese Steierabatemente respektiv den Dépenses spéciales.

E Stot zum Beispill mat zwee Kanner an engem Bruttoakommes vu ronn 50.000 Euro pro Joer profitéiert vun der steierlecher Ofsetzbarkeet vu Scholdzënsen, Assurancen a Bausparvertrag zesummen ëm ronn 2.000 Euro. De Steierbenefiss fir e Stot dergéint mat engem Bruttoakommes vun 125.000 Euro oder méi, mä dee profitéiert vun deenen Ofsetzbarkeeten, Steierabatementen an Dépenses spéciales ëm ronn 5.500 Euro. Een, dee keng Steiere bezilt, huet näischt vun deenen Abatementen.